



GEMENGENINFO

RAPPORTS DES CONSEILS COMMUNAUX
DU 14.09.2018 ET DU 04.10.2018





SOMMAIRE

RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL DU 14 SEPTEMBRE 2018

RAPPORT SOMMAIRE EN FRANÇAIS	04
1. CORRESPONDANCE	06
2. AVIS SUR LES AVANT-PROJETS DE RÈGLEMENTS GRAND-DUCAUX RENDANT OBLIGATOIRE LES PLANS SECTORIELS « TRANSPORTS », « LOGEMENT », « ZONES D'ACTIVITÉS ÉCONOMIQUES » ET « PAYSAGES » - DISCUSSION ET DÉCISION	07

Séance à huis clos

3. OFFICE SOCIAL – REMPLACEMENT D'UN MEMBRE AU CONSEIL D'ADMINISTRATION

4. PERSONNEL

- 4.1. Nomination d'un fonctionnaire communal B1, sous-groupe technique
- 4.2. nomination d'un employé communal B1, sous-groupe éducatif et psycho-social, à tâche variable
- 4.3. nomination avec décision de classement de 6 employés communaux C1, sous-groupe éducatif et psycho-social, à tâches variables

RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL DU 4 OCTOBRE 2018

RAPPORT SOMMAIRE EN FRANÇAIS	04
1. CORRESPONDANCE	30
2. CIRCULATION	30
2.1. Modification du règlement général de la circulation du 13 juillet 2018 - parking CCRD/CNA	
2.2. Modification du règlement général de la circulation du 13 juillet 2018 - parking Fohrmann	
2.3. Approbation de la réglementation temporaire de la circulation à l'occasion des grands marchés en 2019	
3. MODIFICATION DU RÈGLEMENT GÉNÉRAL DE POLICE	36
4. FINANCES COMMUNALES	39
4.1. Approbation de la convention passée avec l'État du Grand-Duché de Luxembourg au sujet de la mise à disposition de la partie du terrain appartenant à l'État du parking CCRD/CNA	
4.2. Abrogation des chapitres 1 - Ambulances - et 15 - Incendie et sauvetage - du règlement-taxes général	
4.3. Modification du chapitre 3 - Bibliothèque - du règlement-taxes général	
4.4. Approbation d'un acte de vente passé avec Madame Juliette Elise Hélène Bettendorf et Monsieur Aloyse Paul Charles dit Aly Bettendorf	
4.5. Approbation du devis estimatif relatif à l'acquisition de 2 appartements pour l'aménagement de logements sociaux «op Lenkeschléi»	
4.6. Approbation du devis estimatif relatif aux travaux de réfection de la toiture de l'école Baltzing	
4.7. Approbation du crédit spécial relatif aux travaux de réfection de la toiture de l'école Baltzing	
4.8. Approbation des modifications à apporter au budget ordinaire de l'exercice 2018	
4.9. Approbation de la déclaration de recettes non-réglées de l'exercice budgétaire 2017	
4.10. Approbation de l'état des recettes restant à recouvrer à la clôture de l'exercice budgétaire 2017	
4.11. Approbation de décomptes	
4.12. Fixation du taux de l'impôt commercial pour l'année 2019	
5. COMMISSIONS CONSULTATIVES - CHANGEMENTS AU SEIN DE LA COMMISSION SCOLAIRE ET DE LA COMMISSION DE SURVEILLANCE DE L'ÉCOLE RÉGIONALE DE MUSIQUE	46



6. CONGÉ POLITIQUE SUPPLÉMENTAIRE À ACCORDER AUX MEMBRES DE BUREAUX DANS LES SYNDICATS DE COMMUNES 47

7. PERSONNEL - CONVERSION D'UN POSTE VACANT D'EMPLOYÉ COMMUNAL EN POSTE DE RECLASSEMENT PROFESSIONNEL INTERNE SOUS LE STATUT DU SALARIÉ 47

8. QUESTIONS AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS 47

Séance à huis clos

9. ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL - APPROBATION DE DIFFÉRENTS CHANGEMENTS DANS L'ORGANISATION SCOLAIRE 2018-2019 (ÉCOLE GAFFELT ET ÉCOLE STRUTZBIERG)

10. OFFICE SOCIAL - APPROBATION D'UNE DÉCISION DU CONSEIL D'ADMINISTRATION DE L'OFFICE SOCIAL DE DUDELANGE RELATIF AU DÉPART À LA PENSION D'INVALIDITÉ D'UN EMPLOYÉ COMMUNAL

11. PERSONNEL

- 11.1. Démission d'un employé communal, carrière de l'aide éducateur, service éducation et accueil
- 11.2. Augmentation de la tâche hebdomadaire variable d'un employé communal, catégorie d'indemnité B, groupe d'indemnité B1, sous-groupe éducatif et psycho-social (anciennement éducateur diplômé), service éducation et accueil
- 11.3. Augmentation des tâches hebdomadaires variables de 3 employées communales, catégorie d'indemnité C, groupe d'indemnité C1, sous-groupe éducatif et psycho-social (anciennement aide-éducateur), service éducation et accueil
- 11.4. Nomination d'un(e) employé(e) communal(e), catégorie d'indemnité A, groupe d'indemnité A2, sous-groupe éducatif et psycho-social (anciennement éducateur gradué), à plein temps et à durée indéterminée, service éducation et accueil
- 11.5. Nomination d'une employée communale, catégorie d'indemnité A, groupe d'indemnité A2, sous-groupe éducatif et psycho-social (anciennement éducateur gradué), à plein temps et à durée indéterminée, service maison des jeunes
- 11.6. Nomination d'un(e) employé(e) communal(e), catégorie d'indemnité B, groupe d'indemnité B1, sous-groupe éducatif et psycho-social (anciennement éducateur diplômé), à plein temps et à durée indéterminée, service maison des jeunes
- 11.7. Nomination provisoire d'un fonctionnaire communal, catégorie de traitement B, groupe de traitement B1, sous-groupe technique, service architecture et domaines
- 11.8. Nomination définitive d'un fonctionnaire communal, catégorie de traitement D, groupe de traitement D2, sous-groupe à attributions particulières, service de la circulation - agents municipaux
- 11.9. Nomination d'un fonctionnaire communal, catégorie de traitement A, groupe de traitement A2, sous-groupe scientifique et technique (anciennement ingénieurtechnicien), service de la circulation
- 11.10. Promotion à accorder à un fonctionnaire communal
- 11.11. Démission à accorder à un fonctionnaire communal
- 11.12. Départ à la retraite d'un fonctionnaire communal



RAPPORT SOMMAIRE DE LA SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU 14 SEPTEMBRE 2018

Présents: Messieurs Dan Biancalana, bourgmestre; Loris Spina, René Manderscheid; Mesdames Josiane Di Bartolomeo-Ries et Claudia Dall'Agnol, échevins. Mesdames Sylvie Andrich-Duval, Martine Bodry-Kohn; Messieurs Bob Claude, Jean-Paul Friedrich, Jean-Paul Gangler, Robert Garcia; Madame Romaine Goergen; Messieurs Vic Haas, Yves Jadin; Madame Michèle Kayser-Wengler; Monsieur Claude Martini; Madame Emilia Oliveira et Monsieur Romain Zuang, conseillers. Patrick Bausch, secrétaire communal.
Absent: Monsieur Henri Glesener, conseiller communal, excusé.

Début de la séance à 08.00 heures.

Monsieur le bourgmestre ouvre la séance en souhaitant la bienvenue à tous les membres. Au point correspondance, Monsieur le bourgmestre porte les informations suivantes à la connaissance du conseil communal:

- la demande d'entrevue du groupement biireng21 avec le collège des bourgmestre et échevins, adressée pour information au conseil communal;
- le report de la réunion de consultation citoyenne, en présence de Monsieur le Ministre du Développement durable et des Infrastructures, réunion dans le cadre de la discussion de la suppression des liaisons directes en train entre Dudelange et Luxembourg-Ville et des alternatives de transport public;
- Dudelange compte avec effet au 1er septembre 2018, 21'027 habitants et 10'173 électeurs.

Madame Claudia Dall'Agnol informe le conseil communal que les moyens de transport en commun dispensés par le TICE et les CFL sont gratuits pour tous les utilisateurs

pour la semaine européenne de la mobilité du 16 au 22 septembre 2018, ceci pour tout le territoire de la Ville de Dudelange.

Il est alors procédé à la liquidation de l'ordre du jour de la réunion, ordre du jour qui comporte un unique point en séance publique, à savoir l'avis à formuler sur les avant-projets de règlements grand-ducaux rendant obligatoire les plans directeurs sectoriels «logement», «paysages», «transports» et «zones d'activités économiques». Après discussion, le conseil communal, avec 12 voix et 6 abstentions, avale le projet d'avis tel que présenté par le collège des bourgmestre et échevins, tout en lui apportant certaines précisions suggérées par les conseillers communaux.

La séance se poursuit ensuite à huis clos.

Fin de la séance vers 10.15 heures.

RAPPORT SOMMAIRE DE LA SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU 4 OCTOBRE 2018

Présents: Messieurs Dan Biancalana, bourgmestre; Loris Spina, René Manderscheid (sauf pour le point 4.3 de l'ordre du jour); Mesdames Josiane Di Bartolomeo-Ries et Claudia Dall'Agnol, échevins. Mesdames Sylvie Andrich-Duval, Martine Bodry-Kohn; Messieurs Bob Claude, Jean-Paul Friedrich, Jean-Paul Gangler, Robert Garcia, Henri Glesener; Madame Romaine Goergen; Messieurs Vic Haas, Yves Jadin; Madame Michèle Kayser-Wengler; Monsieur Claude Martini; Madame Emilia Oliveira et Monsieur Romain Zuang, conseillers. Patrick Bausch, secrétaire communal.

Début de la séance à 13.30 heures.

Monsieur le bourgmestre ouvre la séance en souhaitant la bienvenue à tous les membres. Il est de suite procédé à la liquidation de l'ordre du jour de la réunion.

1. Aucune correspondance à destination des conseillers communaux n'a été portée à l'ordre du jour de la réunion.

2. Après discussion, le conseil communal décide à l'unanimité d'ajourner les points numéro 2.1 ayant trait à la réglementation du parking CNA/CCRD et du point s'y référant sub numéro 4.1 de l'ordre du jour, concernant la convention passée entre la Ville de Dudelange et l'Etat du Grand-Duché de Luxembourg au sujet de la mise à la disposition à la Ville de la partie de terrain appartenant à l'Etat du parking CNA/CCRD en vue de sa réglementation. Lesdits points seront à porter à l'ordre du jour

d'une prochaine réunion du conseil communal en vue de leur approbation. Deux autres règlements de la circulation sont approuvés avec les voix de tous les conseillers communaux, à savoir:

- la modification du règlement général de la circulation pour mettre en conformité la réglementation du parking payant Fohrmann à la situation réelle;
- la réglementation temporaire de la circulation à l'occasion des grands marchés pour l'année 2019.

3. Avec 12 voix contre 6 et une abstention, sont abrogées, les dispositions de l'article 40 du règlement général de la police de la Ville au sujet de la défense à toute personne de paraître dans les rues, places et lieux publics à visage couvert ou cagoulé, déguisé ou travesti à l'exception des cas dûment autorisés par la loi. Cette abrogation s'impose pour des raisons de mise en



conformité par rapport à la loi du 23 mai 2018 portant modification de l'article 563 du Code pénal et par laquelle le législateur a créé l'infraction de dissimulation du visage dans certains lieux publics.

4. Finances communales.

Par des votes unanimes, le conseil communal,

- est d'accord d'abroger les chapitres 1 - Ambulances et 15 - Incendie et sauvetage du règlement-taxes général, ceci comme suite directe de l'entrée en vigueur de la loi du 27 mars 2018 portant organisation de la sécurité civile et création d'un Corps grand-ducal d'incendie et de secours ;

- approuve la modification du chapitre 3 - Bibliothèque du règlement-taxes général. Aux termes de cette modification, la Ville demandera dorénavant une taxe unique de 10,- € pour les livres non restitués à la fin de la durée réglementaire du prêt, ceci après l'envoi du troisième rappel, si les livres en retard ne sont pas retournés par le lecteur ;

- avalise l'acte de vente passé avec Madame Juliette Elise Hélène Bettendorf et Monsieur Aloyse Paul Charles dit Aly Bettendorf, acte aux termes duquel la Ville acquiert deux parcelles de terrain, sises à Boudersberg, lieu-dit « In Staemecht », terre labourable, faisant 2 hectares 59 ares 20 centiares respectivement 80 ares 40 centiares, ceci en vue de la création d'une surface pour la réalisation de mesures compensatoires de biotopes ;

- approuve le devis estimatif pour l'acquisition de 2 appartements en vue d'aménager des logements sociaux « op Lenkeschléi », pour un montant de 1'000'000€ ;

- marque son accord au devis estimatif et au crédit spécial afférent d'un montant de 28'000€ en rapport avec la réalisation de travaux de réfection de la toiture de l'école Baltzing ;

- avec 13 voix et 6 abstentions, le conseil communal approuve les modifications à apporter au budget ordinaire de l'exercice 2018. L'impact budgétaire (charge supplémentaire) pour l'exercice 2018 est de l'ordre de 65'660€.

A l'unanimité, sont approuvés,

- la déclaration des recettes non-réglementées de l'exercice budgétaire 2017 d'un montant total de de 144'345,32€ ;

- l'état des recettes restant à recouvrer à la clôture de l'exercice budgétaire 2017 et l'accord au collège des bourgmestre et échevins de poursuivre en justice les débiteurs qui figurent à état avec la mention « à poursuivre » ;

- les décomptes des travaux extraordinaires suivants :
- renouvellement de la rue Aline Mayrisch de St Hubert 178'935,43€

- renouvellement des fenêtres de l'école Brill 358'733,96€

- remise en état de la chaudière de l'Hôtel de Ville 77'846,72€

- mise en étanchéité de la terrasse de la piscine en plein air 27'938,17€

- le décompte des travaux d'aménagement de vestiaires au Stade Meyer pour un montant total de 1'949'685,58€ est approuvé avec 13 voix et 6 abstentions ;

- le décompte des travaux d'aménagement d'un local de nettoyage à l'école Baltzing pour un montant total de 75'604,41€ est avalisé avec 14 voix et 5 abstentions ;

- finalement, le conseil communal marque son accord avec toutes les voix pour fixer le taux à appliquer en matière d'impôt commercial pour l'exercice 2019 à 350%.

5. Les changements suivants au sein de différentes commissions communales sont acceptés à l'unanimité :

- commission scolaire : Monsieur Tom Streff remplace Monsieur Cyril Grün ;

- commission de surveillance de l'école régionale de musique : Madame Viviane Petry est nommée membre effectif et Monsieur Marcel Humbert est nommé membre suppléant.

6. Les congés politiques supplémentaires à accorder aux membres de bureaux dans les syndicats de communes sont accordés avec les voix de tous les conseillers communaux. Ainsi sept heures sont accordées à Monsieur René Manderscheid comme membre dans le bureau des syndicats STEP, Minett-Kompost et SIDOR et deux heures à Monsieur Loris Spina comme membre dans le bureau des syndicats SES et STEP.

7. Une conversion de poste vacant d'employé communal, catégorie de traitement D, groupe de traitement D1, sous-groupe administratif (anciennement carrière B1) à plein temps en poste de reclassement professionnel interne sous le statut du salarié à plein temps au département technique - équipe bus est approuvée à l'unanimité.

8. Trois questions de la fraction CSV ont été posées au collège des bourgmestre et échevins, questions auxquelles il est répondu séance tenante.

La séance se poursuit ensuite à huis clos.

Fin de la séance vers 16.30 heures.



GEMENGEROTSSÄTZUNG VUM 14. SEPTEMBER 2018

I. KORRESPONDENZ

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER):

Léif Kolleegen a Kolleginnen aus dem Gemengerot, schéine gudde Moien. Mir begréissen lech an eisem éischte Gemengerot vun der Rentrée, wou den Hauptplat virun Allem d'Positioun vum Diddelenger Gemengerot par rapport zu de Plan-sectoriellen ass, déi d'Regierung an d'Prozedur geschéckt huet. Dofir ass och haut de Moien esouwuel d'Chantal Zeyen wéi och d'Cathy Mambourg an dësem Gemengerot present. Éier mir awer op de Plat de résistance iwuer ginn, géing ech mat der Korrespondenz ufänken a wollt lech do nach zwou dräi Informatiounen ginn.

An Ärem Dossier hutt Dir e Courier vu Biireng21 leien, déi effektiv eis e Courier gemaacht hunn, respektiv awer och eis gebieden hunn, dat un de Gemengerot weiderzeginn, wou si och eng Entrevue ufroe fir eng Rei Punkten ze decidéieren. Mir hunn elo virun enger décker Woch wou mir och eisen éischte Schäfferot haten no der Summer-vakanz och hinnen en Datum proposéiert sou wéi si dat och hei gefrot hunn. Voilà, dat par rapport zum Courier vu Biireng21.

An den zweete Punkt, well ech elo net am Kader vun de Plan-sectorielle wollt doriwwer schwätzen, quitte datt et och d'Plan-sectorielle betrëfft awer indirekt. Dat huet am Fong mat där ganzer Diskussioun, mam ganze Biergerdialog ze dinn, den direkten Zug, d'Direktverbindungen, d'Takterhéijunge vu Wuermereng an d'Stad respektiv den Tram. Ech mengen do hu mir jo de Gemengerot scho méi wéi eng Kéier hei iwuer verschidden Etappen informéiert, respektiv et si Froen un de Schäfferot gestalt ginn an ech muss op alle Fall soen, datt mir als Schäfferot mat der momentaner Situatioun net zefridde si fir deen dote Biergerdialog ze präparéieren. Mir haten hei jo och eng Resolutioun am Gemengerot geholl wou mir och als Schäfferot de Réck gestäipt kruten. Mir haten lech jo och schonn informéiert, datt mir am Mee eng Reunion am Ministère haten, wou de Minister net derbäi war mee d'Fonctionnairen derbäi ware fir déi dote Reunion ze präparéieren mat de Bierger. Déi Reunion hu mir kritt well mir als Schäfferot, respektiv als Gemeng Diddeleng, e schréfftleche Courier erageschéckt hu fir eng Entrevue ze froen, well d'Dynamik éischter vum Schäfferot komm ass an net vum Ministère a well jo och d'Volontéit do war, déi politesch Volontéit vum Minister och zesumme mat der Gemeng Diddeleng deen Dialog ze féieren.

An där Reunion hu mir am Fong als Schäfferot eis missten erkläre firwat dass mir déi Entrevue wollten. Mir hunn nach eng Kéier de Kader missten explizéieren. Dat war awer fir eis awer evident. Also, mir komme vu ganz wäit hier. Hunn hinnen op alle Fall gesot, dass mer net zefridde wieren domat wéi et am Moment leeft. Am Kader vun där Diskussioun, wou mir eis nach eng Kéier d'Méi gemaacht hu fir dee ganze Kader ze erkläre, ass sech dann engagéiert gi mat LuxTram Kontakt opzehuele fir e bësselchen ze kucke wat dann déi zwou Optiounen géifen heeschen, well mir jo hei virun zwou Optiounen sinn: d'Weghuele vun de Barrièren, Direktzich an d'Stad respektiv Tram fir kënnen deen Debat transparent an objektiv ze féieren mam Bierger. Et ass jo sou wéi mir hei och verbliwwe waren. Mir waren och esou verbliwwen, datt normalerweise dee Biergerdialog virun der Summervakanz sollt stattfannen.

Compte tenu vun der Situatioun, déi mir do haten ass eis gesot ginn, datt dat virun der Summervakanz net méiglech wier. Du gouf gesot, da kommt mir maachen dat dann am Hierscht, an der Rentrée, am Kader vun der Semaine européenne de la mobilité. Dat ass, mengen ech, e flotte Kontext fir dat ze maachen. Do ass och am Juni zeréckbehale ginn, datt den 19. September déi Diskussioun soll stattfannen. Esouguer bei de regionale Versammlung wou ech och derbäi war, ronderëm de "Modu", notament um Belval, huet de Minister och nach eng Kéier ganz kloer gesot an deenen Diskussiounen, datt en den 19. September - d'Press huet dat jo och relatéiert - op Diddeleng kënn fir de Biergerdialog ze féieren an deem Kader wou mir eis befannen an am Juli ass déi Reunion vum Minister annulléiert ginn. Et ass gesot ginn, e wier net disponibel an d'Propositioun ass komm fir dat no de Walen ze maachen.

Mir waren awer der Meenung, well mir d'Initiativ geholl hunn als Schäfferot fir Date-de-rechangen ze fannen awer nach am September, well mir awer fannen, datt e gewëssenen Timing ze halen ass an datt mir et awer e bësselche kokass fannen, datt een déi Diskussioun no de Wale wëll féieren. An och déi Date-de-rechangen, déi mir proposéiert hunn, well mir jo awer wëssen, datt awer och Reunionen hei stattfanne mam Minister déi net annulléiert goufen, déi goufen net zeréckbehalen. Also mat deem ganze Werdegang, muss ech soen, si mir hei als Schäfferot net zefridden. Mir fannen, datt net mat dem néidege Serieux un deen Dossier erugaange gëtt wéi dat initial gesot gouf. Mir hunn net d'Impressioun, datt an dësem Dossier a wéi gesot d'Uleies mam néidege Serieux gehandhaabt gëtt, vläit, well et vun enger gewëssener Säit schonn eng Idée fixe gëtt a wéi eng Richtung datt et soll goen a mir es net midd ginn hei mam Support, dee mir och vum Gemengerot kritt hunn, gesot hunn, déi



aner Optioun, déi zweet Optioun sachgerecht ze préiwe fir datt mir och kënnen e gewëssene sachlechen Debat féieren, fachlech zesumme mat de Bierger. Ech wollt lech op alle Fall dës Informatioun net virenthalen. Mir wäerten och do um Ball bleiwen. Mir hunn och dat Bedauern effektiv och un de Minister duergeluecht a mir wäerte souwéissou jo nach am Kader vun de Plan-sectoriellen - dat hei huet méi mat der Organisatioun ze dinn, fir déi Bierger déi dat elo eben ugeet - mä am Kader vun eiser Positioun an de Plan-sectorielle gi mir jo nach eng Kéier dorop an, wéi gesot, wéi wichteg eis awer dee Biergerdialog awer ass. Voilà, déi Informatioun wollt ech awer hei dem Gemengerot hei am Numm vum Schäfferot net virenthalen an och net déi Impressioun, déi mir hunn.

Dann eng méi erfreesch Noriicht fir dann ofzeschléissen ënnert Korrespondenz an herno geet d'Claudia Dall'Agnol och nach op eppes an, mee op alle Fall ass et wat d'Walen ugeet. Bon, Dir wësst, datt am September 2018 hu mir de Cap vun 21.000 Awunner iwwerschratt, mir leie lo gutt bei 21.027 Awunner a mir hunn elo, well d'Lëschten am Fong ofgeschloss sinn, fir de 14. Oktober gutt 10.173 Wieler, dat ass e Plus vu 471 Wieler par rapport zu den Nationalwale vun 2013, wou mir bei 9.702 Wieler waren. Dat sinn déi aktuell Chifferen och en vue vun de Nationalwalen. Voilà, dat waren déi dräi Punkten déi ech hei ënnert Korrespondenz dem Gemengerot wollt matdeelen an d'Claudia Dall'Agnol wollt och nach eng Kommunikatioun maachen.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Merci Här Buergermeeschter. Ech si relativ kuerz. Och wann de Minister da net fir d'europäesch Mobilitéitswoch op Diddeleng kann oder wëll kommen, da vläit eng méi erfreesch Noriicht, vläit gefält dat de Bierger dann och besser, nämlech datt de Citybus während der Mobilitéitswoch, dat ass 16.9. bis 22.9. inclus, da gratis ass fir d'Bierger vun der Stad Diddeleng.

2. AVIS IWWER D'AVANT-PROJETEN ZU DE GROUSS-HERZOGLECHE REGLEMENTER, DUERCH DÉI D'PLAN-SECTORIELLEN “TRANSPORT”, “LOGEMENT”, “WIRTSCHAFTLECH AKTIVITÉITSZONEN” A “PAYSAGEN” OBLIGATOIRESCH GINN – DISKUSSION AN DECISIION

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER):

Merci fir deen dote Punkt an da géing ech proposéieren, datt mir iwwer ginn op eisen Avis ronderëm d'Avant-projete vun de Règlement-grand-ducaux ronderëm d'Plan-sectoriellen, wat de Volet “Transports”, “Logement”, “Zones d'activité économique” a “Paysages” ugeet, also eng generell Diskussioun féieren an diskutéieren an och kucke fir mat enger breeder Majoritéit - wann net unanime - dat ze stëmmen, well ech mengen och hei ass e wichtigen Aspekt ronderëm d'Landesplanung awer och Gemengenentwécklung. Dir hutt den Dossier zougesecht kritt mat alleguerten den néidegen Dokumenter, niewent der Positioun och Stellungnahme vu verschiddene Gremien, och d'Cirulaire, déi vum Ministère verschéckt ginn ass, an och d'Dokument vun der grénger Fraktioun, déi gëschter Mëtteg och nach 2 Positiounen eis zoukomme gelooss huet, wou ech herno och nach wäert drop agoen. Ech géif dann elo déi generell Presentatioun maache vun der Positioun an duerno kënnen déi verschidde Fraktiounen Stellungnahme dozou huelen.

Villäicht e puer generell Remarquen: Dir kënnt lech erënnere, dass 2014 d'Plan-sectoriellen an d'Prozedur geschéckt goufen, dass dës Gemengerot am Oktober 2014 säin Avis ofginn huet wéi eng ganz Rei aner Gemengen an dass duerno d'Regierung decidéiert huet - well jo eng Levée de boucliers war - de Plan sectoriel aus der Prozedur zeréckzezéien, also dee sougenannten Stand still, dee war, an am Fong huet de Plan sectoriel en neien Driff kritt, säitdem am Abrëll 2018 jo en neit Landesplanungsgesetz gestëmmt gouf an der Chamber an d'Landesplanung gëtt jo generell eng Rei Virgabe wéi d'Planung vun engem Land soll ëmgesat ginn, wéi verschidde Szenarie stattfannen. Et ass hei zeréckbehale ginn, dass soll eng organiséiert an harmonesch Entwécklung hei am Land kënnen stattfannen a fir dat kënnen ëmzesetzen, brauch een natierlech eng Rei Instrumenter an



de Plan sectoriel ass een sou een Instrument well d'Zil vum Plan sectoriel ass, dës Virgawe vun der Landesplanung raimlech ëmzesetzen, Wunnen, Aktivitéitszonen, Transport Paysages, also et gëllt, dëse Plan sectoriel mat Liewen ze féllen an et ass och dat wat eis hei de Moie wäert beschäftegen. Dir wësst natierlech, Landesplanung ass oft gesteiert, de Staat gëtt sech eng Mainmise, eng Rei Virgawe mä déi sollen net au détriment vun der Autonomie communale gemaach ginn an och dat betoune mir hei an eisem Diddelenger Avis an deem ass och an deem Sënn wichteg. Also déi Landesplanung, déi och e Lien huet mat der Entwécklung vun der Stad Diddeleng, déi soll am Dialog stattfannen an am Austausch an et muss een soen, dass no eisem Avis vun 2014 an och generell huet och duerno d'Regierung am Dialog mat de Gemengen am Austausch an och mat der Diddelenger Gemeng effektiv op déi verschidde Punkten agaangen ass fir och hei zeréckzebehalen, wat mir gesot hunn. Wéi gesot, Landesplanung an den Développement communal leien enk beieneen, déi sollen also coordinéiert ginn an dat och a Concertatioun.

Wat eis de Moien hei also beschäftegt, ass ze decidéieren: Fanne mir eis als Stad Diddeleng an dësem Plan sectoriel erëm, respektiv, ginn et Iwwerleeungen, Fuerderungen oder Ideeë landesplanerescher Natur, déi mir un de Staat wëllen erundroen, déi fir eis wichteg sinn a wou mir eis och kënnen dozou positionéieren? Wann een d'Mouture vun de Plan-sectoriellen elo kuckt par rapport zu 2014, weess een, dass e gudden Toilettag gemaach ginn ass, dass eng Rei Vereinfachungen an dësen Dokumenter sinn, engersäits gouf natierlech den Avise vun de Gemenge Rechnung gedroen, et fënnt een an dëse Plan-sectorielle just nach Prescriptionen, wann hei déi Reglementer a Kraaft trieden an en obligatoresche Charakter hunn, also keng Rekommandatiounen méi wéi een dat an der Mouture vun 2014 fonnt huet. D'Pläng déi een hei erëm fënnt sinn an enger Echelle vun 1 op 2500 wat och eng gewëssen Sécurité juridique gëtt an der Planung.

Déi Zone-tampon vun 300 Meter, déi mir och erëmfonnt hunn am viregte Plan sectoriel fënnt een hei net méi erëm an awer, mengen ech, ass de Prinzip hei iwwer de Plan sectoriel, dass Terrainen, Servitudë fräigehale ginn, déi herno wann d'Plan-sectoriellen a Kraaft trieden och de plein droit supposéieren a wou dann herno iwwerdeen dote Wee och keng Baugenehmunge kënnen ausgestellt ginn säitens vum Buergermeeschter an awer och de Prinzip vum Virkafsrecht, vum Droit de préemption, deen ee weider hei erëm fënnt, dass effektiv do de Staat fir d'éischt Virkafsrecht huet virun de Gemengen. Et ass jo esou, am Kader vun der Prozedur an där mir eis befannen, huet nom Vote vum neie Landesplanungsgesetz d'Regierung de Plan sectoriel an d'Prozedur

gecheckt, d'Ausleeung vun der Prozedur fannt Dir an der Circulaire erëm, déi Dir och als Gemengerot kritt hutt an de Gemengerot huet en Delai vu 4 Méint fir säin Avis ofzeginn. Deen Delai leeft bis de 16. September 2018, mir sinn also haut an den Delaien an natierlech gëllt et hei d'Observatiounen eranzegi vum Diddelenger Gemengerot.

An Ärem Dossier hutt Dir d'Observatiounen vun enger Rei Entitéiten, déi mir zougeschoustert kritt hunn, mir hunn awer keng Observatioun vun iergendengem Particulier kritt, Dir fannt keng erëm also ass och kee Particulier, deen hei par rapport zu de Plan-sectoriellen, Objektioun oder eng Observatioun gemaach huet, ausser eng ganz Rei Sociéitéiten. Et gëllt also haut an dësem Avis ze kucke wéi een de Raum a seng Ressourcen hei zu Diddeleng kann nutzungsgerecht gestalten, et geet ëm raimlech Entwécklung, et gëllt et also ofzestëmmen och fir Konflikter zwëschent Nutzungsméiglechkeeten, déi een huet, ze minimiséieren awer mam Fokus op d'Sécherung ronderëm d'Liewensqualitéit. Dat sinn déi Elementer, déi eis hei wichteg si wa mir eisen Avis als Gemeng Diddeleng ofgi par rapport zu de Plan-sectorielle vun der Regierung. Dat als e puer generell Remarken. Fir elo am Detail op déi verschidden Elementer anezogee vun eisem Avis - wéi gesot, mir hu Reklamatiounen kritt vu kengem Particulier mä vun Arcelor Mittal, respektiv vu CREOS - proposéiere mir hei an eisem Avis, dass mir dat un déi national Stelle weider ginn, hunn awer och, an dat hutt Dir och kritt, mat Interessi Kenntnis geholl vun de Positionen - an och déi hutt Dir kritt - vun engersäits SYVICOL, respektiv vum Mouvement Écologique, respektiv vun Natur an Ëmwelt, mä ech mengen déi sollen och dinge fir eng méi breet Base ze ginn, par rapport zu de Plan-sectoriellen.

Wann ech elo mam éischte Plan sectoriel ufänken, dee mam Logement, do geet et haaptsächlech iwwer d'Zone primaire d'habitation, haaptsächlech eben NeiSchmelz Diddeleng, Dir konnt lech erënneren dass am Avis, dee mir 2014 ofginn hunn, d'Regierung der Meenung war, dass mir Ribeschpont sollten als Projet d'envergure ginn, do hate mir ganz kloer hei beschloss als Gemengerot, dass Ribeschpont, also de Plan directeur, dee mer do hunn, eis den Ament net beschäftegt, dass fir eis virun allem NeiSchmelz Prioritéit ass. Deem huet d'Regierung Rechnung gedroen, mir fannen also hei am Plan sectoriel directeur NeiSchmelz erëm. Wat eis awer e bëssen erstaunt huet bei NeiSchmelz, ass am Fong, dass just 28 Ha repertoriéiert sinn a mir maachen hei an eisem Avis awer drop opmierksam, engersäits dass d'Regierung - wat NeiSchmelz ugeet - dat soll zeréck behale wat mir och am Mäerz an eiser Modification ponctuelle zeréck behalen hu vum PAG, also ganz NeiSchmelz, respektiv hu mir jo och eng Reklamatioun hei virleie vum Fonds de



Logement vum 12. Juli 2018, sou dass am Fong dat wat hei vergiess gouf, de Secteur Norden an de Secteur Italien, dass deen hei am Plan sectoriel "Logement" wat NeiSchmelz betrëfft, soll erageholl gi fir e komplett Bild ze gi vun NeiSchmelz par rapport zu dem wat hei proposéiert gouf a mir och schonns säitens vum Ministère matgedeelt kritt hunn, dass et sech hei ëm en Oubli handelt, dass dat hei net mat erageholl gouf. Dat par rapport zum Plan sectoriel "Logement". Dann, wann een eriwwer geet op de Plan sectoriel "Paysages", do mierkt een engersäits eraus de Compte d'ensembles paysagés, wou mir d'Ausriichtung hunn, dass keng Zer siedlung soll bedriwwen ginn, natierlech do awer och eng Rei Coupure-verten erëmfanne sinn.

Hei zu Diddeleng hu mir eng Coupure verte, dat ass 27 Käl-Butschebuerg, dee Grüngürtel ronderëm de Gehaansbiërg, dass dee soll erhale bleiwen an dass mir deen och an eiser Partie écrite an an eiser Partie graphique vum PAG sollen zeréckbehalen an dee gesäit och vir, dass all Konstruktioon ronderëm déi Coupure verte natierlech verbueden ass, ausser et si Vélosweeër oder Trëppelweeër, do kann dat gemaach ginn, dat ass och virgesinn, a mir bewegen eis natierlech och hei am Kader vun deem neien Ëmweltgesetz, wat dëst Joer gestëmmt gouf, mir befannen eis hei als Stad Diddeleng, a mir hunn natierlech och déi Chance, dass mir hei dat gréissten Naturreservat zu Lëtzebuerg hunn, Haard, Ginzebiërg, Hesselbiërg also eng Natura 2000 Zone, déi ass och am PAG dran. Mir hunn och virgesinn, wat "Paysages" ugeet, dass mir och elo, wat déi dote Volette betrëfft, keng Ausweitung maachen oder eis Bauperimeter opmaachen, sou dass dat am nächste PAG, op alle Fall wat dat betrëfft, net virgesinn ass, a wat och déi Coupure verte ugeet, déi och de Quartier Butschebuerg betrëfft, wou och viru kuerzem d'Mëttelalterzäit agebrach ass, op alle Fall dee méi rurale Charakter, deen och Butschebuerg huet, mir och deen erhale wëllen iwwer déi Coupure verte, sou dass mir déi Propos, déi d'Regierung hei mécht par rapport zum Plan sectoriel "Paysages" och dat kënne guttheeschen a mat zwou Hänn kënne ënnerschreiwen. Also zwee Plan-sectoriellen, déi ech hei virgestallt hunn, déi weider kee gréissere Problem fir eis sinn.

Wa mir awer elo op de Plan sectoriel "Transports" iwwerginn, do fënnt een eng Rei Elementer erëm, déi Diddeleng betreffen. Et fënnt een engersäits ronderëm den öffentliche Transport de BHNS (Bus à haut niveau de service), deen eng Prioritéit 2 genéisst am Kader vun de Plan-sectoriellen, wou awer de Plan sectoriel och wat den Transportvolet ugeet, net dran steet wat déi Prioritéiten heeschen. Am SYVICOL hu mir och drop higewisen, wat heeschen déi Prioritéiten, wat ass d'Echeance, wat ass den Timing, mä hei geet et dann am Fong dorëms

vu Rodange – Péiteng bis op Diddeleng op engem Site e proppere BHNS unzesidelen an deen zweete Volet ass natierlech deen dräispueregen Ausbau vun der Autobunn vun der Aire de Berchem bis op déi franséisch Grenz, dat am Kader vum Eurohub mat enger Prioritéit fir de Bus an de Covoiturage, deen eng Prioritéit 1 genéisst. Dat sinn déi zwee Elementer, déi mir hei erëmfannen, a mir fannen och hei erëm - et ass ugeklongen a menger Introduktioun - dass och hei Terraine fräigehale ginn, respektiv eng Superpositioun op enger Rei Terraine fir sech déi Couloire fräizehalen, fir déi Projeten ëmzesetzen. An dann ass deen drëtten Deel, dee mir erëmfannen, dat sinn d'Vélosweeër, de PC6, Peppeng – Beetebuerg an de PC28, Beetebuerg Richtung Cloche d'Or, déi allen zwee eng Prioritéit 1 hunn. Dat sinn déi Elementer, déi mir hei am Plan sectoriel "Transports" erëmfannen a wou och de Staat, respektiv an enger zweeter Phas d'Gemeng e Virkafsrecht huet fir déi Terrainen ze kréie wann se déi Projete wëllen ëmsetzen.

Wat elo den Avis vum Diddelenger Gemengerot betrëfft, do musse mir op eng Rei Punkten agoen. Ech géif einfach emol ufänke mam dräispueregen Ausbau vun der Autobunn op deenen zwou Säiten. Mir begréissen engersäits deen heiten Ausbau well en och nach d'Méiglechkeet gétt, en neien Echangeur bei der Ausfaart Diddeleng Centre, respektiv wann een aus Diddeleng erausfiert, en neien Echangeur ze kréieren, Richtung Frankräich, wat de Moment net de Fall ass, an déi Discussiounen ëm den Ausbau gounge och virun allem well de Logistik-Center hei am Raum Diddeleng – Beetebuerg sech ugesidelt huet. Mir hunn awer erausfonnt am Kader vum Gesetz, wou gestëmmt gouf, respektiv am Kader vun de Plan-sectoriellen, déi mir virleien hunn, dass d'Emprise bei den zwee Projete komplett anerer sinn, dass d'Emprisë vum Echangeur méi wäit – bei de Plan-sectoriellen - an de Wal eragi wéi beim Gesetz, dat ass eng Inkohärenz a mir fuerderen hei och kloer d'Regierung op, dass se am Fong geholl eng Kohärenz solle schafen, engersäits tëscht dem Gesetz, dat gestëmmt gouf an awer och dem Plan sectoriel, sou wéi mir en och hei erëmfannen. Dat ass deen éischten Deel.

Deen zweeten Deel ass, dass natierlech bei deem heite Projet e Parking Relais soll kommen, engersäits fir d'Camionen, engersäits fir Autoen, engersäits fir Camionen als Plaz wann d'Aire de Berchem sollt voll sinn, dass Camionen da solle bei der Entrée vun Diddeleng kënnen hikommen, Richtung der CR161 an awer och Park & Ride Parkinge fir Autoen an der Optik vum öffentliche Transport an och an der Optik vum Covoiturage. An eiser Positioun hei soe mir ganz kloer, dass mir eis Reserven zum Ausdrock brénge wat de Parking fir d'Camionen betrëfft, well generell betrëfft dat souwuel d'Camionen



wéi och d'Autoen, déi Parkingen déi dohinner kommen. De Moment muss een soen, dass bei där Ausfahrt Diddeleng Centre, respektiv wann ee vun Diddeleng op d'Autobunn fiert, dat ass niewent der Lëtzebuenger Strooss déi zweet Entrée de ville, déi mir hunn, dass do awer de Moment weider kee Problem besteet, ausser mol vläit mueres zu de Stousszäite wann een aus Diddeleng wëll erausfuere. Et ass eis also wichteg, och wann d'Regierung op de Wee geet, deen neien Echangeur ze amenagéieren, dass duerch deen Amenagement net zousätzlech Problemer entstinn an der Entrée do vun Diddeleng, oder an der zweeter Haaptentrée vun Diddeleng, wéi dat elo hei de Fall ass, an dofir och hei d'Fuerderung, dass wann de Projet ëmgesat gëtt, dass awer och där nevragescher Plaz, déi mer do hunn, dass deem och Rechnung gedroe gëtt, par rapport zu enger Situatioun, dass net zousätzlechen transitoiresche Verkéier stattfënnt, engersäits duerch Diddeleng, awer och duerch déi franséisch Nopeschgemeng.

Natierlech begrëisse mir, dass dee Park & Ride kann entstoen och fir Autoen, an där Optik, dass den ëffentlechen Transport ka stattfannen, respektiv de Covoiturage op der drëtter Bunn, dat gëtt jo och eng gewësse Kohärenz, mä och dat wann eis Fuerderung par rapport zum Parc & Ride, wann en dohinner kënnt, dass deem och soll Rechnung gedroe ginn, engersäits op där nevragescher Plaz vun der Entrée vun Diddeleng, dass do net nach zousätzlech Stauen entstinn duerch dat Amenagement, respektiv awer éischer eng Fin de non recevoir gi par rapport zu deem Camionsparking, deen als Parking de délestage soll funktionéiere wann d'Aire de Berchem sollt voll sinn. Ech wëll awer och hei en Appel maachen un d'Regierung, dass se eng Concordance soll maachen zwëschent dem Projet an dem Gesetz, respektiv awer och de Plan-sectoriellen, well hei d'Emprisë méi wäit an de Wal eraginn. Dat par rapport zu deem neien Echangeur Dudelange Centre.

Da gi mir eriwuer op de Volet vum BHNS, wou jo och effektiv ganz enk muss gekuckt ginn, Urbanismus a Mobilitéit - ungänglech vum Gemengerot hunn ech geschwat iwwer déi direkt Tramverbindung respektiv den direkten Zuch mat Suppressioun vum Passage à niveau an de 15-Minuttentakt - do maache mir am Fong eng Rei Proposen, well sech jo och am Kader vun de Plan-sectoriellen an awer och herno am Kader vum Modu 2.0 eng Rei lwwerleeungen erginn hunn, déi mer hei an de Plan sectoriel "Transports" mat eranhuelen an och do d'Regierung bieten, awer nach verschidde Pisten ze studéieren. Wat de BHNS ugeet, stelle mir eis also engersäits d'Fro, respektiv och par rapport zu Zuchverbindungen ob et net Sënn gëtt, dass een eng nei Tramliaisoun - an et ass och dat wat mir méi wéi eemol beschwat hunn - mécht vu

Volmerange Richtung Beetebuerg fir dann och Nei-Schmelz ze desservéieren awer och déi Industriezonen, déi sech dotëschent befannen an do maache mir och nach eemol eng Referenz op eisen Avis vum 20. Oktober 2014 iwwer d'Plan-sectoriellen. Mir ginn awer och hei ënnerstëtzt an dofir stelle mir et hei am Avis dran, vun den lwwerleeunge vum Mouvement Écologique, déi déi lwwerleeungen och mat integréiert hunn an hiren Avis, mä hei hu mir schonns méi wéi eemol driwwer geschwat a froen awer och ob et net Sënn mécht, wann engersäits e schnellen Tram soll kommen tëschent Hollerech a Bieles, respektiv dem Belval, ob een dat net soll weiderzéie bis op Diddeleng statt dem BHNS. Dat sinn eng ganz Rei lwwerleeungen, wou och elo en neie Moment ass, och bei der Regierung, an ech wollt net ausschléissen, an eisem Avis dat dranzesetzen, datt d'Regierung dat soll op de Leescht huelen, ob et net Sënn gëtt, wann op där enger Säit dat ëmgesat gëtt och mat engem Zäithorizont, dee sécherlech net muer wäert sinn, mä op jiddefall awer och deen aneren Deel an der Südregioun an där doten Achs och dat soll studéiert ginn. Also éischer dann d'lwwerleeung, e schnellen Tram, statt deementspreechend e BHNS. Ech wollt och bemierken, dass mir och 2014 als PROSUD iwwer de Süd-Tram geschwat haten, datt mer och hei erëm méi no bäikomme bei déi Iddi.

Dann awer och vun der Geleeënheet profitéieren an dësem Avis, wa mir iwwer d'Suppressioun vum Passage à Niveau schwätzen an der Diskussioun ronderëm den Tram vu Volmerange op Beetebuerg, dass mir hei de Rappel un déi Resolutioun maachen, déi mir den 26. Mee 2017 am Gemengerot gestëmmt hunn, ronderëm de Biergerdialog, dass mir hei ganz kloer drop verweisen, dass et eis wichteg ass, dee weiderzeféiere mam néidege Sérieux, well och dat ganz kloer am Kader vun der Ëmsetzung, deemno wéi eng Décisioun gefall gëtt, e gréisseren Impact op d'Stad Diddeleng. Dann ass et awer och esou dass grad an deem dote Kontext, an do hutt Dir och eng Reklamatioun virleien, respektiv eng Observatioun vun der Entreprise Kuhn, déi Propriétaire ginn ass vun de Terraine ronderëm d'Gesellschaft Acomé an déi och schonns un d'Gemeng erugetrueden ass fir effektiv an deem Kader mëttel- bis längerfristeg do e Bauprojet ze maachen, e Lotissement, also e PAP ze maachen, well mir grad do beim Zentrum an och bei der Gare sinn, fir do e flotten neie Wunnensbauprojet ze maachen.

Et ass awer elo esou, dass dee Projet, dee mir hei virleien hunn, notament ronderëm de BHNS grad hir Terraine grevéiert wäerte ginn, respektiv, vu, dass am Plan sectoriel "Transports" d'Regierung Parzelle ka reservéiere fir effektiv déi Terraine kënnen esou ëmzesetze fir dass déi Projete kënnen eppes ginn, natierlech wann d'Plan-sectoriellen hei a Kraaft trieden, natierlech op deem Terrain



näischt méi ka gebaut ginn, also keen neie Quartier méi kann entstoen, keen neie PAP an d'Prozedur ka goen, also och keng Baugenehmegung kann ausgestallt gi fir dat doten ze maachen. Mir soen engersäits hei, dass mir déi Iddi vum Wunnengsbau vu Kuhn natierlech gutt fannen, nach mengen ech, dofir maache mir jo och deen Appel, dass de Biergerdialog soll stattfannen, well wann déi Iddi vum BHNS an d'Suppression vum de Passages à niveau ëmgesat sollt ginn, kënnen si hir Terrainen als Proprietaire net méi esou notze wéi se dat wëllen notzen. Wann déi Iddi ronderëm den Tram ëmgesat gëtt, da ginn déi Terrainen do fräi a Kuhn kann effektiv do de Wunnengsbauprojet maachen, wou mat der Gemeng muss gekuckt gi wéi eng Richtung dass et geet. Et ass dat déi Situatioun, an där mir eis hei befannen a wou se och hir Observatiounen maachen.

De Contenu vum der Situatioun, an där mir eis befannen, do soe mir kloer an eisem avis, dass mir natierlech de Wunnengsbauprojet do begrëissen an awer e Renvoi maachen un d'Responsabilitéit vum der Regierung. Dass mir wierklech déi Diskussiounen do féiere fir dass och natierlech Kuhn weess a wéi eng Richtung et ka goen a wann - esou wéi d'Landesplanungsgesetz et virgesäit - och wéi nom Arrêt vum Tribunal ronderëm Fëschbech, dass engersäits de Staat säi Virkafsrecht notzt wann en ee Projet well ëmsetzen, respektiv awer och de Proprietaire hei kann effektiv indemniséiert gi well e seng Terrainen net méi esou kann notzen, wéi en dat wëll maachen, an och hei ganz kloer e Renvoi maachen un d'Responsabilitéit vum Staat par rapport dozou.

Dann den drëtte Punkt vum Plan sectoriel "Transports", dat ass par rapport zu de Pistes cyclables, wou mir hei ganz kloer d'Virgab maachen, dass mir fir déi Liaison, de PC6 an de PC28, sou wéi en hei dran ass, Richtung Beetebuerg, dass mir do eng Korrektioun musse maachen, dass dee soll virgesi sinn, an dass mir och do en Echange maache mam Pôle d'échange op der Gare zu Beetebuerg, déi jo nei amenagéiert gëtt, an awer och d'Iwwerleeung maachen, dass een och eng Liaison mécht Richtung Esch Belval. Ech mengen, dass een och dat ka mat eranhuelen an dësem Volet, och dat nach en zousätzlechen Ajout ab dësem Moment, wou am Dokument elo net virgesinn ass. Dat sinn d'Kärelementer par rapport zum Plan sectoriel "Transports", also e gréissere Volet fir d'Stad Diddeleng, wann een engersäits den Urbanismus luecht ronderëm NeiSchmelz, dee Pôle Logement, deen do entsteet mat der Mixitéit, respektiv awer och déi zukünfteg Verbindungen am Kader vum ëffentlechen Transport, also e gréisseren Enjeu fir d'Stad Diddeleng, dee mir mat ganz vill Sérieux uginn, a mir wieren och frou wann d'Regierung an déi staatlech Stellen, notamment dee concernéierte Ministère, och mat deem néidege

Sérieux do erugeet, well mir brauchen och eng gewësse Planungssécherheet. Souwuel als Gemeng awer och déi privat Proprietairen, déi hei och concernéiert sinn, well wann een déi Iddi oprechterhält vun engem Tram, huet een natierlech och d'Méiglechkeet, dass déi national Aktivitéitszone awer och e Laboratoire national de santé kënnen anescht ugeboune ginn, wéi dat de Moment de Fall ass. Dat par rapport zum Plan sectoriel "Transports", also déi dräi Punkten.

Da géif ech iwwergoen op dee leschte Plan sectoriel, dee mir hunn, dat ass de Plan sectoriel vum der "Zone d'activités économiques", do ass virgesinn och am Plan sectoriel, dass eng Rei national Zonen hei zu Diddeleng sinn, déi natierlech existent sinn, un deenen elo keng gréisser Modifikatiounen stattfannen. Dat ass den Eurohub, respektiv Wolser a Riedgen, dat sinn déi national Zonen. Do sinn dann e puer Modifikatiounen, déi mir awer hei erabrëngen. Engersäits hu mir virun allem Koibestraachen, wou de Laboratoire national de santé ass, respektiv d'IBBL. 2014 war jo virgesinn, dass dat eng national Zone gëtt iwwer Technologies de la santé, dat hu mir jo och hei an eisem Avis guttgeheescht. Bon, dee Plan sectoriel ass tel quel net ëmgesat ginn, sou dass et nach eng kommunal Zone ass, wann dat heite bis a Kraaft trëtt, da gëtt et eng national Zone a mir mierken an dësem Plan sectoriel, wat baséiert op Diskussiounen, déi mir mam Wirtschaftsministère haten, dass nach eng zousätzlech Orientatioun soll hei erakommen, wat Koibestraachen ugeet, dat heescht, dass och de Volet vum den Technologies de l'information et de la communication soll mat erakommen, sou dass déi Zone sech méi breet opmécht, also en zousätzlecht Standbeen nient dem gesondheetlechen Secteur kritt mat den Technologies de l'information et de la communication. Dat ass dat wat mir als Gemeng Diddeleng hei jo an enger Rei Coursen ubidden, dat dréin alles ronderëm den IT-Beräich, also Informatik, Internet, Radio, Tëlee, den audiovisuelle Beräich, Telekommunikatioun, Multimedia, also e flott neit Standbeen vum enger nationaler Zon, déi een sech hei ka ginn nient der Technologie de la santé, déi méi orientéiert ass op d'Médecine personnalisée, also och hei en zousätzleche Charakter der nationaler Zone do kënnen ginn, an och dat begrëissen.

D'Plan-sectorielle gesinn och ënnert verschiddene Conditionen regional Aktivitéitszone fir, wann, da muss een dat kloer a sengem Avis ervirsträchen soss gëtt et méi schwéier, wann d'Plan-sectoriellen en vigeur sinn, dat auszeweiten. Dofir weise mir och hei aus, dass mir an eng Richtung vun enger regionaler Aktivitéitszone wëlle goen. Fir dat ze maachen, ass et och eng Coopération intercommunale wichteg an och an dem Kader ass et wichteg e Syndikat ze grënnen, an hei ass och



d'Iwwerleeung - an dat schreiwe mir an eisem Avis - eng regional Zone ze maachen direkt niewent em Koibestraachen téschent Diddeleng a Beetebuerg, also Richtung Näerzenger Strooss, dass een do eng regional Zone mécht, wou d'Gemenge kënne bestëmmen, wien dohinner ka kommen.

Ech wollt nach eemol op déi national Zone Koibestraachen zeréckkommen: An eisem Avis gi mir och drop hin a froen och hei d'Regierung, respektiv de Wirtschaftsminister firwat déi doten Zone sou wéi se am Plan sectoriel ausgewisen ass, net weider gezu gëtt bis bei d'Coulée verte, déi do verleeft, well do ass d'Zon, sou wéi se am Plan sectoriel ass, manner grouss, an et stellt sech hei d'Fro firwat am Fong net dee ganzen Deel als national Zone ausgewise gëtt. Et mécht fir eis eng gewësse Logik dass een Deel ganz national Zone ass, dass een déi Pufferzone huet, effektiv de grénge Couloir an dann d'Wunnsiedlungen, respektiv dann niewendrun eben an der selwechter Kohärenz déi selwecht regional Zone huet, déi dann och soll hei kënne zeréckbehale ginn, an och dat ass eng Iwwerleeung, déi mir mat der Beetebuenger Gemeng zesammen haten.

Dann de Volet ronderëm déi kommunal Zon, déi hei soll kënne entstoen, do hutt Dir och e Courier virleie vum Wirtschaftsministère wat Scheleck 1 an 2 ugeet, dat ass beim Rondpoint Biereng. Also Scheleck 1 an 2 wat de Raum och Diddeleng-Beetebuerg betrëfft, wou d'Iwwerleeung ass, an d'Ausriichtung war ëmmer déi, dat ass hei op der Presentatioun rietser Hand, do hutt Dir deen neien Échange deen entsteet rietser Hand. Dat wat am Fong e bësse méi mauve ass, dat ass den Diddelenger Deel, deen aneren Deel ass de Beetebuenger Deel, mir si gewuer ginn dass am Kader vum Plan sectoriel wat den Diddelenger Gemengerot betrëfft am Fong do en Oubli war, d'Remarque ze formulieren, dass hiren Deel eng kommunal Zone soll ginn, well se och d'Ausriichtung ëmmer gemaach hunn an eng kommunal Zone a mir iwuer deen heite Wee hinnen d'Méiglechkeet ginn, e Rectificatif ze maachen andeems mir hinne soen, dass mir Scheleck 1 an 2 an och notamment am Kader vum der Remarque, déi de Wirtschaftsministère gemaach huet, an déi Richtung ginn, dass dat doten eng kommunal Zone gëtt, sou dass Beetebuerg seng kommunal Zone huet a mir och do en Deel kommunal Zone hunn, wou mir dann déi zwou Gemenge da kënne selwer decidieren, wat do ugesidelt ka ginn. D'Iwwerleeung war jo ëmmer, dass een do ka mëttelstännege Betriber och usidelen. Dat par rapport zu Scheleck 1 an och 2, dat war deen Deel. Dann, de 4. Punkt ass dat wat de Greisendall betrëfft, wou ee kann als Gemeng Iwwerleeungen un d'Regierung erundroen niewent den Iwwerleeungen, déi d'Regierung huet vis-à-vis vu Gemengenentwécklungen.

Am Kader vum der Entwécklung vum NeiSchmelz ass awer och nach de Greisendall do wou de Moment Arcelor Mittal nach Propriétaire ass a wann een e bësse kuckt déi Iwwerleeung déi mir ronderëm NeiSchmelz och gemaach hunn, wann do en neie Wunnensbauprojet entsteet mat enger gewëssener Mixitéit, da wëlle mir jo net, dass do nach zousätzleche Verkéier drainéiert gëtt Richtung Greisendall, wat de Moment nach eng industriell Zone ass. Et ass esou an eisem PAG klasséiert a mir gräifen hei d'Iwwerleeung op, dass een - an dat neit Landesplanungsgesetz gesäit dat och vir - dass een hei den Espace de co-travail frontalier kann usidelen, sou dass dëst Areal net eng industriell Connotatioun méi kritt mä eng Connotatioun vu Servicer. Dat Ganzt reit sech an an déi Iwwerleeunge vum der Landesplanung, dass och dezentral Aarbechtsplazen solle geschaf ginn, an dass een no bei de Grenzen och Pôlë soll schafen, wou eng Rei effektiv Servicer an Aarbechtsplaze kënne ugebuede gi fir dee ganze Goulot Richtung Stad kënne z'entlaaschten. Dat heiten ass emol eng Iwwerleeung, déi mir tätegen a wou mir der Regierung soen, huet dat dote mol op de Leescht, studéiert mol ob dat Sënn mécht, dat do ëmsetzen an da kann d'Regierung kucken, wéi eng Positioun si do anhëlt. Dat heiten ass eng Iwwerleeung, déi och op anere Plazen am Land getätegt ginn, notamment och ronderëm de Site vu Belval.

Dann en neie Punkt, dee mir och dragesat hunn, dee mir lech zoukomme gelooss hunn, dat ass ronderëm den zukünftigen CGDIS, deen huet eng Kategorie 4 kritt, wou mir och als Gemeng Diddeleng zesumme mat der gemeng Beetebuerg bauen. An dee baue mir natierlech direkt niewent der Gesellschaft Husky. Deen Terrain, deen de Wirtschaftsministère eis zur Verfügung stellt, ass en Terrain deen national Industriezone ass, an hei maache mir d'Propos, wann do eng Infrastruktur hikënt, déi en Équipement public oder e Caractère public huet, musse mir och der Regierung, respektiv dem Wirtschaftsministère soen, dass am Fong den Deel wou den CGDIS hikënt, vum der Kategorie 4, dass deen aus der nationaler Industriezone muss erausgeschnidde gi well en dann net méi zu der nationaler Industriezone gehéiert mä herno am Kader vum der Reform vum PAG och deem musse Rechnung droen, mä hei ass och eng Formulatioun an eng Remarque, déi mir maachen, dass och am Riedgen dat ka gemaach ginn. Dat ass och eng Diskussioun, déi mir gefouert hunn als Gemeng mam Wirtschaftsministère.

Summa summarum, wann een déi 4 Plan-sectorielle kuckt, eng Rei Elementer déi landesplanerescher Natur sinn, déi d'Regierung un d'Gemeng Diddeleng erugedroen huet, generell mengen ech hei, dass fir déi Plan-sectoriellen, dass mir déi Propos probieren, awer mat enger ganzer Rei Elementer, déi mir wëllen zu enger



Diskussioun bréngen, déi respektiv awer weider poursuivéiert a studéiert solle ginn, säitens der Regierung, dat ass wichteg. Et sinn déi doten Diskussiounen ronderëm d'Landesplanung a ronderëm den Développement Communal, déi leien enk beieneen, dat spiert een och eraus an eisem Avis awer och eng Rei Elementer, déi mir als Gemeng duerleeën, déi net am Plan sectoriel sinn, déi mir awer un d'Regierung adresséieren. An och si solle kucken ob se deem kënne Rechnung droen, sou dass am Fong hei den Exercice gemaach gëtt fir d'Iwwerleeung an déi zwou Richtungen erunzedroen, sou dass hei d'Propos ass vum Schäfferot un de Gemengerot, dëse Plan sectoriell ze approvériere mat enger ganzer Rei Elementer, déi mir awer och der Regierung wëlle mat op de Wee gi fir dass déi weider solle studéiert ginn an dass mir weider am Dialog bleiwe wat d'Ëmsetzung vun deene verschiddene Fuerderungen ugeet, déi d'Gemeng Diddeleng huet. Voilà, domat géif ech hei déi Presentatioun ofschléissen an elo kënnen déi verschidde Fraktiounen zu de Plan-sectorielle Stellung huelen an ech freeë mech op eng sachlech a wichteg Debatt well et hei och virun allem ëm d'Interessie vun der Stad Diddeleng geet, eben am Kader vun der Landesplanung.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci, ech wollt als éischt festhalen, dass mir als Partei eis d'Dossieren e bësselchen opgedeelt hunn, ech schwätzen éischerter allgemeng an den Här Gangler an d'Madame Andrich ginn da méi spezifesch op déi eenzel Punkte vum Dossier an. De 14. Oktober 2014 hat d'Diddelenger CSV den Avis vum Gemengerot zu dem vun der deemoleger Gambia-Regierung virgestallte Plan directeur sectoriel matgestëmmt. Éischtens war et wichteg, festzehalen - wéi den Här Buergermeeschter gesot huet - dass de Quartier NeiSchmelz eise Projet d'envergure pour l'habitat soll ginn an net den Ausbau vum Quartier Ribeschpont a Butschebuerg, wéi et vun hinne proposéiert gouf an zweetens stoung am Avis, dass mir de Mangel un Dialog am Virfeld vum Ausschaffe vum Plan sectoriel vu Säiten der Regierung absolut net acceptéiert hunn.

Den Avis vun 2014 war ganz pointéiert, gutt élaboréiert a fir eis acceptabel, dofir hu mir den Avis och mat gestëmmt. No der Levée des boucliers - wéi den Här Buergermeeschter an och de SYVICOL esou schéi soten - vu praktesch alle Gemengen, gouf am November 2014 de Projet fale gelooss. Véier Joer huet et gedauert bis d'Regierung sech getraut huet en neie Projet ze presentéieren. Elo, ee Mount virum Enn vun der Legislaturperiod vun dëser Regierung, ee Mount virum de Chamberwalen, wou dann eng nei Regierung d'Soe kritt, probéiert dann d'Gambia nach séier en zweete Worf an den Zäitpunkt ass, géif ech mol behaupten, zumindest onglécklech gewielt.

Villes ass besser mä puer Punkte sinn nach net zur Zefriddenheet vun de Gemengen drageschriwwen ginn. Den Avis vum SYVICOL ass ëmmer ganz opschlossräich an dee geet och dorop an. Zum Beispill, wat guer net gekläert ass, dat ass dass de Staat, also wat och gefuerdert gëtt vun de Gemengen, dat ass, dass de Staat soll d'Frais-juridiquen an och Indemnitéite soll iwwerhuele wann d'Bierger géint Gemenge virginn, falls d'Applikatioun vun de Plan-sectoriellen, déi jo awer obligatoresch ass, eng Servitude op de Bierger hir Terraine leet. Zum Beispill mir hunn dat jo och hei elo wa mir e Klassement vun engem Terrain an enger Coupure verte maachen an de Bierger geet géint d'Gemeng vir well et ass jo d'Gemeng, déi exekutéiert, do ass net ganz kloer wien d'Frais-juridiquen an esou weider dréit. Dat ass awer och e Punkt, deen een hätt missen an Erwägung zéien. De SYVICOL huet et jo och an sengen Remarqué gemaach, wat och absolut wichteg ass.

Och gëtt d'Gemengenautonomie awer ageschränkt, wat d'Kreatioun an d'Extensioun vun de Zones d'activités régionales et communales betrëfft, déi jo elo net an de Projet ageschriwwen ginn. Gutt, dass an dësem Zesammenhang de Weekend jo ee vun eise Schäfferotsmemberen iwwer den Avis, dee mir virleien hunn, gekuckt huet, well grad just virun dräi Deeg ass et dem Schäfferot agefall, dass se bal verschlof haten, d'Zone nationale Riedgen ëmzeklasséiere fir dass mir do de gemeinsame Pompjees-a Secouristebau fir d'Gemeng Diddeleng a Beetebuerg op jiddefall mol reservéieren. Virun dräi Deeg krute mir do dee korrigéierten Text. Eng uerdentlech Preparatioun an esou engem wichtigen Dossier gesäit e bëssen anescht aus well wann een eng Zone elo net direkt ausweist, da kritt een se nëmmen an de Plan sectoriel eran iwwer eng ganz schwéierfällge Prozedur iwwer de Plan sectoriel - Révision de plan sectoriel heescht dat - wat och eng Restriktioun vun der Autonomie communale ass, a wat och net immens ass. Ech erlabe mir awer och zu där Propos elo, dass mir Riedgen sollen ëmklasséieren zum Deel, d'Fro, wat elo dee gemeinsame Pompjees-a Secouristenzenter vun de Gemenge Beetebuerg an Diddeleng ubelaangt, ob hei d'Zone Riedgen déi ideal Plaz ass?

En plus musse mir jo dat alles ëmklasséieren an am virgeschloenen Areal leeft zum Beispill och eng Baach, wat maache mir da mat där? Loosse mir déi dann duerch den Zenter lafen? An do sinn nach vill Onkloerheeten a meng Fro ass: Firwat ënnerstëtzt Diddeleng dann net déi vu Beetebuerg proposéiert an un de CGDIS erugedroe Propos, den Zenter op déi Strooss tèschent Beetebuerg a Lëtzebuerg ze setzen, Beetebuerg huet do Terrain, dat ass déi Firma DRINX, deen Terrain gëtt demnächst fräi, bis Ënn des Joers esouguer schon, an deen huet déi



ideal Gréisst an e bräicht net ëmklasséiert ze ginn, an dofir ass meng Fro: Firwat musse mir onbedéngt dorop halen, dass een op Diddeleng kënnt, a firwat ënnerstëtze mir net eis Beetebauer Kollegen, déi et gären hätten oder déi e fäerdeg Terrain praktesch do stoen hunn, wou ee vill méi séier kann ufänke mat bauen, dat ass eppes wat mir net gutt verstinn? Och si mir der Meenung, dass den Avis, dee mir hei virleien hunn, hätt misse vill méi pointéiert sinn, vill méi eng pointéiert Prise de position zu der Zone Koibestraachen. Virun allem sinn ech immens erstaunt wann ech héieren, dass bis haut Koibestraachen nach ëmmer eng kommunal Zone war. Mir hunn ëmmer gesot kritt, mir kéinten do näischt implantéiere well dat eng national Zone ass. Elo huet den Här Buergermeeschter awer grad viru fénnef Minutte gesot, dass deem net esou ass. Jo, da wonnert et mech, dass mir als Gemeng do nach net méi fräi intervenéiert hu fir do awer aktiv ze ginn.

Well mir wësse jo och, dass am Avant-projet vun den obligatoresche Plan-sectoriellen, do feelt jo och eng kloer Guideline, wéi et mat deene Zones économiques nationales oder spécifiques soll weidergoen, dat huet och de SYVICOL erwänt. De Staat, dee reservéiert sech déi Terrainen, mä et steet näischt dran, wéi an a wéi engem Delai dat bebaut gëtt. Wann dat elo virdrun nach ëmmer eng kommunal Zone war, da verstinn ech d'Welt net méi well mir kruten ëmmer gesot, mir kënnen do näischt maache well dat ass eng national Zon. Bon. Onkloer ass ënnert wéi enge Conditionen zum Beispill an no wéi engen Regeln Entreprises sech do kënnen nidderloossen, ënner wéi enger Form Terrainen de Firmaen zur Verfügung gestallt kënne ginn, op wéi ee Wee gi mir an och wéi de Co-Finanzement soll geregelt ginn. Hei hätte mir Diddelenger vill méi kloer an eisem Avis misse festhalen, dass dese Flou muss ausgeraumt ginn a mir hätte kloer verlaangen sollen, dass mat agebonne muss gi wéi des Zone Koibestraachen soll gestallt ginn, well mir hunn et jo elo verschlof, déi Zone als kommunal Zone ze bebauen also denken ech dass een hätt missen am Avis méi streng fuerderen, dass een do méi agebonne gëtt.

D'CSV hat dat jo och schonns viru Joere gefuerdert, dass mir sollen eist Südspidol dohinner bauen. Bon, den Historique huet eis jo eppes anescht bruecht a wann Dir op d'CSV gelauschtert hätt, dann hätte mir do schonns laang eng Poliklinik stoen. Elo wësse mir guer net wat dohinner kënnt, well et eng Zone nationale de Santé an eng Zone de technologie ass, wou de Kader onkloer ass, ob a wéivill Matsproochrecht d'Gemeng wäert hunn, an ech si gespaant wéi dat an der Realitéit soll ëmgesat ginn. Am Text vum Avis ass och nach eng Onkloerheet well ech wollt dat just erwäne well do steet, mir wëllen eng Zone régionale Côté Est, an am déckgedréckten Deel

steet eng Zone à l'ouest. Ass dat eng aner Zon? Et geet jo ëm déi mat Beetebuerg? Sinn dat zwou verschidde Saachen oder ass et een lertum est-ouest? Dat just nach als eng kleng Verständnisfro.

Firwat mir als CSV awer iwwerhaapt net zefridden sinn, dat ass, dass mir hei Diskussiounen féieren oni dass mir als Oppositionsconseillere all déi néideg Dokumenter zu eiser Verfügung hunn. Et geet ëm de Relevé vun den Terrainen, déi an der Propriétéit vun der Gemeng sinn. Säit dem Hierscht 2017, säit de leschte Gemengewalen huet d'CSV de Schäfferot ëmmer nees opgefuerdert, dass mir e komplette Relevé vun de gemengeneegenen Terrainen solle kréien. Da kéint een sech éischtens emol e Bild maache wat eis gehéiert an dann entspreichend Propose maache wéi mir déi Terrainen notze kënnen. Och an der Bautekommissioun hu verschidde Membere vun anere Parteien des öftere gefrot fir dese Relevé ze kréien, mà et ass wéi ëmmer, d'Opposition gëtt gezësst, Jo am Hierscht, Jo an der nächster Bautekommissioun, Morgen, Morgen nur nicht heute sagen alle faulen Leute soen ech just dozou. D'LSAP wëll Landespolitik maachen ënner dem Slogan "Zesummen". Majo, hei zu Diddeleng ass den Thema Zesummen eng total eidel Hüls. Firwat hätte mir dann elo gären dee Relevé? Majo, an deem vum Schäfferot presentéierten Avis zu Koibestraachen steet grouss: "considérant que l'ensemble des terrains libres constitue une opportunité pour le développement d'un ensemble cohérent", wa mir wéissten, wou dann elo déi Terrains libres sinn, wa mir wéisste wouvunner mir géife schwätzen, da kéinte mir dat heite jo da matdroen, mä mir sinn an engem totale Flou a mir hätten eis och soss kënne Gedanke maachen iwwer d'Notzung vun den Terrainen.

Ähnleche Szenario: Et ass och net esou, wéi den Här Buergermeeschter ufanks gesot huet, dass keng Opposition vum Avis erakomm ass, mir hunn eng Opposition - Dir hutt et kuerz erwänt - vun der Firma Kuhn, déi behaupt, dee geplangten Tracé vum Bus à haut Niveau de service géing iwwer hiren Terrain fueren an net iwwer gemengeneegene Terrain. Wou solle mir wëssen ob dat richteg ass, wa mir net wëssen, wou d'Gemeng hir Terrainen huet? De Relevé vun de gemengeneegenen Terrainen a Gebaier, dee kréie mir Mokuchsdag wahrscheinlech. A firwat? Gëtt et eppes ze verstopen? Ass et net erwünschert dass d'Opposition sech hei konstruktiv abréngt an dass mir zesumme Projete fir Diddeleng ausschaffen? Anscheinend jo net. Léiwer gëtt mat Veräiner a Sponsore geschwat an deene Leit Terraine versprach awer déi 19 Gewielten heibannen, déi ginn am Flou gelooss an dat ass net gutt. E Slogan wéi „Zesummen“ ass ebe just e Slogan awer näischt wou an der Realitéit agehale gëtt.



Voilà, dat waren der CSV hir generell Remarquen zu den Avant-projets grand-ducaux obligatoires des plans sectoriels. An och zu deem net ganz etofféierten Avis vum Schäfferot, deen si eis hei virgeluecht hunn. Dat war eng Prise de position vun eis. Merci.

ROMAINE GOERGEN (DÉI GRÉNG): Merci Här Buergermeeschter, léif Kolleegen a Kolleginnen, viru véier Joer hat ech och schonns eng Interventioun gemaach zu de Plan-sectoriellen, déi deemools virlouchen. Deemools hat ech op d'Noutwennegkeet vum Aménagement du territoire higewisen. Haut ass dat méi wichteg wéi jee, Ressourcë gi knapp an et gëtt ëmmer méi kloer, dass mir net aus dem Volle schöpfe kënnen. Grad den Territoire vu Lëtzebuerg an och deen, deen eis als Gemeng Diddeleng zur Verfügung steet ass net dehnbär a mir kënnen keng Annex an der Luucht bauen. Dofir hu mir als Gréng ëmmer d'Meenung vertratt, dass net alles mat Aktivitéitszonen a Lotissementer verbaut kéint ginn, mir sinn agetruede fir eng verdicht Bauweis, fir Gréngs an der Stad a ronderëm. Mir hunn och laang dofir plaidéiert, e Grénggürtel laanscht d'Collectrice du Sud stoen ze loossen. D'Realpolitik an d'Entwécklung vun Diddeleng entsprécht wuel net ëmmer eise grénge Wonschvirstellungen. Dës Plan-sectorielle sollen elo Fläche bestëmmen fir Bebauung vun Haiser, ekonomesch Aktivitéiten, Transportcouloiren oder Landschaft an domat op eisen zukünftege Bauungsplang awierken. Déi Flächen, déi op de verschidde Plan-sectorielle fir Diddeleng zeréckbehale gi sinn, fanne gréisstendeels eis Zoustëmmung.

2014 sinn d'Plan-sectoriellen net a Kraaft getrueden, mä si si grondsätzlech iwwerschafft ginn. Déi deemoleg Pläng waren op vill Widerstand an de Gemenge getraff, an et war eng gutt Entscheedung se ze iwwerschaffen. Matsprooch vun de Gemengen ass gesicht ginn an d'Pläng sinn net octroyéiert ginn. Och fir Diddeleng ass den Ribeschpout als prioritär Urbaniséierung zeréckgeze ginn, während NeiSchmelz favoriséiert ginn ass als Äntwert op eisen deemolegen Avis. Beim Transport ass natierlech näischt méi einfach ginn an et sinn nei Aspekter dobäi komm. Raumplanung bedeit awer net just Zonen an e Plang faarweg androe mä et bedeit och, Terrainen ze blockéieren a Virkafrecht fir d'Gemeng ze sécheren oder souguer eng Utilité publique festzeleeën. Konflikter si virprogramméiert, wéi mir et schonns aus de Stellungnahmen eraushuelen, déi agereecht gi sinn an déi beim Dossier dobäi louchen.

Ech kommen dann elo zu de Plan-sectoriellen un sech. Mir hunn eis esou opgedeelt, dass ech mech ëm de Plan "Paysage" an de Plan "Transport" këmmere, an den Här Garcia iwwerhëlt de Plan "Logement" an de Plan "Activités économiques".

Beim Plan "Paysages" kann ech mech kuerzfaassen well mir d'Virschléi vun dem Plan sectoriel gutt fannen. Am Virschlag vum Avis fir de Gemengerot ginn d'Schutzzonen op deenen zwou Säite vun der fréierer Schmelz och begréisst, sou dass mir domat kënnen zefridde sinn. Et mécht Sënn, déi Gebitter, déi als Doggerstufen bezechent gi wéinst der Gestengsschicht vum Minett, als Landschaft ze schützen. Et handelt sech ëm d'Réserve naturelle Haard an, graff gesot, ëm de Ginzebierg a Roudebierg bis erof an de Greisendall. Des weidere fanne mir et och gutt, dass dat Gebitt ronderëm de Gehaansbiere als Coupure verte definéiert gëtt, fir dass wéinstens een Deel vun deem flotte Landschaftsbild erhale bleift. Och do si mir op der selwechter Linn wéi de proposéierten Avis.

Beim Plan sectoriel "Transport" gëtt et dann e bësse méi komplizéiert. Ech kann awer och gläich soen, dass dee virleienden Avis ausgesprache virsiichteg formuléiert ass, sou dass mir kaum eppes drun aussetze fannen. Fänke mer u mat der drëtter Spur op der Autobunn bis Bierchem. Mir wëssen, dass dat keng Patentléisung ass, dass mir et awer mussen acceptéieren am Hibleck op d'Sécherheet an dass mir doduerch manner Duerchgangsverkéier an eis Uertschaft kréien. Wa mir dat da mussen zähneknirschend unhuelen ass et zumindest en Troust, dass déi drëtt Spuer soll fir Leit reservéiert ginn, déi sech zu Fuergemeinschaften zesummeschléissen. Fir Taxien a virun allem fir Busser. Déi Terrainen, déi noutwenneg si fir de Couloir vun der drëtter Spuer vun der A3 ginn deen Ament als d'Utilité publique déclaréiert, grad sou wéi déi Terrainen, déi gebraucht gi fir d'Ausfaart fir Dudelange Centre ze erweidern. Et war beschloss ginn, dësen Echangeur ze erwidere fir d'Camionsbewegungen a Verbindung mat der Plattform Multimodal besser kënnen ze drainéieren. Domat si mir selbstverständlech och averstanen, well d'Optimiséierung vun den Opfaarten zumindest en Deel vum Verkéiersopkommis, besonnesch dat vun de Camionen, vun Diddeleng a sengen nördleche Staddeeler ewech hält.

Dësen Echangeur fir Diddeleng Centre rutscht op den neie Pläng vum Gesetzesprojet fir déi drëtt Autosspuer e Stéck no Süde fir d'Natura-Gebitt 2000 vum Wal ze verschounen. Dat ass jo ze begréissen awer dat kokasst un der Situatioun ass dann allerdéngs, dass op déi Manéier deen neien Emplacement fir den Echangeur bei e Gebitt fällt op dem viru Joeren eng national Bauschuttdeponie verhënnert ginn ass. Virun allem ass nach eng aner Baumoosnam an deem Projet mat virgesinn, där mir ganz kritesch begéien. Dat ass dee grouse Parking Relais, deen dann och niewent deen neien Echangeur bei de schützenswäerten Daerebësch, deen zum Natura 2000 Gebitt vum Ginzebiere gehéiert, gepreffert géif ginn.



Dëst wier e Park & Ride fir Frontaliere mat Pôle d'échange awer och mat grouse Parkplaze fir Camionen. Ech brauch jo wuel net ze soen, dass dëst net déi richteg Plaz ass fir esou e Parking, wéi den Här Buergermeeschter och vir-drun iwwerzeegend argumentéiert huet. Et gi sécherlech manner sensibel Plazen, zum Beispill an den Industriezonen, déi sech dofir géifen eegenen. Dofir kënne mir mat zwou Hänn déi zwee Ofsätz am Avis ënnerschreiwten, déi Reservé zu dëser zukünfteger Parkplaz umellen an op de Risiko vun zousätzlech Transitverkéier op där Plaz hiweisen.

Da komme mir zu de Punkten, déi den ëffentlechen Transport betreffen. Den Avis vun der Regionale Sud, vum Mouvement Écologique, deen drop hiweist, dass et komesch ass fir de Weste vum Minettsgébit en Tram-system virzegesinn a fir den Osten e Bussystem à haut niveau de service ass ganz aliichtend. Mir hunn hei och oft genuch bedauert, dass et mat den üblechen TICE-Busser ze laang dauert bis een op de Belval kënnt, a mir kënne dofir nëmmen begréissen d'Méiglechkeet vun engem sougenannten Südtram vu Belval bis Diddeleng an d'Aen ze faassen. Wann en Tramssystem bis Diddeleng sech als net machbar géif erweisen, wier e schnelle Bussystem natierlech eng Alternativ. Préiwe sollt een d'Méiglechkeet vun enger West-Ost-Verbindung vum Minett duerch Tram op alle Fall.

Natierlech muss een an engem Avis vum Diddelenger Gemengerot zu engem Plan sectoriel "Transport" och op d'Zuchverbindung mat Beetebuerg agoen. Schliisslech ass dëst jo de Wee aus eiser Sakgaass an d'Verbindung mam Rescht vun der Welt. Dass dës Verbindung net ëmmer gutt klappt, weess all Mënsch, dee mam Zuch fiert. Mir waren dofir frou, am Avis gläich zwee Ofsätz ze fannen zu eiser Zuchslinn duerch Diddeleng Richtung Beetebuerg. Engersäits gëtt proposéiert, eng Etude ze lancéiere fir eng Tramlinn, déi dann och géif déi Aktivitéitszonen am Norde vun Diddeleng bedéngen, anerersäits soll am Dialog mat den Diddelenger Bierger gekuckt ginn ob mir wierklech d'Barrièren an Diddeleng verschwanne wëllen doen an zum Deel duerch komplizéiert a städtebaulech desaströs Ënnerféierung wëllen ersetzen. De Fait, dass den Ofsatz zum Processus participatif iwwer d'Barrièren hei am Text zitéiert gëtt, ass fir eis en Zeechen, dass d'Diskussionen, déi mir als Gréng Diddeleng wollten ustoussen, geschwënn eng Kéier relancéiert ginn.

Schlussendlech si mir da bei de Vëlospisten ukomm a mat der Ubannung un Diddeleng un dat regionaalt Netz, dat zum Deel jo scho besteet oder awer a Planung ass. Schonns alleng, dass eppes vu Vëlospisten am Avis steet, ass e Fortschrëtt well am Avis vun 2014 guer näischt dozou virgesi war. Mir ënnerstëtzen dofir selbstverständlech d'Iddi fir och hei déi virgesinne Couloiren net

nëmmen als Virverkafsrecht ze gesi mä se och als Utilité publique ze klasséieren. Am Zäitalter vun de Pedelecs besteet fir de Vëlo sécher nach vill méi Potenzial fir kleng-a méttellaang Strecken. De Motto vun der Europäescher Mobilitéitswoch, zu där d'Gemeng Diddeleng iwwregens net esou vill bäidréit, heescht Mix and Move. De Vëlo eegent sech wonnerbar fir sech ze bewegen, ëmweltfrëndlech a flexibel an och fir mat anere Verkéiersmëttel gemixt ze ginn.

Et ass gutt virstellbar, mat gesécherte Piste bis op d'Beetebuerg Gare ze kommen an do mam Zuch weiderzefueren. Et ginn awer och scho sportlech Leit, déi vun Diddeleng bis an d'Stad fueren a bis op de Belval, dofir sollt eise Wonsch un all eis Nopeschuertschaften an déi Pistes cyclables, déi vun do aus bestinn, och kloer an eisem gemeinsamen Avis stoen. Mir schloe fir, den Uschloss un déi national Vëlosweeër ze präziséieren. Mir sollte soen, dass et sech dobäi engersäits ëm déi Vëlospist handelt, déi beim Rondpoint aus der Industriezone Riedgen ophält an déi bis wéinstens op de Kräizbierg sollt weider fueren. Bei dem Vëloswee, dee vu Beetebuerg kënnt an am Moment beim zukünftege Monster-Rondpoint ophält, sollt sécher gestallt ginn, dass e bis an den Agang vun Diddeleng féiert an och d'Aktivitéitszone Koibestraachen abënnt.

Ausserdem wollt ech drun erënneren, dass bei der Verkéiersersetüd fir den Raum Beetebuerg Diddeleng versprach ginn ass, vun dem besagte Rondpoint zwee Verbindungen zu Biereng ze maachen, Richtung Rue du Nord a Richtung Rue Albert Schweitzer. Et ass evident a mir hunn et oft genuch gesot, dass dës Ubannung un aner Uertschaften nëmmen en Deel vun engem Radwegenetz wier. Dat misst bannent dem bebaute Gebitt vun Diddeleng weidergoen, wann net duerch perfekt Vëlospisten dann duerch e Leitsystem ähnlech wéi dat fir d'Foussvolleek. E gudden Ufank wier dat am Avis d'Ubannung vun Diddeleng un Nopeschuertschaften genee ze ernimmen sou wéi mir et virschloen. Dat wier et fir mäin Deel. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci der Madame Goergen fir hir sachlech Stellungnahme. Déi nächst Riednerin ass d'Martine Bodry-Kohn.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Merci, och mir vun der LSAP hunn eis d'Dossieren e bëssen opgedeelt, ech wäert mech méi allgemeng halen an duerno Stellung bezéien zum Dossier Transport a Logement, an de Romain Zuang zu de Plan-sectoriellen "Zones d'activités économiques" a "Paysages". Voilà, no der Stellungnahme vun der Grénger Fraktioun a vun der CSV déi, bon, liicht demagogesch an net ganz konstruktiv war - et mierkt een, dass et zum Walkampf kënnt national an ech ver-



stinn och, dass se nervös sinn, mä et ass gutt wann een hei am Gemengerot zu Diddeleng erëm op de Buedem kënn an e bësse méi sachlech weiderdiskutéiert. Villäicht ass et och gutt fir kuerz an Erënnerung ze ruffen ëm wat et sech bei där Prozedur hei handelt, déi mir hei diskutéieren. Déi sougenannte Plan-sectorielle sinn e politesch Instrument fir d'Zukunft vun eisem Land ze gestalten. Fir Verschiddener wierkt dat immens technesch, besonnesch no bausse fir d'Bierger, déi dat heite verfollegen, herno am Schrëtlechen oder vläicht esouguer um Internet. Mä et ass immens wichteg, besonnesch och fir eis Gemengepolitiker, duerch eisen Avis, dorop Afloss huele wéi eis Gemeng, wéi Diddeleng sech soll entwéckelen a verännern. Virun e puer Méint ass d'Gesetz iwwer d'Landesplanung gestëmmt ginn, déi sektoriell Leitpläng sinn op dëser Grondlag an d'Prozedur erageschéckt ginn.

Am Moment gëtt un engem zweete Programme directeur vun der Landesplanung geschafft, deen eng allgemeng Visioun duerstellt iwwer déi laangfristeg Entwécklung vum Land. Mat dësem Gesetz gëtt net nëmmen d'Buedemnotzung festgeluecht, mä et ass ausserdeem och e juristescht Element, duerch dat de Staat sech de kommunale Bebauungspläng kann imposéieren. Ech kann op dëser Platz dem Schäfferot nëmme felicitéiere mat wat fir engem Engagement un dëse Plan-sectoriellen an dësem Avis, deen dës Majoritéit als Reaktioun op d'Gesetz iwwer d'Landesplanung well erarechen, geschafft ginn ass. Fir d'Leit dobaussen ass et och interessant, ze wëssen dass d'Landesplanung virgesäit dass eist Land an dräi grouss Entwécklungszonen agedeelt ass: Stad Lëtzebuerg, Nordstad an de Groussraum Esch.

An dëser leschter Zone gëtt et ausserdeem zwee weider Entwécklungszentren, dat ass Déifferdeng an Diddeleng, dee sougenannte Centre de développement et d'attraction. Dëst bedeit, dass mir solle besonnesch berücksichtegt gi bei der zukünftiger Entwécklung vum Land, den Investissementer, déi solle getäteg ginn, an enger méi grousser Roll, déi regional soll gespilt ginn. Dat an alle Beräicher, sief dat Infrastruktur, Transport, Logement oder Kultur. Diddeleng huet schonns ëmmer eng Virreiderroll gespilt an dat soll sech och net änneren. Essentiell ass et dass bei der Ausschaffung an der Gestaltung vun eiser schéiner Stad all Komponente vun enger gelongener Zukunftsplanung zesummekommen. Souwuel um nationale wéi och um lokalen Niveau ass Diddeleng a gudden Hänn. Et gëtt gekuckt fir Logement, Natur, Transport a wirtschaftlech Entwécklung ënnert een Hutt ze kréien an esou eng nohalteg Entwécklung vun Diddeleng ze assuréieren a parallel déi héichwäerteg Liewensqualitéit, déi mir hei zu Diddeleng genéissen,

ze erhalen. Wéi mir als LSAP schonn am Walprogramm stoen haten, si mir fir e vernünftege Wuesstem vun eiser Stad. Dës Majoritéit ënnerstëtzt dofir all legislative fir den Autosverkéier sou gutt wéi méiglech ze reduzéieren a setzt op den ëffentlechen Transport.

Fir eiser Roll als sougenannte Centre de développement et d'attraction hei am Süde gerecht ze ginn, setzen sech déi Verantwortlech am Diddelenger Schäfferot och dofir an, dass och de Staat seng Hausaufgabe mécht an Diddeleng berücksichtegt wann et ëm d'Schinnennetz, Autobunn, Buslinnen oder Vélosweeër geet. Och nei Modeller wéi Carsharing sollen hir Platz hei zu Diddeleng fannen. Op där anerer Säit awer muss een awer oppassen, dass nei Initiativen net zu enger Verschlechterung vun der aktueller Situatioun féieren. Mir begrëssen dofir ausdrécklech am virgeschloenen Avis, dass drop higewise gëtt a gewarnt gëtt, dass bei deem neien Opfänk-Parking bei Diddeleng Zentrum et net zu nach méi Traffic kënn an dass virun all Initiativ am Beräich Transport eng Studie gemaach soll ginn.

Wat elo d'Schinnennetz ubelaangt, sou begrëisse mir als LSAP ausdrécklech dass am Avis hei drop bestane gëtt, weiderhin no enger Léisung fir d'Verbindung Stad-Beetebuerg-Dudelange-Volmerange ze schafen. Ausserdeem freet de Schäfferot, eng Etüd ze maache fir eventuell en Tram zwëscht Beetebuerg an Diddeleng fuereen ze loossen, wat en enormt Potential hätt fir weider Quartiere mateneen ze verbannen, de Staatslaboratoire an d'Industriezonen zwëscht deenen zwou Stied. Eng weider Etüd, déi fir tëscht Diddeleng a Bieles, respektiv Belval wat jo dann och Universitéit bedeit, en Tram fuereen ze loossen, gëtt ausdrécklech begrëisst. Mir wäerten eis dann als LSAP och staark maache fir den Ausbau vun der direkter Zuchverbindung an d'Stad. Dës Majoritéit setzt sech dofir konsequent a fir den Ausbau an d'Vernetzung vun de Vélosweeër. Och op dësem Punkt dréit den Avis hei dëser Politik Rechnung.

Am Logement. Logementspolitik ass a bleift eng vun deene gréissten Erausforderunge vun eiser Zäit. Leider gëtt et awer keng schnell an och keng bëlleg Léisung. Fir als Gemeng zum Beispill um Wunnengsmarché aktiv ze ginn, muss ee virun emol virun allem Propriétaire vum Terrain sinn an déi Terraine mussen och als Bauland ausgewise sinn an als solch am Bebauungspläng vun der Gemeng vermierkt sinn. Lëtzebuerg wisst. Méi schnell wéi Wunnengen, besonnesch Sozialwunnenge gebaut kënne ginn. Eis Stad ass do keng Ausnam. Op där anerer Säit muss esou e Wuesstem gesteiert a koordinéiert ginn, besonnesch och am Beräich Logement. Fir d'LSAP war et ëmmer wichteg, hei zu Diddeleng eng sozial Mixitéit och ze garantéieren.



Mir wëllen, dass d'Leit hei zu Diddeleng, egal wéi ee Beruff, Hierkonft oder Portemonni si hunn, beieneen an nientenee wunnen. Dat ass de Charme vun Diddeleng, dat ass seng Stärkt.

No Verhandlung mat Arcelor Mittal am Juli 2016, nodeems endlech d'Propriétéitsverhältnissen gekläert waren, ass an enker Zesummenaarbecht mam Fonds de Logement de Quartier NeisSchmelz an Ugrëff geholl ginn. Op ongeféier 29 Hektar sollen hei laangfristeg ronn 1000 Wunnengen entstoen an engem Quartier, wou de Mënsch virun den Auto gestallt gëtt, nei Technologie fir eng héich Liewensqualitéit suergen an ausgeschafft vun exzellenten Architekturbureauen. Ausserdem ass Wäert drop geluecht gi fir e Mix aus Eegentum- a Mietwunnengen ze kreéieren, wat am Moment national en enorme Problem duerstellt. De Quartier NeisSchmelz wäert och e Pilot-Energiekonzept kréien an d'Prinzipie vun der Kreeslafwirtschaft ginn an d'Entwécklung integréiert. Diddeleng ass hei alt erëm senger Vierreiderroll gerecht ginn a weist mat deemem Projet, wéi een esou en neie Quartier mat ronn 1000 neie Wunnenge kann ausgesinn.

Och d'Erausfuerderung, déi den Traffic duerstellt, gëtt sech gestallt. D'Ubannung un den éffentlechen Transport an d'Schinnennetz, d'Gare Italie gëtt integral an deemem Konzept integréiert, ass hei essentiell a mir ginn als Diddelenger och net midd, eis iwwer d'Fraktionsgrenzen eraus dofir anzusetzen, fir datt Diddeleng weider hin an Zukunft och nach besser mat deenen aneren Entwécklungszentren am Süden an a Richtung Stad verbonne gëtt.

Wéi innovativ a kreativ dese Projet ass, kann een de Moment bewonneren an enger Ausstellung an der Hall Fondouq, wou ee ka gesinn, wéi et eis hei zu Diddeleng gelongen ass, déi Transitoun vun engem Industriestanduert no enger Industriebrach, hin zu engem zukunftsweisende Quartier mat enger héijer Liewensqualitéit ze bewerkstellige. Datt eis dat exemplaresch gelongen ass, beweist schon d'Tatsaach, dass de Projet erausgesicht gouf fir op der Biennale zu Venedeg virgestallt ze ginn als Virbild. Zum Projet NeisSchmelz gehéiert net nëmmen den Terrain zwëschent der Fohrmannsplatz bis op d'Grenz Richtung Frankräich, mä och en Terrain am Quartier Italien, deen hei am Projet net berücksichtegt ginn ass well dat e klengen Oubli jo war, wéi mir et virdrun héieren hunn. Am Avis gëtt dofir zu Recht gefuerdert, deen Deel integral an de Projet NeisSchmelz ze integréieren an och esou auszuweisen.

D'LSAP huet ëmmer vill Wäert drop geluecht, dass d'Ausschaffe vun deemem Projet op verschiddenen Niveauen stattfënnt. Op där enger Säit intensiivt Zesummeschaffe vun der Gemeng, Stad vun de Loge-

ments an Architekturbureauen, op där anerer Säit och mat de Bierger, d'Bierger zu Wuert komme loossen, fir hir Ideeë wa méiglech afléissen ze loossen, fir dass dese Quartier den Diddelenger hire Quartier gëtt, en neie Liewensraum, en neie Wunnvéierel, deen eis nach wäert laang an intensiv beschäftegen. Dofir war et fir eis als LSAP och wichteg, hei am Avis auszuweisen, dass dat absolut Prioritéit ass, den Ausbau vum Quartier Ribeschpout ass deemno net virgesinn. Och dat ass esou am Avis vermierkt. Haut ginn d'Veichen – an dat Wuertspill ass duerchaus zoutreffend – gestallt fir d'Zukunft vun Diddeleng, mir felicitéieren dofir dem Schäfferot fir säin Engagement an seng Hartnäckegkeet, vis-à-vis vun de staatlechen Institutoune fir d'Interesse vun Diddeleng an den Diddelenger Leit ze verrieden. Merci.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermieschter, zu de Plan-sectorielle "Paysages" déi Artikelen, déi Diddeleng betreffen, Grands ensembles paysagers, Coupure verte 27 Käl-Butschebuerg: déi sti jo net a Kontradiktioun mat eisem PAG a kënnen dofir och ouni Problem vun der CSV acceptéiert ginn. Wat awer fir Diddeleng déi gréissten Erausfuerderung gëtt bis 2035, dat ass den Transport. Op der A3 ass dat aldeeglecht Bild en héicht Camionsopkommes an aldeeglechen Stau zu de Spëtzenzäiten. Den Ausbau op dräi Spueren, den Émbau vum Echangeur Dudelange Centre an d'Fërdere vu Covoiturage a prioritaire Busspuere kéinten dat Bild änneren. Et ass also begréissenswäert, dass déi respektiv Couloiren an deemem Plan sectoriel virgesi ginn. Allerdéngs deele mir d'Suerg vum Schäfferot iwwer den Aménagement vum Echangeur an och vun deem Opfang-Parking, den an eisen Ae keng ganz gelongen Iddi ass, well se eben riskéiert op Naturschutzgebitter realiséiert ze ginn an zousätzlecht Verkéiersopkommes an eiser Stad ze begünstegen. Dofir fanne mir dat gutt, dass doriwwer am Projet vum Avis vum Gemengerot eng gewësse Skepsis ausgedréckt geet.

Diddeleng läit an enger Sakgaass, mir hunn dee lästege Barrièresproblem, eis Direktzich si bis op zwee gestrach ginn an trotzdem si mir jo awer eng Zone d'habitation prioritaire, dat heescht also, an deenen nächste Joeren, wann ëmmer méi Awunner an ëmmer méi Betriber op Diddeleng komme sollten, müssen all déi Leit an engem Minimum vun Zäit Richtung Beetebuerg oder eventuell Richtung Lëtzebuerg oder Belval befërdert ginn. Dat Verkéiersmëttel, dat eis dat géif erméigleche kënnen, kéint theoretesch entweder den Zuch sinn oder deen ominöse Bus à haut niveau de service oder en Train-Tram oder en Tram-Express, also en tramähnlecht Gefier.

Et ass also bei dese Plan-sectoriellen, wou déi richteg Weiche musse geluecht ginn, an déi néideg Couloiren



ugefrot ginn. Awer e gutt iwweperluechtent Konzept misst heihinner an dat misst mat Biergerbedelegung opgestallt ginn.

Dee Bus à haut niveau de service Est-Ouest schéngt der d'CSV keng gutt Alternativ ze sinn, och wann e bis elo eng ënnergeuerdent Prioritéit huet, mä wéi gesot, mir wëssen net, wéini d'Prioritéit 2 soll realiséiert ginn. Den Tracé féiert éischtens net vu Wuemereng aus mä vun NeiSchmelz, an da misst en op sengem Wee duerch den Zentrum laanscht d'Nuddelsfabrik an d'Kälerstrooss erop och nach e Couloir geschaf kréien an deem e prioritaire circuléiere kann. Wann eis Gemengeservicer an enger fréierer Diskussioun iwwe d'Vëlospisten awer scho gesot haten, de Gabarit vun eise Stroosse géif keng zousätzlech Spuer erlaben, da gëllt dat jo wuel a gréisserem Mooss fir de BHNS. Dobäi kënnt dee Problem, deen ugeschwat gouf vun engem Wunnengsbauprojet um Terrain vun der fréierer Acomé, deen duerch de Projet hypothekéiert gëtt. Well Diddeleng jo awer eng Stad mat erkläertem Besoin vu Wunnengswesstem ass, mécht dat net vill Sënn. Dem Staat seng Responsabilitéit ass also gefrot. D'Noutwennegkeet vun engem tramähnleche Gefier schielt sech a leschter Zäit ëmmer méi eraus. D'Barrière géifen ewech falen ouni dass dofir déifgräifend urbanistesche Aschnëtter an eis Bausubstanz néideg wieren.

D'Kadenz an d'Kapazität géifen eropgesat ginn. Interessant wier jo an enger éischer Phas en Tram vu Wuemereng op Beetebuerg, deen op dem gläiche Quai zu Beetebuerg ukënn wéi de Stater Zuch, sou dass dat lästegt Ëmsteigen ewechfale géif. Et kéint een sech och hanner Biereng eng Art Pôle d'échange virstellen, vun deem aus ab 2024 vum Tram op Direktzich an d'Stad kéint ëmgeklomme ginn. E schnellen Tram an d'Stad sou wéi en am Programm Modu tëschent Lëtzebuerg a Belval geplangt ass, ass eng Utopie fir Diddeleng, dofir ass d'Zuel vun den Reesenden, déi momentan op 2500 Persoune geschat gëtt, net héich genuch. Awer d'Iddi vun esou engem Tram express wéi een se liese konnt, wier interessant. Den Tram kéint vu Wuemereng bis hanner Biereng, duerno Richtung Wolser a Koibestraachen fueren, duerno laanscht d'A13 op Käl, wou eng weider Zone d'habitation prioritaire geschaf gëtt. Vun do aus op Schëffleng an op de Pôle d'échange op Foetz, dee geplangt ass, a vun do aus kéint ee mam Tram rapide op Belval oder an d'Stad fueren.

Fir eis Plan-sectoriellen ass awer elo de grouesse Problem, dass mir nach kee valabelt an nohaltegt Konzept hunn, sou dass een net weess wou a wéi eng Korridoren ee reservéiere misst. Bis elo sinn op der A13, esou wéi ech déi Plan-sectorielle gesinn hunn, keng Korridore virgesinn. An esou laang kee Konzept do ass, misst een

den Text vum Avis e bësse méi generell halen an net vun engem Tram schreiwen, mee villäicht éischer vun engem tramähnleche Gefier schwätzen, sou wéi en Tram assimilé zum Beispill. Wichtig fanne mir et och, dass den Text vun eisem Avis schnellstméiglech Biergerdiskussioun fuerdert. Ze kläre bleift ausserdeem ob d'TICE-Linne 4 an 5 an d'RGTR Linnen 305 an 207 um Horizont 2035 nach fir Diddeleng gebraucht ginn.

Entgéint der Versioun vun 2014 vun de Plan-sectoriellen obligéiert d'Mouture 2018 d'Gemeng net méi dozou, kommunal Vëlospisten ze schafe mä si erméiglecht eis den Uschloss un national Vëlospisten. Dat wäert eis dann och méi bëlleg ginn. Eisen Avis gesäit deemno och vir, dass mir den Uschloss un national Vëlospiste froen, wat eng gutt Saach ass. Merci.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Merci Här Buergermeeschter, ech wollt dann nach eng Kéier op de Plan sectoriel "Zones d'activités économiques", also de wirtschaftlechen Deel, an op déi puer net onwesentleche Entwécklungen, Neierungen an Ännerungen agoen. Ugefange mat der Zone d'activité nationale Koibestraachen hannert dem Statslaboratoire. Dës Zone, déi ugangs fir haaptsächlech déi Firmen a Betriber, déi am Beräich vun der Gesondheitstechnologie schaffe geduecht war, kritt eng gréisser Ausriichtung an zwar kommen och elo Betriber, déi am Beräich vun der Technologie an Informatioun, Kommunikatioun, IT-Beräich tätég sinn, dohinner: Sou gëtt eng Panoplie vu méigleche Betriber fir dës Zone d'activités nationale méi grouss, et kënnt domat eng Geleeënheet fir e kohärenten Ensemble vun Aktivitéiten.

Da soll laanscht d'Limit vun der Zone Koibestraachen an der Collectrice de Schallschutz amenagéiert ginn, wat jo och den Awunner vu Ribeschpont zegutt kënnt. Wat och ze begrëissen ass, dat ass, dass an der westlecher Verlängerung vu Koibestraachen hin zu der Nærzenger Strooss eng regional Aktivitéitszone vu 7 Hektar ugeduecht ass, déi un déi vun der Beetebuenger Gemeng geplangte Zone géif stoussen. Hei läit den Accent regional, vu dass d'Gemengen an esou Zone méi Flexibilitéit beim Choix vun de Betriber, déi sech usidele wëllen, huet, respektiv hunn.

Ze begrëissen ass och, dass Scheleck 1 an 2 - fir Diddeleng ass dat haaptsächlech nëmme den Deel Scheleck 1- keng Zone d'activités nationale méi soll sinn, mä zu enger Zone d'activités communale ëmklasséiert soll ginn, wat der Gemeng erlaabt autonom ze bestëmmen, wéi eng Betriber sech usidele kënnen.

Eng sënnavoll Iddi, wéi och d'Ëmklasséierung aus der Zone industrielle vum Greisendall an eng Zone transfrontalière wier eng Opportunitéit fir d'Entreprises, notament



franséischer, hei an där Zone e Standbeen unzesidelen, deen et erlabe kéint, dass manner Mataarbechter sech géifen Dach an Dach aus sech a Richtung Stad duerchschlängelen an iwwer d'Autobunn quäle missten.

Finalemant si mir als LSAP frou, dass mir de Centre commun de secours CIS fir d'Gemenge Beetebuerg an Diddeleng op eisen Territoire kréien. Vu dass deen awer an d'Zone nationale Riedgen komme wäert, muss do eng punktuell Modifikatioun ugefrot gi fir eng Zone mat öffentleche Gebaier an Equipementer. Eiser Meenung no läit den Terrain do gutt, well d'Interventiounen souwuel op der Autobunn stattfannen, wéi och iwwer e gudden Accès vum Riedgen aus laanscht de Beetebuenger Park bis op Beetebuerg sënnvoll an ouni weider Problemer ka stattfannen. Voilà, mir felicitéieren dem Schäfferot fir d'Ausaarbechtung vun dem heite Plan sectoriel. Merci.

ROBERT GARCIA (DÉI GRÉNG): Merci, meng Virriednerin ass jo schonn op den Historique agaangen an ech sollt eigentlech just iwwer de Plan sectoriel "Logement" a "Zone d'activités économiques" schwätzen, ech wollt awer e kuerzen Aworf maache well virdu beim Courier konnt ee jo net reagéieren an dofir wollt ech elo reagéieren op dat wat de Buergermeeschter am Kader vun der Rubrik "Courier" gesot huet. Ech wëll soen, dass - ech hu mech iwwerengs drun erënnert, dass mir 1999 als Gréng am Süden am Walkampf en Dépliant verdeelt hunn, tous ménages mat engem Plang vun engem Tram, deen do doduerch leeft an ech ka mech esouguer erënneren, deemools war virgesinn, dass en duerch d'Hall des soufflantes soll lafen an dat wier och dann de Minettstram gewiescht.

Mä ech wollt awer kuerz reagéieren op dee Virwurf, dass de Biergerbedeelegungsprozess, dee mir jo u sech virgeschloen haten, verzögert gi wier duerch de Ministère. A well dat heite jo eng Live-Sendung ass, hunn ech dem Här Bausch dat och Live matgedeelt an dee reagiert folgendermoossen hei per Handy: "Éischtens, eng Biergerdiskussioun zu engem Projet wou et keng seriéis Etüde gëtt, ass total onseriéis. Ech hunn dem Här Biancalana gesot, dass se fir d'éischt misste seriéis Analysen a Berechtigung maachen iwwer all Systemer a Varianten. Zweetens hunn ech him gesot, dass ech näischt dovunner hale wéi onvirbereet en Owend matten am Walkampf ze organiséieren well dat just zu enger onproduktiver Surenchère géif féieren tëschent Parteien a Kandidaten. Drëttens, op dem Owend vum 3. Oktober wäert hie komplett an enger sachlecher fundéierter Analys op déi Mobilitéit agoen an Dir sidd also alleguerten agelueden, dohinner ze kommen." Ech wollt e kleng Live-Bäitrag maachen. Et muss ee mat den neien Technologie matgoen.

Zum Plan sectoriel "Logement", do ass net vill ze soen, et ass evident, dass dat en Oubli war, deen de Plan sectoriel am Kader vum PAG NeiSchmelz opzeweisen huet an et ass elo wichtig, dass do Rechnung gedroe gëtt an dass effektiv d'Secteuren Nord an Italie mussen an de Plan sectoriel abruecht ginn. Ech wëll net nach eng Kéier deen Dossier NeiSchmelz opwiermen.

Zum Plan sectoriel "Zone d'activités économiques", hei sinn déi virgeschloen Adaptatiounen schonns méi emblematesch wéi en einfachen Oubli. Ech komme fir d'éischt op Koibestraachen ze schwätzen. Déi Zäiten, wou mir als Gréng eis fir de faméise Grüngürtel ronderëm Diddeleng staark gemaach hunn, sinn natierlech Tempi passati a vun der Realitéit ageholl ginn. Dat verhënnert net, dass een sech dofir asetzt, dass an deem mëttlerweile ugeknabberte Grüngürtel trotz allem nach e Maximum vu Gréngfläche soll bleiwen an déi sollen och den Androck attenuéieren, et géif een sech hei am Rotterdamer Hafe befanne wann een zu Diddeleng ass. Dofir fanne mir déi Reflexioun, dass déi projetéiert nouvelle zone spécifique op Koibestraachen niewent dem Labo soll mol am Kader vum neie PAG nei iwwerluecht an iwwerduecht ginn, eng ganz gutt Iddi. Besonnesch eng méi profund Reflexioun am Hibléck op eng Coulée verte mat am Hannergrond der imperativer Schallisoléierung an der Mobilitéit douce schéngt eis als ganz sënnvoll. Dofir kënne mir d'Propositoun vum Schäfferot eis zu eege maachen.

Dann d'Zone d'activités économiques régionale, do gëllt déi selwecht Reflexioun wéi fir Koibestraachen. Säit gefillte Jorzéngte triede mir Gréng dofir an, dass endlech déi lokal a regional Betriber, déi och säit gefillte Jorzéngten déi selwecht Demanden hunn, an och schonns zum Deel anerwäerts geplënnert sinn, Geleeënheet kréien, sech ausserhalb vum Stadkär ze etabléieren. Nach am leschte Walprogramm si mir dofir agetrueden, dass en Deel vun der nationaler Aktivitéitszon, déi schonns säit real gefillte Jorzéngte brooch louchen, géif fir regional Zwecker ëmklasséiert ginn.

Leider huet de Wirtschaftsminister a sengen heroeschen Efforten, Budgetefforten an den Aarbechtsmaart vun senger griichesche sozialistesche Kollegen, nach méi futti ze maache wéi den FMI et schonns mécht, eng Stoffisfabrik dohinner gelackelt an hinnen esouguer hannert dem Réck vun der Öffentlechkeet den Terrain verhëckert, sou dass keng regional Orientéierung méi do méiglech ass. Dofir huet déi Léisung fir da vun engem klengem Handdich um Beetebuenger Terrain eng regional Zone zousätzlech ze maachen, e liichten Hannergeschmaach no ranzegem Yoghurt. Nichtsdestotrotz kann een elo net de sauere Yoghurt als Virwand huele fir géint eng Initiativ ze sinn, déi finalement interessant Corollairen huet.



Engersäits géif dat Handdouch vun 1,14 Hektar vun der Beetebuerger Gemeng den Ament als Mini-Aktivitéitszone am Raum hänken, mat där ee géif finalement riskéieren en iwwerproportionéierte Verkéier par rapport zu engem limitéierte Champs d'action fir d'Aktivitéiten ze generéieren. Wann een awer elo géif déi 7,15 Hektar vun enger projetéierter Regionalzone op Diddelenger Terrain dobäi huelen, da kritt dat Ganzt schonns méi eng Masse critique. Allerdéngs muss een sech d'Fro stellen, wéi ee ka vermeiden, dass en zousätzlecht Verkéiersopkommes d'Näerzenger Strooss géing zousätzlech belaaften. Zum Beispill wier eng gréng oder rout Bréck iwwer d'Collectrice tèschent Wolser an der neier regionaler Zone vläit eng Léisung. Déi gi jo hautdesdaags an engem Weekend installéiert. Oder et muss een de Verkéier laanscht de Labo leeden, wat den Tëntefesch-Rondpoint dann nach méi belaaft, dat ass also eng Affaire à suivre am Kader vum PAG. Trotz deene Bedenke mengen ech kënnen eisen Accord fir déi Remarque an och fir déi Reflexioun am Kader vum PAG ze ginn.

Villäicht nach eng Remarque, déi net direkt zum Text vun der Stellungnahm vum Gemengerot steet mä zum Schreiwes vum Ministère de l'Economie, dat jo och am Dossier läit. Dat Schreiwes betrëfft e weidert Handdouch an zwar dat zwëschent der regionaler Zone mat de wiesselnden Transportfirmen op Beetebuerger Terrain an dem Recyclingzenter vum STEP. Wann Diddeleng dat elo géif als zousätzlech lokal oder regional Aktivitéitszone notzen, wéi de Ministère de l'Economie et suggeréiert, kéint een à la limite just d'Extenssioun vun engem bestehende Betrib an d'A faasse wëll fir en neie Grousse géif et wahrscheinlech e bëssen enk ginn. Dofir froe mir eis, ob et net méi sënnavoll wier, mëtten an der Betons- an Asphaltwüst an der Entrée vun Diddeleng einfach eng ongenotze Gréngfläch mat héije Beem ze loossen. Ech wonnere mech heiansdo, wann ech am Ausland duerch Industriezone fueren, datt et do Beispiller gëtt, wou déi elle Metallhalen hannert engem Écran vun üppeger Natur verschwannen an esou aus der Industriezone éischter en Industriepark maachen.

Villäicht misst do op nationalem Niveau eng Reglementatioun agefouert ginn, déi souwuel der Ästhetik vun der Landschaft wéi dem Wuelbefanne vum Personal vun den Entreprisë géing zegutt kommen. Villäicht wier esou en Ilôt vert niewent dem Multimodal e flott Beispill a wann d'CFL dann nach géif Solarpanneauen iwwer hire Camionsparking spanen, da bräicht ee keng Fläche méi fir Solarpanneauen ze afferen. Dat wollt ech just als Gedankenunstouss lass ginn.

Zum Schluss kommen ech da bei de Greisendall, dat ass jo och last but not least super interessant. Vill Leit hunn sech jo schonns ëmmer gewonnert firwat dass de

Greisendall net am Deal tèschent Arcelor Mittal an dem Staat an der Gemeng am Kader vun NeiSchmelz ageschmolz gouf. Dat wier jo nëmme logesch gewiescht an hätt dem Developpement vun der Partie "On dirait le Sud" vun Diddeleng méi en ofgeronnenen an definitive Charakter ginn. Bei den Diskussiounen ronderëm NeiSchmelz ass och ni esou richteg erauskomm firwat sech d'Arcelor dat Filetsstéck op d'Säit geluecht huet. Eventuell als Réserve foncière fir entweder e Locataire industriel ze fannen, oder fir selwer am Developpement aktiv ze ginn? Jiddefalls léist déi muskléiert Actioun, wou direkt mat Avokado op Spatze geschoss gëtt, ahnen, dass hei nach munches am Busch sëtzt. En attendant, dass do mol méi Transparenz an déi okkult Machenschaften vun der Arcelor bruecht gëtt, géife mir déi Proposition fir eng Etude de faisabilité an Optrag ze ginn ënnerstëtzen.

Mir géifen awer villäicht 2 Ajoute proposéieren. Mir géife soen "étude de faisabilité sur l'utilisation du site, notamment sur la création", well et weess een net, dat kann nach Jorzéngten daueren an och do eng aner Prioritéit ass vun enger Aktivitéitszone op där Platz, dofir géife mir dat e bësse méi oploossen an der Affektatioun a mir wollten dobäi setzen, well do awer eng emblematesch Industriehal ass, déi bal esou grouss ass wéi d'Hall des soufflantes, kéint ee vläicht proposéieren an där Etüd, dass een do kéint ënnersichen ob ee kann e Maximum vun deene bestehenden Industriehalen an dee Site integréieren, e bëssen esou wéi et mat dem Walzwierk op NeiSchmelz geschitt ass. Mat dese Virschléi kënnen mir dann och déi Resolutioun vum Gemengerot matdroen. Merci.

SYLVIE ANDRICH DUVAL (CSV): Merci, ech wäert kuerz op de Beräich vun den Aktivitéitszonen agoen. Aktivitéitszonen ass net nëmme e wichtege Pilier fir eis national an och eis lokal Wirtschaft, mä déi Aktivitéitszonen schafen och Aarbechtsplazen a wa méiglech fir déi Leit, déi och do oder an deem Ëmfeld wunnen.

Mä si sollen awer net nëmme fir grouss Entreprises zur Verfügung stoen, mä si sollen a mussen och garantéieren, dass laangjäreg kleng- a mëttelgrouss Betriber och hir Aktivitéite kënnen weider féieren, wann se schonns méi laang hei an der Gemeng ugesidelt sinn. Dat ass an der Vergaangenheet net de Fall gewiescht an dofir wëll ech och kuerz erwänen, et ass och schonns gesot ginn, eng weider ëmstridde Fro bleift déi Zone vun de Koibestraachen, well wann et elo eng national Zone ass, dann ass et natierlech keng kommunal Zone méi, an och wa mir den Avis vum Schäfferrot deelen, dass déi Saach vun dem Gréngpuffer eng ganz wichteg Saach ass, well an deem Eck do sinn d'Awunner scho mat munchen Nuisancë belaaft, ugefange vun CFL Multimodal mat Liichtverschmutzung,



wat den Traffic ubelaangt, wou elo dee Rondpoint dat soll e bësse méi drainéieren, mä och wéi gesot de Kaméidi, dat ass net onwesentlech, wann do och Aktivitéitszone méi no bäi sinn. An dofir ass dat eng wichteg Saach, a wann ech mech ka richtig erënneren, hate mir dat dote schonns diskutéiert bei dem PAP, wéi mir en hei ofgestëmmt hunn, dass et wichteg wier, do e klenge grénge Puffer ze halen. Elo schwätze mir hei vun enger regionaler Zone, déi virgesi géif gi bis d'Näerzenger Strooss, wou och dann zesumme mat Beetebuerg muss geschafft ginn, wat jo och positiv ass, mä ech wëll och just drop hiweisen dass mir als CSV-Fraktioun schonns zanter Joeren de Virstouss gemaach hunn an ëmmer erëm gesot hunn, et sollt een d'Stéchstrooss maache bis d'Näerzenger Strooss erop fir den Areal do besser kënnen ze desservéieren, fir dass eben net alles do laanscht déi Strooss vum Ribeschpont eropfiert.

Meng Fro un de Schäfferot ass awer déi, ass sech dann hei iwwerhaupt schonns concertéiert gi mam Schäfferot vun der Gemeng Beetebuerg wat eventuell do déi zukünfteg Aktivitéiten ubelaangt, well do misst jo dann e Syndikat gegrennt ginn. Ass do iwwerhaupt schonns Kontakt opgeholl ginn oder hu mir déi heiten Decisioun geholl an si huelen dann hir fir sech a mir wëssen net wéi mir dat sollen zesummen organiséieren?

Bon, dann de Volet vu Scheleck 1 an 2, ech mengen, dat kann ee begréissen, dass dat elo éischer soll eng kommunal Zone ginn. Meng Fro, à moins datt ech dat net richtig verstanen hunn: Dat heescht, dat gött keng regional Zon, wou mir eis géife mat Beetebuerg zesummen doen, mä bleibt reng kommunal, well do si mir jo och da Meeschter driwwer. Ech hannerfroen zwar dann, well d'Approche vun der Regierung war déi fir ze soen, et soll een esou wäit wéi méiglech kommunal Zonen evitéieren, mä se éischer als regional Zone fir eng Zesummenaarbecht op interkommunalem Niveau unzestriewen, plangen. Firwat also hei elo de Choix fir dat just op kommunalem Niveau zréckzebehalen?

A meng Fraktiounskolleegin huet et och schonns gesot, obschonns d'CSV dat wéi oft hannerfrot huet, wësse mir nach ëmmer net wéivill Terrainen der Gemeng insgesamt gehéieren, zemools wat den Ausbau do vun den Aktivitéitszonen ubelaangt, wéi gesot, Koibestraachen an effektiv och Scheleck. Mä insgesamt och zu Diddeleng feelt eis hei als Gemengerot den Iwwerbléck an dat wier wichteg ze wëssen, wéinst eise lokale Betriber an et ass gewosst, dass net deen éische Betriber schonns fortgaangen ass, ech mengen, dat ass en oppent Geheimnis, deemools fir de Sanichauer hat d'Gemeng einfach keng Surface fir hinnen unzebiden. Och deemools d'Acomé, do war déi selwecht Situatioun, dat läit nach méi laang zeréck. Dat ass eng verfeelte Politik,

déi hei gemaach gouf an et ass mir zu Ouere komm, dass elo e weidere Stackbetrib hei zu Diddeleng nei Méiglecheete sicht fir sech auszeweiten an dass d'Gemeng deem och näischt ka ginn. Et ass e wichtige Baubetrieb hei vun Diddeleng, deen sech och net kann ausweiten, dofir wollt ech hannerfroen wat elo de Konzept ass vum Gemengerot an deem dote Volet.

Wou ech och ka menge Fraktiounskolleegen nëmme bäiflichten, dat ass dee Flou, deen d'Ulagerung vun eisem Spidol belaaugt, ech konstatéiere just als CSV, dass den Spidolspang gestëmmt ass, d'Südspidol ass entretemps och gestëmmt, an d'Fro wou mir eventuell déi medezinesch Grondversuergung fir eis Diddelenger Bevëlkerung kënnen usidelen, déi steet awer an der Loft. Den Här Buergermeeschter huet sech viru kuerzem an engem Artikel ausgeschwat dofir, dass et him immens wichteg wier, dass Diddeleng géif eng medezinesch Grondversuergung behalen, well och laut Spidolspang lokal Antenne méiglech sinn, fir déi ze schafen. Or, mir wëssen net wat mat dem aktuelle Gebai geschitt vum ale Spidol. Do sinn zwar Verhandlungen ugedeit gi fir eventuell eng Struktur fir dement Leit ze schafen, mä zur gläicher Zäit huet de Buergermeeschter och an deem Interview gesot, et wier eng Machbarkeitsstudie ënnerwee well et net sécher wier ob d'Gebai sech géif eegenen an ob et net misst ofgerappt ginn. Also nach eng Inconnue dobäi an och d'Fro vun enger eventueller neier Polyklinik op Diddelenger Buedem, déi hänkt grad esou an der Luucht.

Wa mir am Ufank rieds hate vu Koibestraachen, wou mir dann definitiv den Anschluss verpasst hunn, da war bei den Diskussiounen iwwer d'Emännerung vum PAG am Kader vun NeiSchmelz kuerz eng Undeutung komm vum Här Buergermeeschter, dass et eventuell méiglech wier op deem Areal eng Polyklinik ze maachen. Awéifern och nieft deem neie Volet vun de Kommunikatiounstechnologien um Niveau vun de Koibestraachen elo eng Polyklinik dohinner komme géif, dat steet jo dann och an der Fro. Ass do nach Verhandlungssputt mat der Regierung oder wéi gesäit dat aus?

Zum Vote, mir fannen net, dass dat doten onbedéngt Zukunftsvisioune sinn, well wa mir Terraine festleeën an Avisen dovun ofginn a mir hu kee Konzept hannendrun, dat ass net gutt. Op jiddwer Fall menge mir, dass de Schäfferot hei net offensiv genuch virgaangen ass.

Ech wollt och nach eng kleng Remarque zum Schluss maache wat d'Wunnengsraumplanung ubelaangt, do muss ech soen, dass et éischer Chance ass fir d'Gemeng Diddeleng, dass se kann op vill Terraine vum Staat zeréckgräifen, respektiv vu Privatpromoteuren, well hei ass och blutnéidege Wunnraum, deen hei geschafft gött, well d'Gemeng och Joere laang keng



Terrainen opkaaft huet fir eegene Wunnraum ze schafen. Mir begréissen natierlech als CSV, dass do Damp hannert de Projet NeiSchmelz kënt, fir déi Iddien all ze realiséieren, déi mir net nëmmen zu Diddeleng, mä och hei am Land brauchen. Opgrond vun deene Remarquen, déi ech elo gemaach hunn, respektiv och hei vun de Membere vun der CSV-Fraktioun, der Madame Kayser an och dem Här Gangler, muss ee gesinn, dass eng Rei Onkloerheeten sinn, an och dass deen Avis hätt kënne méi Saache kloer ervirhierwen a wéi gesot, mir wëssen net iwver wéivill Terrain d'Gemeng verfügt. Et feelen och bis zum Schluss ausgeduechten Approchen, wat déi medezinesch Grondversuergung ubelaangt, respektiv de CGDIS, do ass jo eng Alternativ just an d'Diskussioun geworf ginn. Mä och beim Transport bleiwen eng Rei Inconnuen, wou sech muss mat der Biergerbedeelegung kloer ausgeschwat ginn, respektiv och déi Studien, sou dass mir insgesamt keng kloer Vue hunn an dofir wäerte mir eis als CSV par rapport zu dem virleienden Avis enthalten.

YVES JADIN (DÉI LÉNK): Merci, de Virdeel ass wann een als leschte schwätzt, da brauch een net esou vill opzezielen. Ech soen lech direkt, déi Lénk wäerten ëmmer géint den Ausbau vun der Autobunn sinn op dräi Spueren. Ech géif lech gären an dësem Kader de Braess-Paradoxon erklären, mä dat hält zevill Zäit ewech. Dann ass eis och opgefall, dass wéinst dem Ausbau an der Modifikatioun vun der Opfahrt Diddeleng Centre Richtung Stad, dass do d'Autobunn ganz no un de Wal erurutscht. Do sinn och verschidde Beem, déi ewech falen, ech géif do gäre proposéieren, dass een do kéint iwver déi Planung schwätzen. Ob een déi Opfahrt net kéint anescht maachen.

Zum Parking Relais, dee soll bei d'Entrée vun Diddeleng kommen, do ginn ech de politesche Responsabele Recht. Do misste mir wierklech eng Garantie kréien, dass mir net nach méi Verkéier kréien. Wat ech awer net verstinn, ass dass do Camionsparkplaze geschaf ginn, firwat ginn déi Camionsparkplazen iwverhaupt gebraucht? Ass dat just déi Zäit wou d'Camionen net dierfen an eis Nopeschläner fueren? Dat fannen ech iergendwéi komesch.

Dann de BHNS, de sougenannte schnelle Bus, wann ech den Trajet esou gesinn, wéi deen duerch Diddeleng fiert, da froen ech mech, kann dee schnelle Bus net zum Schleck ginn? Just dass e Schleck de Reflex huet, dee schnellste Wee ze sichen. A fir déi Lénk kann an dierf et net sinn, dass sou e Projet wéi de BHNS d'Kreatioun vu Logementer a Fro stellt. Wéi mir schonns e puermol gesot hunn, sti mir zu 100% hannert der Fuerderung vun der Gemeng vis-à-vis vun der CFL an dem Ministère, endlech eng kohärent Verbindung zwëschent der Stad, Diddeleng a Beetebuerg ze kréien? Dat soll jo kommen. Mä firwat

net direkt – wéi et am Avis gefrot gëtt - Richtung Train-Tram oder Tram? Ech kann lech och sécher assuréieren, dass wa mir de Biergerforum maachen iwver d'Mobilitéit, dass d'Diddelenger do wäert soen, mir si benodelegt vis-à-vis vun Esch well do ass schonns eng Etüd amgang. An och wann de Service herno mat der CFL géif klappen, da géifen och méi Leit den Zuch oder den Tram huele fir an d' Stad.

Dann de Rondpoint Galvalange, do hate mir schonns eemol gefrot, do gëtt et eng Stéchstrooss vun der N31, uewen déi op der Näertzenger Strooss erauskënnt. Mir haten schonns eemol gefrot firwat déi Strooss zou ass, an dunn huet den Här Buergermeeschter erkläert, dat wier aus Securitëitsgrënn an dass een net duerch eng Zone industrielle soll fueren. Mir sinn awer nach ëmmer der Meenung, dass déi Strooss soll nees an d'Verkëiersplanung erakommen, dass se erëm soll opgemaach ginn, wat et eis géif erlaben, dass all déi Leit déi wëlle Richtung Nærzeng fueren, oder Kayl, dass déi net mussen iwver d'Lëtzebuurger Strooss duerch Diddeleng mussen heem- oder erausfueren.

Vëlosweeër ass endlech en Thema hei zu Lëtzebuerg, dat fanne mir ganz gutt. Leider sinn des Weeër oft net matenee verbonnen an dass een da muss a geféierleche Situatiounen iwver d'Strooss fueren. Ech ginn lech en einfacht Beispill. Et ass dee flotte Vëlosweeër laanscht d'Husky, mä fir dohinner ze kommen... ! Wann een do um 5 Auer mëttes oder moies wëll op dee Wee kommen, da muss een iwver eng Hauptstrooss fueren, déi ongeféier 300 Meter vun enger Op / Offahrt vun enger Autobunn laanscht geet. Dat ass net evident. Als eenzel Persoun kënnt een do laanscht, mä wann ee mat Kanner oder esou do fiert, da gëtt liewensgeféierlech. Do misst och eemol en Avis gemaach ginn, dass déi Vëlosweeër och matenee verbonne ginn.

Zum Schluss wëll ech awer och der Madame Kayser recht ginn, mir hu schonns e puermol gefrot fir eng Lëscht ze kréie wat fir Terrainen der Gemeng Diddeleng gehéieren. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci dem Här Jadin. Soss nach Stellungnahmen? Dat ass net de Fall, da soen ech Merci fir déi verschidden Stellungnahmen, mir géifen dann elo drop agoen an ech géif fir d'éischt hei dem Chantal Zeyen an dem Cathy Mambourg d'Wuert iwverloosse fir op deen een oder aneren Detail, Fro oder Stellungnahm anzegoen, déi méi techescher Natur sinn an ech géif dann dee méi politeschen Deel iwverhuelen.



CHANTAL ZEYEN (ARCHITEKTIN): Éier mer kënnen de Plang huelen, géif ech mat der Industriezone ufänke well d'Madame Kayser do gesot hat, an et ass och nach e puermol erëmkomm, wat elo déi Ausweisung ass. De PAG, déi Faarf steet elo net an der Legend dobäi, mä dat doten dat hu mir gemaach opgrond vum PAG vun haut, dat ass elo net deen, wou mir amgaang sinn drun ze schaffen. Dat heescht, mir gesinn hei de Ribeschpont, déi iewescht Strooss, an déi dote Faarf ass haut am PAG mat dran an hei sinn d'CA, dat sinn déi kommunal an dat do ass eng "différée communale". Dat ass also esou wéi de PAG du gemaach gouf an dat huet sech och ni geännert, am Géigesatz zum Multimodal, wou eng Kéier e konkrete Projet war, do ass dat ugepasst ginn. Hei ass och d'Op-fahrt ugepasst ginn, mä dat heiten ass ni geännert ginn, och wann et 2014 schonns d'Iddi war vun der nationaler Zone am Beräich Santé, dann ass dat jo ni verwierklecht ginn, ausser dass elo fir de Labo selwer eng Modification ponctuelle gemaach gouf fir dass dat dohinner gepasst huet, war am Fong dës Zone ni national. Si ass also am PAG vun Diddeleng eng "zone communale différée", do ass deemools gesot ginn, OK, dat heiten ass e Beräich, dee wëlle mir huele fir Aktivitéitsberäicher mä mir loossen eis awer d'Zäit op fir dat ze analyséieren.

An der Zweschenzäit war dann och am Kader vum Entwécklungsplang ëmmer gesot ginn, mir brauchen hei eng Verbindung Ost-West, dann ass och gesot ginn, wann eng Kéier den Zuch, den Tram eng aner Bedeitung kritt, kënnst do en zousätzlechen Arrêt, da kann en do queesch fueren – all déi Iddie gouf et – an do ass och déi Iddi vun der Coupure verte, dat ass just eng Indikatioun, och déi ass elo nach net am PAG do mat dran, dat si Saachen, déi och am Kader vun deem PAP diskutéiert goufen. Hei gesitt Dir nach eng Kéier d'Limite, sou wéi se elo an der Proposition vum Plan sectoriel dran ass, als eng Zone nouvelle spécifique nationale Koibestraachen an Dir gesitt, dass déi elo e bëssen do dran hänkt an do kann een sech d'Fro stellen, firwat ass dat gutt, ass dat elo just vum Stad ugeduecht dass mir doriwwer schwätzen an dofir ass gesot ginn, da kommt mir kucken, dass mir dat hei maachen an dofir hu mir de Feil hei drop gesat a well mir elo kee ganz genaue Stréch hunn, well jo de Projet PAG, deen hutt Dir jo nach net gesinn an esou weider, dat kann een net einfach als Limit weider ginn. Dofir ass hei gesot ginn, da kommt mir kucken, dass mir e Konzept kréien, fir dat dann ze maachen an och ze gesinn, wéi hei eng Ofrennung ass op der Wunnsäit an dann eng Puffer-Zone a wéi et do steet, dass déi Gebaier, wéi dat och op anere Plazen ass, dass déi kënnen eng Antibruit-Funktioun hunn.

Dann ass et esou, am Kader vun der Prozedur vum Beetebuenger Projet, ass déi hei als regional dran, en vue

vun deem, dass een hei déi Zesammenhäng huet fir dass een dann och hei e Gesamtgürtel huet fir dass een eben och, wann een dat als déi Funktiounen huet wéi een se elo gesot huet, Antibruit, an och fir dat zouzemaachen, fir do keng Flächen ze verbëtzen, ass dat dunn ugeduecht ginn, dass een dat och op dëser Säit mécht, dass een hei eng zesummen, regional huet, eng regional ass, wéi et och gesot ass, richtig, dass een do e Syndikat muss maachen, mä aus Erfahrung ass et och gutt wann een do ganz nei ufänkt, dass een do nach guer näischt huet. An dësem Fall huet ee jo nach guer näischt, do muss alles nei gemaach ginn, am Géigesatz zu deem wat et elo hei nord-westlech vum Rondpoint ass, dee klengen Eck, dee jo och an Ärem PAG als CA dran ass, dee jo dann en Deel vum Scheleck 1 wär, wou mir drop verweisen, dass et jo gutt wier nodeems de Staat elo déi al PAPen - Dir wësst déi Zone d'activité dans le Sud, déi 1978 bis an 80er Joeren ausgewise goufen, déi gi jo opgehewen, an am selwechten Zuch ginn se nees als eng national definéiert, an dat mécht op der Beetebuenger Säit kee Sënn, well do den Deel 1 an den Deel 2 (Scheleck), dat ass schonns als kommunal genotzt an als Klammer mécht et elo och hei kaum Sënn fir mat de Beetebuenger hei eng regional ze maache well jo do schonns eng Industriezone steet. Fir elo eng Industriezone gemeinsam ze geréieren, wou Infrastrukture sinn, dofir ass hei gemengt ginn, dass dat jo kee Sënn mécht an et ass e relativ klengen Eck, fir déi elo hei als eng regional ze maachen, déi aner Säit ass dat jo schonns genotzt. Dat zur kuerzer Erklärung firwat dat hei elo manner Sënn mécht, fir dat als regional ze maachen.

Fir nach eemol drop zeréckzekommen, ass et hei ganz wichtig, dass eben elo mam Staat zesummen, an dofir ass jo och festgehale ginn, dass een do eng Opfuerderung mécht fir e gemeinsam Konzept ze maache fir do déi Limiten zesummen ze präziséieren. Dat wier aus menger Sicht dat wat een elo hei ka soen zum PAG, vläit fir dat Mëssverständnis, dass dat doten eng national war, dat kënnst villäicht duerch déi Faarwen, mä Dir kënnst jo nach eemol kucken, dass dat esou ass. An der Zäit hu mir och Grénggürtelen agezeechent, dat gëtt haut net méi gemaach, dat gëtt haut éischer mat enger Intégration paysagère gemaach, dofir misst een dat heiten eng Kéier an enger gesamter Kohärenz maachen an zu engem gesamte Konzept gehéiert natierlech och d'Erschléissung, dass een eng Kéier muss heihinner kommen éier dat an där Form kann un dës Rond-point gehaange ka ginn, och dat misst een zesumme maachen, wéi dat am Ufank hei ass, och dat misst dann zesumme mam Staat gekuckt ginn, wéi dat Gesamtkonzept wier. An dat heiten ass jo elo déi Interventioun vum Plan sectoriel, ass jo elo, dass sech d'Méiglechkeet opgehale gëtt, dass Dir kënnst am Kader vum PAG, dee jo dann an der Diskussioun ass, deen



och nach eemol an d'Prozedur geet, dass een do eben déi Fräiheeten huet, dass hei keen Impakt drop ass vun enger nationaler Zone an hei, dass et am PAG nëmme kann als regional kommen, wann et jo och schonns hei am Plan sectoriel ernimmt ass, well eng Gemeng kann net vun sech aus eng regional maachen.

Dat ass also an deem Sënn hei a Koordinatioun mat deenen zwee PAGen ass dat geschitt, dat do ass wéi gesot schonns bei de Beeteburger dran an éier dat doten elo herno déi richteg Limite ass, ech mengen, fir mech sinn déi Limiten do net evident, dofir éischer, kommt mir kucken eng Kéier mam Staat zesumme fir déi Limiten ze präziséieren. Dat war elo aus menger Siicht, fachlech, wat villäicht hei kann hëllef, déi Diskussioun do ze präziséieren.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Dierf ech villäicht nach eng Zwëschefro stellen? Mir ass elo opgefall, et gétt vill an deenen Zonen do gepocht op Antibruit. Do dierfe mer awer net vergiessen, dass mir am Kontext vum Verkéiersopkommes op der Autobunn vum Tëntefesch-Rondpoint, vu Multimodal an Eurohub, ëmmer gesot hunn, mir bleiwe bei enger haartnäckiger Fuerderung fir beim Staat e Schutzwall ze froe géint de Kaméidi. Gi mir eis elo net de Wand aus de Segelen huele mat eiser Fuerderung fir de Schutzwall géint de Kaméidi, wa mir esouvill "mesures antibruit" fuerderen duerch Industriegebäier déi dohinner kommen? Well da kann de Staat jo ganz einfach soen, Dir hutt elo Gebäier gebaut, dat geet als Mesure antibruit duer, also braucht Dir dee Schutzwall net. Dat ass eng kleng Gefor, déi ech do gesinn.

CHANTAL ZEYEN (ARCHITEKTIN): Villäicht just nach eng Kéier, hei wier d'Proposition ZSUAT - entschëllegt nach eng Kéier all déi Ofkierzungen, ech kann dat awer einfach erklären - ZSU ass an deenen neie PAGE méiglech fir eng Zone Servitude Urbanisation anzedroen, AT ass Antibruit, dat ass déi Basisgeschicht, déi mir och schonns haten, wéi de Rondpoint ëmgeännert gouf, do hu mir dat jo op der ëstlecher Säit do dran an dat wier hei eben och d'Proposition, och fir dem Staat dat ze soen, dass een hei gären den Antibruit hätt, sou wéi en hei ass, mä Dir wësst, de Kaméidi ass eppes komplizéiert, dat rullt an do muss een herno kucken, wat ass nach do, déi Gebäier déi stinn einfach do, déi hu villäicht vun där Säit manner Fënsteren oder si sinn iwwer eng Beléftung, si ginn net direkt opgemaach, déi Leit déi do schaffen solle jo och a gudden Situatiounen sinn, mä de Fait ass awer, dass dat wat een do ëmmer gesäit hin- an hirgoen, dass dat en Zousaz ass, déi zwou Saache misste komplementär sinn, an nach eemol dat heiten ass jo och hei dran, dass dat och soll hei, do gesitt Dir déi Cadrillagen, dat ass domat gemengt.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dem Chantal Zeyen, ech wëll och nach op déi méi generell Consideratiounen agoen, grad de Punkt, do gouf nach eemol d'Gesetz nogebessert, dass de Mur antibruit soll verlängert gi beim Echangeur zu Diddeleng, dat fousst och op en Avis dee mir als Gemengerot hei haten am Kader vum nationalen Aktiounsplang géint de Kaméidi, do hate mir als Gemengerot déi Fuerderung eragesat, sou dass dat am Gesetz gestëmmt gouf, dem Rechnung gedroe gouf, dass dat déi Suerg war déi mir hei als Gemengerot haten, respektiv och als eng Rei Diddelenger Bierger.

Ech géif op déi verschidde Punkten agoen, a géif och hei generell de Spriecher déi dozou Stellungnahm geholl hunn, Merci soe fir dee ganz sachlechen an interessanten Debat, och wann emol Ausschweifunge waren. Et mierkt een, dass d'Wale virun der Dier sinn an dass den een oder aneren sech probéiert iwwer deen heite Wee ze profiléieren, mä mir komme jo op den Terrain zeréck vun den Tatsaachen, well hei geet et dorëms Positioun ze huele par rapport zu de Pläng vun der Regierung. Ech wëll der Madame Kayser soen, dass mir eis hei an engem gesetzleche Kader befannen, mat deem mir befaasst goufen a mat deem mir och mussen an deem Kontext Stellungnahm huelen an déi heiten Demarche decouléiert par rapport zum neie Landesplanungsgesetz dat gestëmmt gouf, also hei iwwer Zäitpunkt schwätzen, mir exekutéieren hei dat wat um nationale Plang festgehale gouf. Par rapport zu de generellen Avisen respektiv iwwer den Avis vum SYVICOL kéint ee ganz vill Elementer déi den SYVICOL an den Avis geschriwwen huet, sécherlech hei en neien Avis mat eran huelen, mir maachen hei eng generell Referenz op den Avis, mä vill Saachen, déi do dra sinn, kéint ee sécherlech och hei huelen.

Ech sinn e bësse verwonnert wann hei d'Plaz Riedgen fir de CGDIS a Fro gestallt gétt, mir haten eis verpflichtet, de Lead ze huele fir en neien Standuert ze sichen, dat gouf zu kengem Moment vu kengem contestéiert, mir hunn en neie Standuert fonnt, d'Etüde lafen an, wéi gesot, dat doten ass eng Plaz, déi e ganz gudden Accès bitt engersäits Richtung Autobunn, Richtung national Industriezonen, Richtung Diddeleng Beetebuerg, dat waren d'Kritären, déi eis hei animéiert hunn an där doter Demarche an déi goufen zu kengem Moment hei a Fro gestallt, a wéi gesot, d'Aarbechte lafen an deem Sënn op Héichtouren.

Wat Koibestraachen ugeet, an der Hypothese wou 2014 d'Plan-sectoriellen a Kraaft getruede wäeren, hätte mir elo eng national Technologieszone iwwer d'Santé, an d'Chantal Zeyen ass ganz kloer op d'Remarquen agaan, wéi et de Moment am Kader vum PAG klasséiert ass.



Ech wëll awer generell soen – well et e puermol ugeklongen ass - wa mir grad déi Richtung ginn, wou mir eng nei regional Zone schafen, an dat och deementspriedend hei mat erabrénge, gëtt eis dat d'Méiglechkeet, am Kader vun enger interkommunaler Zesummenaarbecht och do Entreprises unzesidelen, mëttelstänneg Betriber, déi aus verschiddene Grënn aus den Diddelenger Quartieren erauswëllen, déi Fakultéiten, déi schafe mir hei, well d'Ausriichtung ass, dass mëttelstänneg artisanal Betriber an deene regionalen Zonen sech kënnen usidelen. An dass mir dat haut hei virschloen, ass - mengen ech - den Ufank vun engem Projet, deen een och kann ëmsetzen. An natierlech läit et op der Hand, wann déi zwou Zonen do entwéckelt ginn, déi national Zone an och déi regional Zone, dass een do och en Accès brauch fir an déi doten Zonen, well wann Dir eraushéiert, wann de Moment Terrainen am Différé sinn, da kann een do net eng Stéchstrooss maachen. Dat kann een nëmmen, wann do och eng Zone entwéckelt gëtt an dofir muss een do och dee Kader schafen, Madame Andrigh, fir effektiv dann eng Stéchstrooss ze maachen an an der Ausriichtung, déi mir hei ginn, schafe mir och d'Konditiounen fir an déi dote Richtung och ze goen.

Par rapport zum Relevé vun de gemengeneegenen Terrainen, an der nächster Bautekommissioun wäerten déi virgestallt ginn, mir hunn dat och preparéiert, ech kann lech awer hei berouegen a villäicht och enttäuschen, kee vun deenen Terrainen déi mer lech do wäerte virstellen an déi a Gemengehand sinn, kee vun deene Gemengenterrainen hätte mir hei kënnen erabrénge fir an iergendwellech Richtung ze goe mä mir wäerten dat ouni Problem, sou wéi mir et hei gefrot goufen, och weisen.

Mir hunn och d'Fakultéit, an dat bleift an de Plan-sectoriellen, ech wëll dat och betounen, ech ginn dovunner aus, dass Dir Är Texter anstänneg gelies hutt, d'Gemeng kann zu all Moment, andeems se déi dräi Kritären respektéiert, kommunal Zonen ausweisen. Dat ass awer ganz kloer an den Texter iwwer de Plan sectoriel "Zone d'activités économiques", do steet et dran. Et dierf just eben net zu enger Zersidlung féieren an et muss agebonnen sinn, déi Méiglechkeet huet een, wann een déi dräi Kritären erfëllt fir effektiv net lénks an niets kommunal Zonen ze hunn, dat heescht déi Fakultéit als Gemeng behale mir, eng Fakultéit, déi méi schwierig ass ëmzesetze wann een eng regional Zone huet, dat heescht dass mir déi Idee weider kënnen dreieren an et ass sécherlech méi einfach, op deem dote Areal de grad gewise gouf wou déi regional Zone ass, wéi beim Scheleck eng regional Zone ze maache well effektiv op der Beetebuenger Säit eng Zone entsteet an et ass méi am kommunalen Esprit ze bleiwe mä och do gi mir eis iwwer de Plan sectoriel d'Méiglechkeet dat ze maachen.

Generell awer bei de Stellungnahme vun der CSV froen ech mech wat Äre Plang ass fir Diddeleng par rapport zu de Plan-sectoriellen.

Da ginn ech eriwwer bei d'Madame Goergen. Ech hoffen och, dass geschwënn eng Kéier de Biergerdialog stattfënnt an dat gouf vu jidderengem hei begréisst, déi Iwwerleeung nach eemol hei eranzebrénge fir déi direkt Zuchverbindung, Tram, respektiv déi Froen, déi mir eis stelle ronderëm deen neien Echangeur Diddeleng-Centre an am Gemengerot ass dat ganz wichteg. A mir bedauern och, a mir sinn hei net déi eenzeg am Gemengerot, dass déi Pistes cyclables net eng Utilité publique kréie well, mengen ech, deem misste mir Rechnung droen an d'Regierung huet nach ëmmer d'Fakultéit fir dat ze ännere wann eng Rei Gemengeréit drop hiweisen. Dofir ass et och wichteg, dat nach eemol ze erwänen. Wat Är Propositioun ugeet, déi éischt par rapport zu de Piste-cyclables, hei wëll ech vun aus proposéieren dass een déi integral iwwerhëlt, dat gëtt Sënn fir deementspriedend och bei de Plan sectoriel Transport dat eent zu eent, sou wéi dat hei proposéiert fir dat ze iwwerhuelen.

D'Martine Bodry-Kohn ass op déi generell Approche agaangen, an déi Wichtigkeet, dass d'Stadentwécklung zesumme mat der Landesplanung soll gekuckt ginn an och Merci fir déi Zoustëmmung, dass mir hei probéiere fir dat ënnert en Hut ze brénge, well et ass deen Exercice, dee mir hei maachen, well wann dat heiten ëmgesat gëtt, gëtt an den nächste Joeren un der Exekutioun geschafft un deene verschiddenen Aspekter ronderëm de Plan sectoriel.

Da ginn ech bei den Här Gangler eriwwer, par rapport zu Är Stellungnahme zum Tram, déi och d'CSV begréisst. Ech hu kee Problem domat wa mir do en Ajout maachen oder en Assimilé, dat mécht kee groussen Ënnerschied ob et herno kënnt oder net kënnt. De Prinzip sollt sinn, dass mir de Biergerdialog kréien an eis kënnen festsetzen, déi eng oder aner Optioun.

Ech mengen awer hei erausgespuert ze hunn, dass et ëm den Tram geet dee mir wëllen. Natierlech kann een iwwer déi verschidden Aart a Weisen, iwwer déi verschidde Modeller, mä et geet virun allem iwwer den Tram, deen eis hei animéiert an natierlech wéi mëttel- oder längerfristeg den effentlechen Transport hei am Süden organiséiert gëtt. Dofir ass jo de Modu do, dat soll bëssen dat sinn, wou d'Ëmsetzung gemaach gëtt. Wéi et da mëttel- oder längerfristeg mat enger TICE-Linn ausgesäit, dat gesi mir dann. Am Modu 2.0 muss gekuckt ginn, wéi déi verschidden Elementer am Plan sectoriel "Transport" och ëmgesat ginn, dat ass e bëssen eng Suite logique wéi dat an der Hierarchie, déi een sech gëtt fir Projeten deementspriedend och ëmzesetzen.



Par rapport zu der Stellungnahm vum Här Zuang, Dir hutt ganz richtig gesot an et ass dat wat beanstand gouf säitens vun der CSV wat den CGDIS ugeet, et ass wichtig dass den Accès un d'Autobunn, respektiv d'Afaarten Diddeleng a Beetebuerg, Zone d'activités économiques, dat muss garantéiert bleiwe wat den neie Centre Kategorie 4 ugeet.

Dann, Här Garcia, op Är Stellungnahmen, et ass net un der Gemeng Diddeleng, seriö Etüden ze maachen, wat d'Optioun 1 oder d'Optioun 2 ugeet. Och wann de Minister lech de manière instantanée äntwert, dat ass jo ganz schéin an och ganz gutt, ech mengen et ass um Ministère an un der CFL déi seriö Etüden ze maachen. Ech muss awer ganz éierlech soen, dat ass keen neie Moment, et ass awer scho laang gewosst, dass dat misst gemaach ginn an ech deiten och eraus, dass nach keng richtig seriö an uerdentlech Etüde gemaach goufen. Schuet. Surechèren, dat kann et ëmmer ginn, op all Versammlung déi een huet, ob se am Kader vun de Walen statt fënt, oder net. Eis ass et wichtig, dass mir mam néidegen Sérieux déi Diskussioun kënnen féieren.

Par rapport zum generelle Kader zu regionalen Zonen. Ech wëll lech just hei ze bemierke ginn, dass virun 2011 - ech hat dat schonns gesot - bei de STEP-Gemengen, d'Volontéit bestanen huet, regional Zonen ze schafen an dass no 2011 tatsächlech d'Decisioun geholl gouf, notament vum Beetebuerg Gemengen- a Schäfferot, dass net méi déi Bestriewung besteet fir regional Zonen ze maachen, dunn ass dee Projet gestuerwen, ech sinn awer frou ze gesinn, dass mir am Kader vum Plan sectoriel hei iwwer nei Terrainen déi Kooperatioun kënnen weiderdreien, quitte dass nëmmen zwou Gemengen dat heite wäerten exploitéieren, mä déi Idee huet schonns bestanen an et gouf och schonns deemools eventuell e Projet vu Statute mä wéi gesot, de Projet ass herno gestuerwen.

Wat d'Iwwerleeung vu Gréngflächen ugeet, déi ronderëm déi kommunal Zon, déi mir beim Echangeur schafen, l'un exclut pas l'autre, mir schafen do de Kader vun enger kommunaler Zone an et soll sécherlech och - deemno wat sech do usidelt - esou Elementer mat eragezu ginn, dat ass net exklusiv dat eent oder dat anert, ech mengen dass een deem kann Rechnung droen, herno wann och konkret een sech do usidelt, do muss natierlech e konkrete Projet ausgeschafft ginn, do kann een dat dote sécherlech ganz gäre mat eranhuelen.

Da par rapport och zu der Iwwerleeung a Propos vun der Grénger Fraktioun zum Greisendall. Do géife mir proposéieren, dass een deen éischte Passus, dee kann een tel quel iwwerhuelen. Souwéisou bei enger "Etude de faisabilité sur l'utilisation ultérieure du site" kuckt ee jo

generell e bëssen alles, dofir ass déi do, wann een dat hei elo nach eemol mat eranhëlt, domat hunn ech kee Problem, deen zweete Paragraf géif ech awer ëmformuléieren, an zwar esou, dass statt déi "proposé d'inclure an der possibilité d'intégrer une partie de l'impressionnant patrimoine industriel dans la conception du site" ëmformuléieren als "proposé d'étudier également la possibilité d'intégrer une partie du patrimoine industriel dans la future conception du site". Sënnegeméiss gi mir hei an déi selwecht Richtung.

Dann, par rapport zu der Madame Andrich, ech menge mir sinn eis eens, wa mir hei national Industriezonen ausweisen a regionaler erschafen a kommunaler erschafen, dass dat natierlech e Moyen ass fir Aarbechtsplazen ze schafen, respektiv bestehend Aarbechtsplazen ze erhalten, a wa mir an déi Richtung gi fir engersäits regional a kommunal Zonen ze schafen, da gi mir jo an déi dote Richtung fir deementspreechend och deem Rechnung ze droen. Dat ass d'Volontéit vun dësem Schäfferot mä et muss een dee Kader schafe fir dass et hei ka stattfannen, an dat maache mir hei ganz kloer an dësem Kontext.

Firwat Scheleck 1 an 2 kommunal sinn, déi Äntwert hu mir lech ginn, dat ass eng gewësse Logik, par rapport zu der Stéchstrooss krut Dir och eng Äntwert, wéi een déi kann unhänken am Kader ebe vun der Entwécklung ronderëm Koibestraachen, respektiv déi regional Zone mat der Ubannung an och un d'Näerzenger Strooss.

Par rapport - well d'Madame Kayser drop agaangen ass an och d'Madame Andrich - zum Spidol. Ech mengen, do ginn et jo zwee Ënnerscheeder. Et ass engersäits d'Spidolsgesetz, wat de Moment en vigueur ass an dat virgesäit, dass Antenne méiglech sinn an de Gemengen. An deem Kader befanne mir eis elo par rapport zum CHEM mat den Antennen Nidderkuer an Diddeleng. D'Südspidol gesäit jo fir, dass déi Antennen integréiert ginn an d'Südspidol op Esch, mä mat der Méiglechkeet, no 2023, dass d'Noversuergung an de Gemenge bestoe bleift. Also zwee Gesetzer, zwou verschidden Ausriichtungen awer mat engem gemeinsamen Zil an et ass wichtig, an et ass an deem Kontext - an dat ass och gesot gi vun der Gesondheitsministesch - och eng Fuerderung aus dem Gemengerot, dass déi Grondversuergung an der Gemeng erhale bleift.

Déi Assurance hu mer kritt an d'Méiglechkeet ass ganz kloer ginn, entweder um bestehende Site déi ze halen, respektiv awer - wéi mer och hei schonns gesot hunn - op NeiSchmelz dat ze maachen. D'Ausrichtung soll sinn, dass mir eng Grondversuergung hei oprechterhalten an ech mengen, dass mer do ganz kloer d'Zukunftsvisioun hunn, dass mer eis froen, wat mer mat dem Gebai maachen, mir kucken also do mat dem zoustän-



nege Ministère déi verschidde Pisten an Ugrëff ze huelen. Ech mengen also ganz kloer, dass mir offensiv genuch si fir deen dote Projet am Intérêt vum Diddelenger Bierger oprechtzeerhalen.

Dann, wann hei gesot gëtt, dass d'Gemeng net Terrainen genuch huet fir Wunnraum ze schafen, mengen ech, dass mir awer an deene leschte Joeren Terrainen zur Verfügung gestallt hu fir dass subventionéierte Wunnraum ka gebaut ginn. Dat hu mir mat der SMBN gemaach, dat hu mir mam Fonds de Logement gemaach, an ech wollt och soen, dass mir am Kader vum Projet NeiSchmelz wat awer och säitens hei vun de Bänken oft gesot gëtt, dass NeiSchmelz e Projet ass nëmme vum Fonds de Logement, dat ass richtig, si sinn Developpeur vun deem Projet mä beim Projet NeiSchmelz huet och d'Gemeng Terrainen, a mir wäerten och - wéi hei gesot gouf, am Quartier Italien, respektiv no beim Centre - déi Terrainen zur Verfügung stelle fir Wunnengen. Dat gouf och am Kader vum PAG gesot, vun der MOPO. Ech sinn ëmmer iwwerrascht, dass awer do verschidde Messagen ëmmer erëmkommen, wou awer d'Sachlag ganz kloer ass, wat d'Proprietéit vun den Terrainen ugeet, déi d'Gemeng eragëtt fir Wunnengsbau ze maachen.

An dann eng läscht Remarque: Wa mir da Wunnengsbau schafen an enger Rei Gebaier, engersäits kënnst ëmmer d'Fuerderung a wa mir da Wunnengsraum schafen, subventionéiert, dann enthält sech d'CSV wéi am leschte Gemengerot. Also mengen ech kloer, dass mir hei eng kloer Vue hunn, wou mir mat de Plan-sectoriellen an der Entwécklung vun der Stad Diddeleng hiwëllen, Gemengeplanung respektiv Landesplanung.

Den Här Jadin huet nach eemol mat Recht drop higewisen, wat mir hei am Avis ugeschriwwen hunn, par rapport zum Echangeur Diddeleng Centre. Wat mir herno musse kucken, dat ass d'Exekutioun, déi gëtt vu staatleche Stelle gemaach, vu Ponts et Chaussées, dass mir dat hei dran hunn, ass ebe well mir déi Pläng gesinn hunn, an dofir wollt mir hei ganz kloer drop hiweisen, a mir wäerten och enger Rei Parametere Rechnung droen an och mat hinne kucken, well eier se ufänken, brauchen si eng Baugenehmigung an si mussen eng Rei Kritären erfëllen, wat d'Naturschutzgesetz ugeet, also si mir hei net op engem Punkt, wou se muer wäerten ufänken, dat ze maachen, mä déi Suergen deele mir.

D'Camionen, firwat, déi Fro hu mir eis och gestallt, mä mir sinn hei ronderëm d'Bänken eens, dass dat doten net e Camionsparking ka ginn, mat all de Problemer wou dat schafe kann. Mir hunn hei déi Suerg, dass déi Entrée vun Diddeleng, déi nei amenagéiert gëtt, dass dat eng Entrée ass, déi an dem Sënn attraktiv bleift, dass keng Réckstauen entstinn an dass do och e Flux garantéiert ass

um Niveau vun der Mobilitéit an et ass och dat wat een hei am Kader vun deene verschiddenen Interventiounen och héieren huet.

An dann och eemol fir ee Punkt opzegräife wat déi Stéchstrooss ugeet, effektiv am Scheleck, dat ass eng national Industriezone an do huet de Wirtschaftsministère aus enger ganzer Rei Consideratiounen eraus an aus Sécherheetsgrënn, déi Strooss zouzemaachen, well Problemer bestanen hunn um Niveau vun der Gestiou, dass Camionen do einfach an der Gewan geparkt hunn, Containere do waren, respektiv aner Problematiken sech gestallt hunn, sou dass de Wirtschaftsministère deen Tracé zougemaach huet a just opmécht wann Noutfäll sinn. Dat am Kader vun der Responsabilitéit, déi se hu par rapport zu hirer Gestiou, mä et ass am Fong e generelle Prinzip, et ass net nëmme zu Diddeleng mä do ebe wou eng regional Industriezone ass, dass dat net eng komplett Duerchfahrtsstrooss soll sinn, mä hei vun der Sécherheet aus ass déi zougemaach ginn.

Voilà, dat par rapport zu deene verschiddene Punkten, ech hu probéiert op alles anzegoen. Mir hunn en Avis hei leie wou mir eng ganz Rei Positiounen a Remarques hunn. Wa mir deen Avis hei ofginn an ofstëmmen an der Regierung zoukomme loossen, géif ech soen, fänkt d'Aarbecht eréischt richtig un. Well dat heiten ass jo eng ganz Rei Elementer vun Ëmsetzungen déi nach kommen a wou souwuel den Schäfferot wéi och de Gemengerot gefuerdert ass, wann ee weess wat hei nach alles mëttel- oder längerfristeg ëngesat gëtt, sinn dat eng Rei Elementer wou nach Diskussiounen hei am Gemengerot wäerte stattfannen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, ech hunn elo nach eng Fro: Mir hunn elo geschwat iwwer eng regional Zone mat Beetebuerg, do ass gesot ginn, et gëtt e Syndikat gegrënnt, lo wollt ech froen, kënnen mir dat dann elo schonns entaméieren, zum Beispill e Syndikat op d'Bee setzen, well dat ass och ëmmer eng Prozedur déi net sou einfach ass, oder musse mir elo waarden dass déi Plan-sectoriellen ofgeseent ginn sinn, oder hu mir als Gemeng awer d'Autonomie fir dat Areal wat mir wëllen ausweisen, dierfe mir dat awer schonns an engem Syndikat mat Beetebuerg plangen, dierfe mir dat awer maachen?

Dat war déi Fro ob mir dat dierfen oder musse mir waarde bis déi Plan-sectorielle votéiert sinn, an dann dierfe mir dat eréischt? Mir hunn dann erëm eng Kéier Zäit verluer, wat jo wierklech bedauerlech ass, wann déi elo schonns gemaach gi si fir déi Zone ze schafen a wa mir awer nach net dierfen aktiv gi bis mir de Sanktus kréie vun der Regierung.



DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Also, den Avant-projet vum Reglement grand-ducal iwwer d'Plan-sectorielle gesäit kloer an den Texter vir, dass éischtens fir eng regional Zone auszeweise muss dat an de Plan-sectoriellen dra sinn, dat ass deen éischte Schratt. Dann ass et natierlech esou, dass de Regierungsrot dës Plan-sectoriellen approvüiert a wann se dann a Kraaft trieden, ass déi regional Zone geschaf well soulaang se net zeréckbehale gëtt, ass et jo just eppes op Pabeier, eng Iddi, eng Fuerderung oder e Wonsch, deen een äussert, dofir muss et festgehale ginn am Kader vun engem Reglement grand-ducal, wou se och ausgewise gëtt als regional Zone. Dat ass dat rengt formaalt juristescht. Dat hënnert awer net dass ee parallel sech Gedanke mécht fir e Syndikat ze grënnen, Diskussiounen ze féieren, wéi eng Betriber een do wëll usidelen, dass een do am Fong déi Viraarbecht mécht fir dass een net brauch eréischt unzefänke wann et eng regional Zone do ass. Mä fir Betriber do unzesidelen, dat ass net méiglech awer et kann een eng gewësse Viraarbecht maachen an déi soll een notzen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Dierf een dann awer schonns Infrastrukturaarbechten zum Beispill maachen? Neen, den Terrain muss vierge bleiwe bis de Reglement grand-ducal duerch ass? Ass et esou?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Also, et si jo zwou Saachen, dat eent si d'Plan-sectoriellen, wou een Terraine reservéiert fir an eng gewësse Richtung ze goen: kommunal Zone, national Zone oder regional Zon. An dann hu mer jo awer och nach ëmmer eise PAG, dee jo definéiert wéi déi Terraine klasséiert sinn. Dat heescht, och déi Terraine mussen anescht klasséiert gi fir dann effektiv dee Projet kënnen ëmzesetzen. Dofir gëtt de Gemengerot och nach domat befaasst. Wa mir hei Terrainen hunn, déi am "différé" sinn, musse mir an de Gemengerot kommen an déi ophiewen am Kader vun enger Modification ponctuelle oder am Kader vun der globaler Reform vum PAG fir dass och déi Projekte kënnen eng Realitéit ginn a fir dass een, wann Interessente kommen, deenen eng Baugenehmegung ka gi fir dass dat kann ëmgesat ginn. Dofir hat ech virdru gesot, et gëtt an der Ëmsetzung eng gewëssen Hierarchie effektiv fir déi Projeten ze maachen, wat awer net verhënnert dass een eng parallel Planung mécht fir keng Zäit ze verléieren. D'Claudia Dall'Agnol wollt nach eppes soen.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Merci, dat vun der Mobilitéitswoch wëll ech net esou stoe loossen. Wann hei gesot gëtt, d'Diddelenger Gemeng géif net allzevill zu dëser Mobilitéitswoch bäidroen, da ginn ech dovunner aus, dass während der Korrespondenz net nogelauschtert gouf. Well eigentlech - an ech wollt net

esou präzis ginn, mä da muss ech dat awer elo - sollt d'Mobilitéitswoch dorop opbauen op eng Diskussioun mat de Bierger iwwer Direktzich, iwwer en Tram oder en tramähnlecht Gefier, et sollt eng Diskussioun gi mat de Bierger wou de Minister sollt op Diddeleng kommen an dorop sollt et opgebaut ginn.

Elo kann ee soen, de Minister huet lech geäntwert, am Walkampf wier dat villäicht net esou ubruecht, ech kann dat esouguer deele mir wëssen alleguerte wéi sou Versammlunge kënnen lafe wann do aus all Partei Kandidaten setzen, allerdéngs hate mir eis dat viru Méint versprach an d'Wale falen ëmmer wéi Chrëschttag vum Himmel, déi kommen ëmmer ganz ganz onerwaart, dann hätte mir dat och virun e puer Méint schonns kënnen gesot kréien, dass et villäicht eventuell besser wier no de Walen ze kommen, dann hätt d'Gemeng Diddeleng sech och kéinten ariichten a mir hätten lech kënnen doriwwer informéieren an net eis soen, ech hunn elo keng Zäit, an eréischt op Nofro hin ze soen, ech hunn och all déi aner Owender keng Zäit, an dann herno soen, et wier wéinst dem Walkampf, wou en net kann.

Ech hale fest, bei deene Gréngen ass dacks déi Mantra vum Biergerdialog, dee gëtt da wéi eng Monstranz virun sech hir gedroen awer just wann et hinnen an de Krom passt, a wann den Dossier net esou kropeleg ass, wéi elo hei bei enger Diskussioun, Zuch oder Tram.

An nach eppes, ech hu virdru gesot, de Citybus ass gratis, d'CFL ënnersteet deem selwechte Minister an déi huet et bis haut nach net fäerdeg bruecht, iwwerhaupt ze äntwere fir dass den Zuch um Territoire vun der Stad Diddeleng och kéint gratis si während der Mobilitéitswoch. Ech gesinn, de Minister äntwert schnell an dat rechnen ech him héich un, mä seng Administratioune lafen dem Zuch oder dem Tram hannendrun.

An dann nach eppes, Här Garcia, Dir sot 1999 hat Dir de Plang fir de Südtram fäerdeg, 2013 am Dezember wier villäicht de richtege Moment gewiescht fir dem Minister dat mat op de Wee ze ginn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Voilà, dat nach fir ze complétiere vis-à-vis vum Biergerdialog, da proposéieren ech, dass mir zum Vote kommen.

Wien ass mat de Plan-sectoriellen, wéi Dir se hei fannt mat deenen zwou Propositionen, liicht verännert vun der Grénger Fraktioun averstanen? Dat ass LSAP, déi Gréng an déi Lénk. Wien enthält sech? Dat ass CSV an ADR. Merci. Dann ass dësen Avis esou uegheoll.



GEMENGEROTSSÄTZUNG VUM 4. OKTOBER 2018

I. KORRESPONDENZ

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Léif Kolleegeen a Kolleegeinnen aus dem Gemengerot, ech begrëssen Iech ganz häerzlech hei an eiser Gemengerotssatzung, déi bal komplett ass. D'Romaine Goergen huet e bësselche Verspéidung, et wäert e bësselche méi spéit zou eis stoussen. Mir hunn den Ordre du jour virun eis leien. Et sinn nach dräi Froen bäikomm vun der Madame Kayser, déi mir nach op den Ordre du jour setzen respektiv déi fir den Ordre du jour virgesi sinn déi si kann un de Schäfferot stellen. Dann ass den Ordre du jour an dem Sënn komplett. Den éischte Punkt ënnert Korrespondenz, do kucken ech hei op d'Kolleege vum Schäfferot, ob si eppes hunn. Si wénken alleguerten Nee mam Kapp, dann huelen ech un, datt dat net de Fall ass.

2. VERKÉIERSREGLEMENTER

2.1. Modifikatioun vum allgemenge Verkéiersreglement vum 13. Juli 2018 – Parking CCRD/CNA

4.1. Approbation de la convention passée avec l'État du Grand-Duché de Luxembourg au sujet de la mise à disposition de la partie du terrain appartenant à l'État du parking CCRD/CNA

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da géif ech weider goen op de Punkt vun der Circulatioun an do ass d'Modifikatioun vun engem Règlement Général vum Parking vum Centre culturel a vum CNA. Engersäits hu mir e neit Verkéiersreglement, dee Punkt 2.1 leeft awer parallel mam Punkt 4.1, d'Approbatioun vun der Konventioun. Wann de Gemengerot domat averstanen ass, géinge mir einfach déi zwee Punkten zesammenhuelen well dat einfach eng Suite logique ass, quitte datt dat eent Verkéiersreglement ass an dat anert ass méi eng reng Konventioun. Bei der Konventioun, fir kuerz drop anzegoen, dono wäert och dann d'Claudia enchainéieren, et geet haaptsächlech dorëms, datt de Staat respektiv hei dann de Finanzministère an d'Stad Diddeleng dee Parking beim Centre culturel, beim CNA, den e Parking privé ass awer mat Usage public, datt mir deementspreechend kënnen higoen an och dee Parking vum Management hier vun engem Gratisparking op e Parking payant ze goen.

Fir dat ze maachen, hate mir eng Rei Reunione mam Finanzministère, mat deene Responsable vum CNA, vum Centre culturel an och vum Kulturministère. Dat gëtt virun allem gemaacht, well mir mierken, datt Dauerparker do sinn, sou datt et néideg ass, hei eng Regelung ze fanne wou mir och herno am Verkéiersreglement wäerten drop agoen, mee fir dat iwwerhaapt kënnen ze maachen, prealabel brauche mir dës Konventioun wou am Fong, vu datt et e Parking privé ass, wann et wierklech e Parking public soll gi fir datt mir kënnen e Verkéiersreglement dropsetzen, musse mir en natierlech an eise Parkingraum mat eranhuelen, an d'Voirie publique eranhuele fir d'Exploitatioun an do brauche mir natierlech den Accord vum Ministère. Deen hu mir iwwer dës Konventioun kritt.

Dat sinn am Fong 67 Parkplazen déi et hei concernéiert fir dës Konventioun ze completéieren a wa mir dat an eise Management mat eranhuelen, da musse mir natierlech och den Entretien dovunner maachen. Natierlech ass et och esou, datt mir och déi ganz Assurance mussen iwwerhuelen. Et ass natierlech och hei e Préavis vun 12 Méint, wann e géing eng Revokatioun maache vun der Konventioun, also datt mir iwwer deen heite Wee an eng Richtung gi wou deen dote Parking anescht géréiert ka gi fir datt Dauerparker erauskommen an datt mir och do eng gewësse Fluiditéit hu fir alleguerten d'Utilisateure vum Parking, haaptsächlech, engersäits déi Leit, déi do an de Centre culturel ginn, déi do an d'Museksschoul ginn, déi do an den CNA ginn. Ech wëll och hei soen, datt dat hei just deen Deel ass vir beim Centre culturel/CNA an net deen hënneschten Deel, dee geduecht ass fir d'Personal dat am Haus schafft. Voilà, dat zu der Konventioun, fir dat ze beliichten an ech mengen d'Claudia kann dann direkt weiderfuere mam Verkéiersreglement.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN):

Merci Här Buegermeeschter. Bon dat meesch ass gesot. Ech mengen, de Buegermeeschter huet ugangs gesot, et ass am Fong de Wonsch vun de Leit aus dem Haus gewiescht fir dat doten ze regelen, well si festgestallt hunn, datt eben ëmmer méi Leit hiren Auto do dauerparken, permanent parken an dat schonn zanter enger gudder Zäit. Mir konnten allerdéngs dat bis elo net regléiere bis mir eben deen Accord hei zestane kritt hunn an déi Konventioun um Dësch leien hunn. Wéi si mir do virgaangen, fir en ze regléieren. Mir hu mam Romain Molitor Kontakt geholl, eise Verkéiersberoder, deen Dir alleguerte kennt an hunn zesumme mat him am mam Service Circulation eng Ronn gedréint, fir och ze kucken, wéi mir dee Parking sollte reglementéieren, well et ass eis zimlech séier bewusst ginn, datt mir aus Sëcherheetsgrënn, dee Parking net kéinte mat enger Barrière zou maachen, well wann dee Parking bis voll ass, Dir wësst jo wéi et ass, da bleiwen d'Leit do stoen an déi sti bis an



d'Strooss eran, respektiv bei gréissere Manifestatiounen bis an d'Kéier eran. Wann Dir wëllt wëssen, wéi dat ass, gitt eng Kéier op de Lampertsbieng kucken, do hutt Dir sou eng Situatioun. Dat ass doudgeféierlech.

Do hu mir direkt eigentlech agesinn, datt dat net machbar ass. Den Här Molitor huet eis du geroden, datt mir awer sollen op e System goen, deen et hei an Diddeleng scho gëtt an net eis nach e supplémentaire System afale loossen. Firwat? Well et muss fir d'Leit kloer sinn. Du kanns net eng Dose verschidde Systemer an enger Stad oder an enger Uertschaft hunn, well soss fënnt eng Kaz hier Jonker net méi erëm an d'Leit gi net méi eens wou et zwou Stonnen ass, wou et dräi Stonnen ass.

Bon, mir hunn dunn de Responsable vum Centre culturel, dem CNA an der Musekschoul déi Iwwerleeung och matgedeelt an eng Ronn gedréint a si hunn sech dunn déi existéierend Systemer, déi mir bis elo hunn ugekuckt a si sinn sech dunn eens ginn, datt et fir si am beschte wier e Maximum vun dräi Stonnen ouni Parking résidentiel. Dat heescht, datt ebe Leit mat enger Vignette och mussen do bezuelen. De System 5 Stonnen, wéi mir en hei um Crassier hunn, koum fir si net a Fro, well si eis gesot hunn, datt dann de Problem net geléist wier, well si dann awer nees Leit hätten, déi do géinge dauerparken, an datt mir dann de Problem eigentlech net geléist hätten. Ech hu virdu bei der Opzielung de Restaurant aus dem Haus net genannt, wou ech sot mir hunn eng Ronn mat hinne gedréint. Firwat net? Well deen u sech net betraff ass. Dir wësst, datt et an der Mëttesstonn hei zu Diddeleng iwwerall gratis ass a no sechs Auer u sech och, sou datt de Problem sech hei fir hien net stellt. Voilà, wéi gesot, d'Detailer vun der Konventioun ass de Buergermeeschter drop agaangen. Wann Dir herno domat d'accord sidd, da musse mir dat wéi ëmmer fir d'éischt an d'Stad schécken a wa mir vun do den Accord hunn, da kënne mir et och a vigueur setzen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Voilà, Merci och dem Claudia fir déi doten Erklärungen an d'Diskussioun ass op. Här Gangler.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter: An deem ganzen Dingen do ass scho mol eng Saach, déi eis elo net gefall huet. Dat heescht do gëtt den 31. Mee eng Konventioun ënnerschriwwen an da gi mir hei virun e Fait accompli gestallt, dann d'äerfe mir just eng Kéier mam Kapp wénken. Dat ass keng Demokratie, et ass keng Transparenz. Mir soen dat méi wéi eng Kéier hei. Et hätt een dee System kéinten anescht upaken. Ech mengen, wann Dir wëllt Récksprooch huele mat dem ganzen Haus, mat de ganze Leit déi do schaffen, dann hätt Dir vläit och kéinten eng Kéier hei mam Gemengerot Récksprooch huelen, fir ze soen "hei mir hunn déi Iddi fir

eppes ze maache fir dee Parking. Wat hutt Dir fir Iddien? Wéi gesitt Dir dat?" An elo gëtt einfach nëmme gesot, "mir hunn dat scho laang ënnerschriwwen, Dir sidd jo do d'accord" an dann ass et an der Rei.

Mir fannen dat net ganz flott an et passt och net an de Logo "Zesummen" vun de rout-gréng Plakater un de Luuchtepottoen. Wat ass den Zweck dovun? Mir wosste net richteg, firwat maache si dat doten?. Lo si mir jo da gewuer ginn, datt et ass fir déi Dauerparker eraus ze kréien.

Do war eise Reflex fir d'éischt, firwat maache mir et da net wéi um Crassier? Ech versti lo net firwat hei lo mol fir d'éischt Leit aus dem Haus e Problem hunn, well si hu jo hire privilegierte Parking hannert dem Haus mat hirer Barrière. Dat heescht do huet jo am Fong keen hinnen do eppes ewechgeholl. A mir hunn dee System vum Crassier awer gutt fonnt an et muss ee jo net onbedéngt op 5 Stonne goen. Fir Leit déi do an d'Museksschoul an e Cours ginn, fir Leit déi an de Kino ginn, fir Leit déi op iergend eng Manifestatioun ginn am Nomëtten, a Klameren de Restaurateur ka schonn effektiv am Nomëtten och betraff sinn, wann zum Beispill Leit e Begriefnes-iessen do hunn, fir all déi Leit déi d'Museksschoul an de Centre culturel an den CNA besiche, déi eng Ausstellung kucke kommen an hei an do, do wier et awer flott gewiescht, deenen entgéint ze kommen an hinnen net onbedéngt eppes elo ze froe fir rëm ze bezuelen.

Wann Dir da gemengt hat de Crassier fënnef Stonnen... datt dee System... dee wier ze laang gewiescht an d'Dauerparker net ewechhalen, firwat maacht Dir et net op dräi. Well een deen an de Centre culturel kënnt an iergendeppes do wëll kucke kommen, deen ass normalerweis an dräi Stonnen doduerch. Do hätt een de Leit awer kënne entgéintkommen am plaz dat heiten ze maachen, wou d'Leit all musse bezuelen. Ech mengen, déi Mammen déi hier Kanner siche komme wann si an d'Museksschoul kommen, déi sinn da lo gebeidelt, déi mussen dann elo... da kommt Dir erëm "fir 30 Minutten ass et nëmme 10 Cent", dat ass alles schéin a gutt, mee et ass een awer iergendwéi geplot. A wann si elo net wëlle bezuelen, ma da stellen se sech baussen op d'Bushaltestell an dann ass de Problem einfach nëmme verlagert, awer net geléist.

An Dir sot, d'Agents municipaux, déi hate virdu keng Handhab, dann ass et awer komesch, wa si konnten d'Leit vum Parking eraushalen, da verstinn ech net wisou si dat konnte maachen, wann de Parking bis dohinner fir eis nach net abordabel war. Also, iergendwéi passt dat heiten och rëm net an d'Konzept, well mir waarde jo nach ëmmer drop, datt de Parking résidentiel soll endlech kloergestallt ginn an dann hätt ee jo och kéinten dee Moment an de Parking résidentiel abauwe wann ee gemengt hätt et wier néideg. Awer mir hunn e Problem domat,



datt d'Leit lo hei nees musse fir eppes bezuele fir eppes dat am Fong net onbedengt sou muss ginn, wann een hätt kéinten de Parking gratis maache fir dräi Stonnen.

Et ass effektiv schonn datt mir dat trotzdem eng Ongerechtegkeet fanne fir déi Leit déi am Haus wunnen, datt déi hiren eegene Parking hunn. Ech mengen, mir haten déi Diskussioun hei am Strutzbiereg mat de Schoulmeeschteren. Do huet et dann ëmmer geheescht, "mir kënne kengem hei eng Extrawurscht ginn, mir kënne keng privilegiert Parkplaze ginn". Mir hunn hei e Parking hannert der Gemeng, sou wäit ech weess, dee Gemengenservicer zur Verfügung gestallt ginn, mee déi muss een awer och bezuelen. A firwat hu mir lo hei erëm eng Kéier e Parking fir déi Leit aus dem Haus an déi kënnen do fir näischt parken? Dat ass och net onbedengt gutt gesi bei deene Leit, déi elo neierdénge hei op dem ënneschte Parking wäerte musse bezuelen.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Éischtens mol, entweder et ass net gutt nogelauschtert ginn oder et ass falsch verstane ginn. Wann ech soe "Betraffener aus dem Haus", dann heescht dat net, datt iergendee Proff aus der Musekschoul oder iergend een Employé vum CNA hei virstelleg ginn ass an huet gesot, datt wier eng Schwéngerei, datt hie keng Parkplaz géing fannen. Neen. Wann ech soen, déi betraffe Leit hu festgestallt, datt do Dauerparker stinn, dann hunn déi betraffe Leit dat festgestallt, well ebe genau déi Mammen, déi Dir opgezielt hutt, oder ech soen déi Pappen, et ginn och Pappen, déi hier Kanner an d'Museksschoul féieren, well déi keng Parkplaz méi fonnt hunn. Dat ass deene Betreffenen opgefall. Well Dauerparker do stoungen, déi hei am Duerf geschafft hunn oder déi op den Zuch gaange sinn... Alles dat wat mir hei erauskritt hunn, huet sech dohinner verlagert. An dee Wonsch, dee koum dee Moment, ech soen et dann nach eng Kéier, vun deene Betreffenen, an dee koum scho vill méi laang. A mir hu ganz laang diskutéiert, bis mir dann endlech de Go haten och fir déi Konventioun do ze maachen a mir kënne net waarde bis mir de Parking résidentiel ausweiden.

En plus, hutt Dir gesot et wier eng Ongerechtegkeet datt hei Leit musse bezuelen, bon, wa mir de Parking résidentiel bis ausweiden, da gëtt iwwerall bezuelt, nämlech iwwerall do wou en ausgeweit gëtt, mussen déi Leit bezuelen déi keng Vignette hunn. An dann, wann Dir sot, déi musse lo bezuelen an dat wier ongerecht, ma ongerecht war et och wann ee virdu keng Parkplaz fonnt huet. An ech mengen et ass vill méi ongerecht wann s de muss dräi oder véier Mol do ronderëm fueren an op d'äi Kand waarde wéi wann s de lo séchergestallt bass, datt s de eng Parkplaz kriss, well ebe muss agehät ginn. Op déi 10 Cent sidd Dir agaangen, dofir brauch ech dat

net méi ze widderhuelen. Ech soen et nach eng Kéier, de Crassier, mir hunn eng Ronn gedréint an déi Betraffen aus dem Haus soten, datt dat de Problem net géing léisen. Dir sot, mir hätten eis och en anere System kéinten afale loossen, ech hunn agangs eigentlech all d'Erklärung gesot.

Dee System, deen eng Gemeng huet an dat gëllt net nëmme fir Diddeleng, dat gëllt och fir all déi aner Gemengen, Du kanns an enger Gemeng keng zéng verschidde Systemer hunn, well d'Leit et net verstinn. Da kriss de nämlech herno d'Reprochë gemaacht, "jo mee ech hunn awer geduecht do kéint een dräi Stonne parken, hat ech dat net gesinn, well op där anerer Plaz sinn et awer dräi Stonnen...". Neen, de System soll kohärent sinn a mir hu genuch Systemer, a si konnten sech aus deene besteende Systemer een eraus sichen an si waren sech relativ séier kloer, datt dat doten dee wier, deen op hier Situatioun, déi Situatioun do uewe fir d'Haus am beschte géing passen an dofir hu mir eis fir deen dote System och mat hinnen zesummen entscheet.

Dir sot, mir hätte kéinten hei eng Ronn dréien. Mir hu elo hei eng Ronn gedréint, nodeems mir mat de Leit geschwat hunn, déi wierklech betraff sinn. Well ech mengen, wann Dir oder ech dohinner fueren, dann... mir si net all Dag do. Mir sinn och frou wa mir do eng Parkplaz kréien. Mir sinn och frou wa mir eng fräi virun allem kréien an da bezuele mir gär déi 10 Cent, mee do sinn awer Leit, déi mussen all Dag oder all zweeten Dag hier Kanner an d'Museksschoul féieren an et ass eigentlech fir déi, datt mir dat heite maachen, net fir deen, deen occasionellement eng Kéier dohinner geet.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Mee grad fir déi Leit wier ee System mat dräi Stonne gratis wéi um Crassier mengen ech awer méi sozial a vill méi einfach nach gewiescht. Ech gesinn net a firwat fënnef Stonne Crassier ee System wier an dräi Stonne do uewe gratis kee System wier. Dat ass jo Quatsch. A wann Dir sot, d'Leit wëssen herno net méi wou si dru sinn, brauchen si nëmme d'Schëlde ze kucken, déi mer dohinner stellen.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Éischtens wier et e neie System an ech betounen et nach eng Kéier, datt all d'Experienzen an all deenen anere Gemenge gewisen hunn, datt et soll eng Logik dohannert sinn, datt net soll ze vill Systemer, léinks deen een, riets deen aneren, a wéi gesot, mir hunn eng Ronn jo och mat eisem Verkéiersberoder, deen Expert an der Matière ass, och nach eng Kéier gedréint an deen huet eis dat doten och nach eng Kéier geroden.



DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Ech wëll eng Kéier kuerz anhake wat déi juristesche Form ass, ech wëll dem Här Gangler soen, wann Dir wëllt intervenéieren, ganz gären, da frot lech d'Wuert, da kritt Dir et. D'Form soll hei jo awer gewahrt ginn. Voilà, de Virdeel, dee mir hu wa mir an déi heite Richtung ginn, well dat war och e Problem virdrun, reng juristescher Natur. Et war e Parking privé a wann Dauerparker drop waren, konnte mir net intervenéieren.

Dat heescht mir hunn awer eng Facilitéit, déi mir deemtspriechend awer och heimadder kréien. Dann op der anerer Säit besteet awer de Risiko, datt wa mir an de Parking résidentiel eran.. also wann et payant ass, wéi gesot ouni Parking résidentiel, datt wann een dräi Stonne gratis mécht, datt awer eng Incitatioun ass fir dat all Kéiers erëm ze verlängeren, wat erëm zu engem Problem vun engem Dauerparker ka kommen, wat effektiv bei engem Payant manner de Fall ass. A mir wëlle jo gären deene Leit déi am Alldag dohinner ginn, och all zweeten Dag, e gewësse Flux garantéiere vu Plazen, déi fräi sinn. Dat nach zur Präzisioun.

CLAUDE MARTINI (CSV): Ech hu lo just eng kuerz Fro. Also, wann ech elo beim CNA ëmmer parke goen an ech misst lo do bezuelen, da géing ech mir eng aner Parkplaz sichen, wann ech géing am Duerf schaffen. Ech perséinlech géing da bei den Hartmann parke goen. Ech denke, datt eng ganz Rei vu Leit dat lo wäerte maachen. Wat maache mir dann an Zukunft? Maache mir deen och elo payant? Wat am Fong net ganz favorabel ass. Wanns de nämlech dann op den Training gees, du féiers deng Kanner op den Training, da muss de jo och do bezuelen. Wéi gi mir dee Problem un? Hutt Dir eng Iddi, wéi Dir dat wëllt maachen? Ech perséinlech hätt dann och proposéiert fir zwou Stonne gratis ze maache beim CNA wanns de wëlls an d'Museksschoul goen, fir dann awer och genee dat selwecht ze maachen herno beim Hartmann fir déi Leit, déi do wëlle schwamme goen, op den Training wëlle goen. Voilà.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Also just fir beim Hartmann ee Wuert ze soen, do misst ee fir d'éischt mol d'Schüler alleguerten an de Grëff kréien, déi alleguerte mat hirem eegenen Auto de ganzen Dag do stinn. Da wier dee Problem relativ séier geléist, mee dofir soen ech dee Problem beim Hartmann, deen ass och net nei. En ass villäicht e bësselche manner grouss, well wann d'Schoul fäerdeg ass, sinn déi fort wann d'Leit kommen, déi do trainéieren, respektiv déi hier Kanner féieren, dofir ass e villäicht e bësselche manner grouss an do uewe stinn se de ganzen Dag ebe bis si owes heem ginn, wann si fäerdeg si mat schaffen.

CLAUDE MARTINI (CSV): Ech mengen herno och, wanns de net méi dierfs do parke wells de muss bezuelen, da wäerten déi Dauerparker vun dohannen... déi gi bei den Hartmann. Also, meng logesch Denge wier dat sou, wann ech géif am Duerf schaffen, ech géif dat mol sou maachen. Ech denken, datt déi aner Leit dat och elo sou maachen.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Also mir hunn eng ganz Partie gratis Parkinger hei an Diddeleng, d'Leit sollen déi mol verstärkt notzen. An ech mengen, et soll een och déi Leit, déi kënne mam ëffentlechen Transport, ze Fouss, mam Vëlo, mam Vël'OK, mam Zuch, mir sollen déi och weiderhin incitéieren dat ze maachen a sou laang mir iwwerall wëllen de Leit eng Faveur maachen a gratis Parking hunn, sou laang geschitt dat och net. An ech menge, wéi gesot, dat vum Hartmann, déi Problemer sinn do haaptsächlech momentan d'Schüler déi moies kommen, um véirel vir 8, mee déi sinn dann doheem wann d'Leit u sech d'Parkplaze brauchen. Wat eigentlech bis elo eng gutt Saach ass.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Nach eng Fro vum Här Gangler iwwer de Centre culturel/ CNA Parking.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Jo, Här Buegermeeschter, ech kann lech do leider net Recht ginn, wann Dir sot, de Problem bei den dräi Stonne gratis ass datt d'Leit ë kënne llicht verlängeren. D'Leit kéinten och hei bei fënnef Stonnen e verlängeren. Mir hu jo awer eis Agent-municipaux, déi op déi Saachen sollen oppassen. Also wann en Agent municipal erop op den CNA Parking geet an e gesäit, datt een iwwer dräi Stonnen steet déi gratis sinn, da kritt dee grad sou gutt d'Recht fir deem een ze pechen, wéi een et hei beim Crassier bei 5 Stonnen huet. Dat ass a mengen Ae keen Argument. An enger aner Fro kënnt nach derbäi: ganz fir kloer ze sinn, dierfen op deem Parking hannen aus, deen ech nach ëmmer fir privilegiéiert an ongerechte Parking bezechnen, dierfen do Camionnettë stoen?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ech hunn lech virdu gesot, dat kann eng Incitatioun sinn. Dir musst dann och richtig nolauschtere wann ech lech dat soen.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Ech weess net op wat fir eng Camionnetten Dir uspillt. Dir spillt wahrscheinlech op d'Camionnetten un déi vum CNA sinn. Natierlech dierfen dem CNA seng Camionnetten op hirem Parking stoen. Et ass jo e Parking, deen net an eiser Hand ass, dee mir net reglementéiert hunn, gell, mee u sech kënnt jo keng friem Camionnettë vun engem



Entrepreneur dohinner, well am Prinzip ass déi Barrière zou. Mee natierlech, wann Dir doheem e Parking hutt an Dir hutt eng Camionnette an dat ass Äre Parking an Är Camionnette oder Dir gitt dem Noper d'Recht mat senger Camionnette do ze stoen, dann däerf deen dat. Ech mengen dat sinn d'elementar Spillregelen.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Dann ass do awer eng kleng Onkloerheet wa mir d'Konventioun kucken, déi schwätzt carrément vun zwou Parzellen an déi zwou Parzellen stelle de sämtleche Parking an alles wat ronderëm d'Gebei vum CNA duer. An da seet an der Konventioun den Text "sont d'accord à intégrer le parking en question dans la Voirie publique en question de son exploitation". Dat heescht do steet awer net, datt et dann nëmme fir déi eng Parzell wier, well dann hätt ee jo kéinte kloer déi schreiwen a vun der aner guer näischt soen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ech hunn elo d'Parzellen net kontrolléiert, mee vu datt et am Fong ëmmer ëm 67 Emplacementer gaangen an dat sinn déi déi viraus sinn a soss keng aner. Wéi gesot, effektiv, déi hunn ech nach eng Kéier hei genannt. Et sinn déi 67, déi hei am Fong concernéiert sinn.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Just fir ze präzisieren, dat sinn 63 regulär Parkplazen a véier Handicapéierte-Parkplazen, net datt herno ee mengt, déi wieren net mat dran.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da kënne mir déi Erreur matérielle redressieren an der Konventioun. Dat ännert awer näischt um Prinzip. Madame Kayser:

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ech fannen, fir elo ze soen "ma dann ännere mir dat séier an dann ass déi Saach gelaf", sou leeft dat jo awer net. Dir hutt elo déi ganzen Zäit geschwat wéi wann Dir nëmme eng Emprise hätt op den ënneschten Deel, elo gesi mir awer ganz kloer am GeoPortail, datt an der Konventioun, déi Dir mam Ministère gemaacht hutt, déi zwou Parzelle sinn an dann ass d'Gemeng zoustänneg fir déi zwou Parzellen an elo maacht Dir e Service, wéi soll ech soen, favorabel fir verschidde Leit a fir anerer net an dat ass eppes, wat eis eben opreegt, dat ass, datt hei einfach nees mat zweeërlee Mooss gemoosst gëtt. Jiddwereen dee souert, dee kritt wat e wëll.

Dat ass ganz genau wéi beim Parking résidentiel, déi Stroossen déi soueren, déi kréien eppes. De Quartier Italie kritt seng Faveure gemaacht... An hei ass dat genau erëm d'selwecht, et ass erëm net duerchduecht. Dat hätt lech missen opfalen, dat hätt mir lech och

scho kënne soen, datt Dir do e Feeler gemaacht hutt, wann Dir dat och virdu villäicht eng Kéier mat de Leit géingt diskutieren. A net nëmme mat vereenzelten an Experten, déi awer mol net amstand sinn, ze soen, ma hei Kanner passt op, do sinn zwou Parzellen dran, da mat dat Reglement fir déi zwou Parzellen. An elo ze soen "oh ma dann ännere mir dat", nee! Dat heiten ass awer eppes Wichtiges, sou Pipifax ass dat doten alles net. Dat mécht eis ebe rosen. Dat gëtt ëmmer alles esou e Bësselchen à la Va-vite gemaacht an à la Tête du client an dat ass net korrekt a mir ginn hei behandelt heiansdo wéi wierklech just nach Kopfnicker an dat ass einfach net an der Rei an doriwwer si mir eben erbost an doriwwer si mir net frou an dofir si mir och guer net averstanen hei mat dem Reglement, well dat net duerchduecht ass a net kohärent ass.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Also rose mécht lech, datt eenzel Leit eng Parkplaz hunn an aner Leit keng Parkplaz hunn. Dat mécht lech am Endeffekt rosen. Ech mengen, mir wësse jo och wéi dat hei leeft a mir wësse jo, datt eenzel Leit hei am Haus wahrscheinlech net méi sou frou si well si keng Parkplaz virun der Dier hunn, oder hir Parkplaz musse bezuelen an datt dann de Verglach gemaacht gëtt mat anere Leit déi awer eng Parkplaz hunn. An et sinn déi déi soueren an dat si genee déi déi Dir lo hei probéiert ze verrieden an deenen Dir elo wëllt entgéint kommen. Voilà, nach eng Kéier fir op déi zwou Parzellen; déi eng Parzell ass mat enger Barrière zou a gëtt domat net mat reglementéiert an déi aner Parzell sinn déi 63, wéi de Buergermeeschter sot, déi 63 regulär Parkplazen an déi véier Handicapéierte-Parkplazen. A wa mir muer decidieren, datt dat anescht soll sinn, da kënne mir dat natierlech gären nach eng Kéier ëmdecidieren, mee am Moment gesinn ech do de Besoin net dofir.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ech mengen dat heiten ass elo en Auszuch aus dem GeoPortail. Do sinn effektiv zwou Parzellen, ech gesinn d'Nummeren effektiv elo hei net gutt, Dir hutt se hei geschriwwen. Jo, hei geet et am Fong ëm déi zwou Parzellen, wou dat ganz drop ass. Dat hei ass och déi Parzell wou de Centre culturel drop ass. Mir reglementieren awer eng Parzell.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Mir reglementieren net déi... mir kréien eng Konventioun fir déi zwou Parzellen. Et sinn zwee verschidde Punkten um Ordre du Jour. Dat ass wahrscheinlech hei d'Mëssverständnis. Dat eent ass e Reglement de Circulation, wat mir eigentlech hätte solle virhuelen an dat anert ass eng Konventioun.



MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Dann d'äerf ech nach eng Kéier just soen, an Ärer Konventioun steet elo och dran, oder an der Reglementatioun steet Article 1: Disposition particulière concernant la rue du Centenaire CR190A à Dudelange. Do steet näischt dovun, datt déi zwou Parzellen an zwee gedeelt ginn, datt déi eng Parzell betraff ass vum Reglement an déi aner kritt eng Barrière. Da maacht Är Aarbecht uerdentlech a schreift dat kloer a korrekt an d'Ennerlagen dran, déi Dir eis hei virleet.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Déi aner Parzell huet scho laang eng Barrière. Do kreéiere mir keng Barrière a mir kënnen an e Verkéiersreglement och net eng Barrière draschreiwen. E Verkéiersreglement huet e gewëssenen Opbau. Dir hutt jo scho gesinn, datt se e bësselchen e neien Opbau huet nodeems mir d'generellt Verkéiersreglement gestëmmt hunn, huet et e besseren Opbau wéi déi Deliberatioune wéi Dir virdun hat a mir kënnen net an e Verkéiersreglement eng Barrière draschreiwe well dat gëtt et net.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Dann hu mir op enger Parzell zwee Reglementer. Ech mengen, et sinn awer net vill Gemengen déi dat ronn bréngen... Also, Bravo!

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Wann ech hei effektiv nach eng Kéier duerchliesen, an et sinn effektiv, wann dat heiten esou ass, da misst ee bei deem doten Deel en Turet 2 nach eng Kéier d'Parzell ugi vum Parking, dee mir an d'Voirie publique huelen. Deen hätt missen nach als Ajout dra gesat ginn.

Dat heescht mir kréien hei, sou kann een d'Lecture och maachen, datt mir déi zwou Parzellen zur Verfügung gestallt kréien, mee mir missten am Fong just einfach déi eng Parzell an d'Voirie publique mat eran huelen. Dat heescht, am Punkt 2 hei hätt een effektiv kéinten deen Deel nach eng Kéier präziséieren. Ech schwätze vun der Konventioun.

SYLVIE ANDRICH DUVAL(CSV): Ech wollt soen, villäicht fir aus deem Gewulls e bësselchen eraus ze kommen, hätt een dann net besser dee Punkt z'ajournéiere an da stëmme mir dat en bonne et due forme of, da ka jiddwereen seng Positioun do villäicht och ajustéiere wat Sënn mécht a wat net, well, ech mengen, wann et wierklech eng Erreur matérielle ass, da kënn Dir net dem Gemengerot esou eppes virleeën.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Also, wéi gesot. Ech mengen et hätt ee missten an deem zweeten Deel; "les deux parties sont d'accord d'intégrer la parcelle" sou an sou "partie en question de la Voirie publique en vue de son exploitation" hätt ee kéinten

nach hei präziséieren. D'Konventioun ass de Prialabel fir kënnen herno d'Reglement ze maachen.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Voilà, dir kritt d'nächst Kéier genee dat selwecht Reglement virgeluegt. Dat ännert näischt um Punkt 2.1. also, et ass déi nämlecht Deliberatioun, déi Dir d'nächst Kéier kritt wou Dir elo kritt. Just pour info.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Et deet mir Leed, da muss awer d'Konventioun geännert ginn, well da kënn Dir net Rue du Centenaire draschreiwen, da musst Dir do och nach eng Korrektioun maachen. Dat ass jo soss och Quatsch.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Also, vu datt dat eent mat deem aneren zesummen hänkt, géif ech lech hei proposéieren, datt mir hei nach eng Kéier Récksprooch huele mam Ministère, datt mir dat nach eng Kéier präziséieren, well hei ass eng Mise à disposition vun zwou Parzellen an an d'Voirie publique gëtt just eng mat era geholl. Dat heescht, datt mir deen Ajout an der Konventioun maachen. Et geet zwar och em eng Erreur matérielle, déi mir hei hunn, fir déi ze redresséieren, dat ass kee Problem. Et ännert awer näischt um Prinzip, un der Ausrichtung an déi mir hei wëlle goen, datt mir Parking hunn deen am Fong viabel ass a jidderee ka notzen. Da géing ech lech proposéieren, datt mir déi zwou Punkten ajournéieren an dat op den Ordre du jour huele vun nächste Gemengerot. Da bleiwen awer nach eng Rei aner Verkéiersreglementer.

2.2. Modification du règlement général de la circulation du 13 juillet 2018 - parking Fohrmann

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Den 2.2 an den 2.3 bleiwe nach. Dat eent, den 2.2, do geet et em de Parking Fohrmann. Do huet sech en Oubli an eist Generalverkéiersreglement erageschlach. Dat war weder dem Bureau d'études, nach der Kommissioun nach eis hei opgefall an och deenen zwee Ministerien net wou mir et ageschéckt hunn, well si hunn eis et mëttleweil approuvéiert erëm ginn. An zwar wéi mir et zréck kritt hunn, ass eis opgefall, datt de Parking Fohrmann, dee jo payant reglementéiert ass, datt do felt datt et an der Mëttesstonn gratis ass. Dat heescht mir misste schreiwen 8-12, 14-18 am Plaz 8-18, well mir jo, wéi gesot, an der Mëttesstonn iwwerall hei zu Diddeleng gratis hunn a do soll sech och näischt drun änneren an do wäert sech näischt drun änneren sou datt mir dat dote nach eng Kéier musse präziséieren.



DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Claudia. Stellungnahmen, Froen? Dat ass net de Fall. Kënne mir iwwer dat dote Reglement ofstëmme? Wien ass domat averstanen? **Dat ass unanime.** Merci. An dann dat nächst.

2.3. Approbatioun vum temporaire Verkéiersreglement fir déi grouss Mäert 2019

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Do gëtt et wierklech net alt ze vill dozou ze soen. Dat ass eist järelecht Reglement fir de grouse Maart ee Mol de Mount, sou wéi mir en de Moien haten. Dat hei ass dann dat fir d'nächst Joer, fir 2019. Mir si fréi un, Dir wësst, mir mussen et nach aschécken. Et ass näischt Extras dozou ze soen, well et bleift u sech alles beim Alen an ech mengen d'Situatioun wéi se ass kennt Dir, respektiv fir déi déi de Moien um Maart waren, Dir hutt se de Moien nach eng Kéier konnte live erliewen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Stellungnahmen zu dem dote Verkéiersreglement? Dat ass net de Fall. Ass de Gemengerot domat averstanen? Dat ass unanime. Da soen ech lech Merci. Dann hätte mir d'Verkéiersreglementer hannert eis.

3. MODIFICATION RÈGLEMENT GÉNÉRAL DE POLICE

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Enner dësem Punkt komme mer zu eisem allgemenge Policereglement. Hei geet et virun allem dorëms, eist Policereglement à jour ze setzen respektiv ze konforméieren par rapport zum Gesetz. E Gesetz huet jo an der Hierarchie ëmmer eng Norme déi supérieure ass an et huet ze di mam Gesetz vum 25. Mee 2018 iwwer d'Vermummungsverbuert, wou och am Code pénal ass.

Mir hunn an eisem Artikel 40 dra stoen, datt dat generell um ganzen Territoire ass vun der Gemeng Diddeleng a wéi Dir natierlech am neie Gesetz kënnt erausliesen ass dat jo anescht ausgeluecht am Fong sou wéi d'Chamber et och gestëmmt huet, datt d'generell Vermummung am generelle Kader just op verschiddene Plazen net därer sinn an op anere Plazen effektiv de Fall ass. Dat heescht, mir mussen hei an dem Sënn den Artikel 40 modifizéieren well d'Gemeng engersäits jo net déi Notioun kann hu vum Ordre public moral mee just déi vum Ordre public matériel. Dat heescht, mir si jo haaptsächlech do fir alles wat d'Tranquilitéit, Sécuritéit a Salubritéit ass, well et ass jo dat wou och den Dekret ass deen eis am Fong animéiert a wou och am Fong d'Basis vum Gemenge-

gesetz ass, och den Aktionsraum vun der Gemeng, wou mir mussen den Ordre public garantéieren. Éischter am präventive Kader, heiansdo och mol am repressive Kader, mee et ass virun allem dee Volet vun der Police administrative wou am Fong d'Gemeng a sech huet wann si deementspreechend agéiert an esou datt mer am Fong déi Dispositioun, déi mir de Moment am Artikel 40 och stoen hunn, mussen eraus huelen an déi seet kloer, wann ech se hei nach eng Kéier erëm fannen, wéi gesot, Dir hutt jo och nach eng Kéier kloer Är Circulaire virleien déi den Inneministère eis zoukomme gelooss huet.

Den Artikel 40 seet: "il est défendu à toute personne de paraître dans les places et lieux publics avec le visage couvert ou cagoulé, déguisé ou travesti à l'exception des cas dûment autorisés par la loi". Dee Passus muss mir hei ganz kloer eraushuelen, deen huet à la lecture vum neie Gesetz keng Daseinsberechtigung. Dat heescht mir mussen eis hei par rapport zum Gesetz konfirméieren, an dofir dann och d'Propos, den Artikel 40 hei aus dem Policereglement eraus ze huelen, well dat heiten am Fong Ordre public moral ass, wat national geregelt ass an d'Gemeng regelt den Ordre public matériel. Voilà, dat zu de Präzisiounen. D'Diskussioun ass op.

SYLVIE ANDRICH-DUVAL (CSV): Merci Här Buegermeeschter. Dir Dammen an Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot, ech verstinn elo net trotzdem d'Approche firwat mir dat do maachen. Erlaabt mir awer kuerz de Kontext vun der Burkareglementatioun eng Kéier nozezéien, well dat sougenannte Burkagesetz, wat eigentlech e Vermummungsgesetz ass, dat ass jo awer zustane komm nodeems do en immensen Zickzack-Kurs vun der Regierung war a wou sech am Fong net eens war. Well am Ufank war gesot, et kënnt kee an déi Fro, déi ass de Gemengen zougespillt ginn, bis op eemol grad d'LSAP an d'Éffentlechkeet gaang ass a gefuerdert huet fir datt awer sou ee Gesetz sollt kommen. Du kout et zu engem Pro-Forma Avis vum Staatsrot, deen ugefrot ginn ass, nodeems dann deen erakomm ass – oh Wunder – ass eng 180° Dréiung vu Blo-Gréng op eemol komm, sou datt och de Gréng Justizminister op ee Mol fonnt huet, dat Gesetz wier déi propperst Léisung. Dat just zum Background.

Bon, och de SYVICOL huet deemools gefuerdert fir eng Nationalregelung, war net d'accord datt de Ball bei de Gemenge bleift a mir haten och en Uerteel vum europäesche Mënscherechtsgerichtshaff, dee gesot huet datt d'Vermummungsgesetz keng perséinlech Fräiheete géing aschränken. Et ass awer elo sou, nodeems dat Gesetz an d'Prozedur kout si jo och Parteien déi hu Proposition-de-loien deposéiert, dorënner och d'CSV, déi hat e generell Vermummungsverbot gefrot. Hei ass et jo



elo sou, op dem Diddelenger Territoire hate mir bis dato eng generell Approche gehat. Bei de parlamentareschen Aarbechten awer zu deene Proposition-de-loien an zu dem Gesetzesprojet ass awer festgehale ginn; mir hu 57 Gemengen hei am Land, déi esou ee Reglement haten zu dem Zäitpunkt an do ass och festgehale ginn, déi missten dat net onbedéngt änneren.

Dofir sinn ech elo e bësselchen erstaunt, datt dann, quitte datt den Inneminister hei e Circulaire eraus ginn huet, sinn ech awer e bësselchen erstaunt, well Dir awer als LSAP jo awer ëmmer déi Meenung vertratt hutt. Mir haten dat hei an der Gemeng, datt vun der LSAP d'Majoritéit 2010 am Policereglement gewielt, et war souguer scho méi laang dran, fir hei dat generell Verbuert op dem Territoire. A mir hunn d'Méiglechkeet fir dat Reglement net missen ze änneren, well dat bei dem Vote vum Gesetz esou festgehale gouf. Dofir si mir awer e Bësselche verwonnert an ech wëll och derzou ënnersträichen datt mir als CSV nach wie vor sti fir e generell Vermummungsverbot, well ir mengen och wa mir dat Reglement hei änneren, et ass einfach net z'exécutéieren.

Déi Bestëmmungen, déi elo do sinn, well mir ebe keng uniform Léisung hunn. Op der enger Plaz muss de deng Vermummung ausdinn, wann s de an de Bus klëmms. Klëmms de erëm eraus, gees de iwwer d'Strooss, dat ass einfach net kontrollable an ech fannen do musse mir och e Bësselche bon Sens kucken, wat hei machbar ass um Terrain fir dat doten ze suivéiere well et eben och net ëmsetzbar a kontrollabel ass. An ech wëll awer och do betounen, datt mir eis awer domat net géint eng Joerhonnerten al Traditioun wenne vun Zesummeliewen. Wéi gesot, et muss ee sech kënnen offen an d'Gesicht kucken, an dat wëllt net soen, datt wa mir dat elo net géingen eraushuelen, eis géint eng Religioun géife riichten oder géint eng gewësse kulturell Begebenheet, well wa mir an anere Länner sinn, musse mir eis och deene Gegebenheeten upassen.

Dat gesot, dat gehéiert zu eisen Ëmgangsformen a mir gesinn an där heiter Form net a firwat mir dat dote mussen eraushuelen, well mir vum Gesetzgeber d'Méiglechkeet kritt hu fir dat Reglement hei bäizebehalen an doriwwer eraus fënnt een och, datt et e Symbol vun der Ënnerdréckung vun der Fra ass, wat sech elo alleng op d'Burka bezitt, mee fir de Rescht, Vermummung, dat ass jo awer och gutt wann een dat an enger Gemeng reglementéiert huet. Merci. Dofir si mir net ganz waarm dofir.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Ech begréissen elo Är Stellungnahm hei net sou besonnesch, well ech mengen, et steet eis hei elo net zou elo am Gemengerot hei nach eng Kéier dat Gesetz ze diskutéieren. Wat mir hei wëlle

maachen, mengen ech, dat ass hei einfach juristesch propper do ze stoen an Zukunft, well e Gesetz gestëmmt ginn ass, den 23. Mee an an deem Virfeld ass schonn alles diskutéiert ginn an der Chamber. Dir hutt mat diskutéiert, mir hu mat diskutéiert.

Wat dobäi erauskomm ass, ass d'Gesetz, et ass gestëmmt ginn um 23. Mee 2018 an et ass einfach mengen ech esou, datt, well dat Gesetz iwwer de Gemengereglementer steet, datt esou een Artikel iwwerflësseg ass an et geet hei einfach dorëms, eppes wat elo net méi a Kraaft ass, wou dodriwwer e Gesetz steet, datt en dat einfach elo propper do eraushëlt, datt mir herno eis Hausaufgaben hei gemaacht hunn. Dat muss ee net maachen, dat ass richtig, mee mir wëllen et awer maachen, well eis Texter solle propper do stoen. D'Gesetz vum 23. Mee 2018 huet alles geregelt.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci Martine Bodry-Kohn. Also, ech wëll just soen, datt mir hei net eng Chamber-bis Debatte féieren. Dofir ginn ech awer ganz gär d'Wuert, mee mat där Indikatioun.

SYLVIE ANDRICH-DUVAL (CSV): Här Buergermeeschter, ech si perséinlech ugeschwat ginn, dofir wëll ech och elo soe Merci fir d'Explikatiounen. Ech weess och datt mir hei net an der Chamber sëtzen, mee ech hunn dat awer als Background gesot, fir kënnen ze soen, datt an der Chamber ebe grad déi Méiglechkeet opgelooss ginn ass, datt een dat net muss ännere bei deene Gemengen déi schonn e Reglement an der Hisiicht hat an ech hu just eis Positioun duergeluegt, datt mir als CSV fir e generell Vermummungsverbuert sinn, an datt mir dofir dee Wee hei net matginn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Ech ginn nach e puer Consideratiounen an natierlech och juristescher Natur. Mir hunn eis natierlech och beim Ministère de l'Intérieur schlaue gemaacht par rapport zu der Ëmsetzung vum Gesetz an dem Policereglement a mir hu ganz kloer de Message kritt, datt mir dat hei sollen ofmaachen. Ouni d'Diskussioun nach eng Kéier op ze maachen, dat Gesetz ass gestëmmt ginn. Fir déi eng geet et net wäit genuch, fir déi eng geet et ze wäit. D'Gesetz ass deementspriechend gestëmmt a mir mussen eis hei wéi gesot konforméieren.

De Virdeel ass jo, datt wa mir dat heiten dra stoe loosse da couvériere mir dee ganzen Territoire. D'Gesetz gesäit ganz kloer vir, lassgeléist, et ass ëmmer gesot ginn d'Burkagesetz, mee et ass einfach generell wat d'Vermummung ugeet, datt et op verschidde Plaze verbueden ass an op anere Plazen et méiglech ass.



Fazit ass awer, vu datt et op verschiddene Plaze méiglech ass an op aneren net méiglech ass, iwwer d'Gesetz steet et am Code pénal a mir hunn eng national Regelung mat nationale Sanktiounen. Dat wat Dir gesot hutt, effektiv, et sinn eng ganz Rei Gemengen déi haten dat an hirem Polizeireglement drastoen, mee natierlech huet dat och mat sech bruecht, wann een et och esou stoe léisst, datt dat eng Insécurité juridique bréngt, spéitstens wann een dat dote stoe léisst an et virun de Juge pénal kënnt, da kuckt deen, wéi ass d'Gesetzeslag a net wéi ass de Règlement de police, mee wéi ass d'Gesetzeslag an déi ass deemtsprechend ganz kloer, déi seet eppes aus, wou et verbueden ass a wou et net verbueden ass vu datt hei de Règlement de Police wéi mir en hei stoen hunn et iwwerall geregelt ass.

Natierlech kënne mir och als Gemeng, dat wëll ech awer och hei soen, wa mir mengen, datt iergendwellech Situatiounen sech bidden, wou den Ordre public matériel net den Ordre public moral, iwwer den Ordre public moral huet d'Gemeng sech net auszedecken. Déi Attributiounen, déi mir hunn ass den Ordre public matériel, Tranquilité, Salubrité an och Sécurité. Do hu mir natierlech aner Méiglechkeeten iwwer d'Gesetz oder och Mol wéi d'Gemengegesetz et virgesäit, Règlement d'Urgence ze huelen am Kader vun enger ganzer Rei Manifestatiounen déi stattfannen.

Dofir hei nach eng Kéier kloer: Mir mussen eis par rapport zum Gesetz konforméiere fir datt och deemtsprechend eng Adequatioun besteet téschent eisem Policereglement respektiv zu dem wat d'Chamber decidéiert huet indépendemment, wéi gesot, wéi d'Ausleeung vum Gesetz ass, ob ee fénnt datt dat net wäit genuch geet, respektiv wéi och aner Stëmme mengen, datt et ze wäit geet. Voilà, dat wollt ech nach eng Kéier ganz kloer an dee Kader setzen, dee reng juristescher Natur ass. Well mir mussen jo wëssen, hei sinn och Strofen drop, bei all Règlement wou gestëmmt gëtt an een eng Plainte och mécht an dat weider geet op d'Gericht, da kuckt fir d'éischt de Riichter wat ass déi juristesche Saachlag an dono tranchéiert en.

SYLVIE ANDRICH-DUVAL (CSV): Eng informativ Fro, Här Buergermeeschter, hutt Dir lech da mat deenen anere 47 Gemenge concertéiert, wéi déi da virgaange sinn? Wéi gesot, Dir hutt lech mam Intérieur concertéiert, mee hutt Dir och Kontakt mat deenen aneren opgeholl, déi am selwechte Fall sinn?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ech mengen, mir sinn déi éischt Gemeng, déi deen heite Schrëtt mécht an ech hunn op alle Fall beim Intérieur

nogefrot, well et jo och déi waren, déi déi Circulaire erausgeschéckt hunn an déi hu jo och iwwer d'Ëmsetzung informéiere kënne. Ech menge mir mussen lo kucke wéi mir et hei um Diddelenger Territoire maachen an ech mengen, datt mir eis hei sollte konforméieren. Voilà, dat zu dem dote Volet.

Wien ass mat der Adaptatioun averstanen, an dem Sënn, datt mir den Artikel 40 aus eisem Police-reglement eraushuele fir eis deemtsprechend dem Gesetz ze konforméieren? Dat sinn d'Stëmme vun LSAP an deene Gréngen. Wien ass dergéint? Dat ass den ADR an d'CSV. Wien enthält sech? Dat sinn Déi Lénk. Villmools Merci dofir.

Ech fannen et awer ganz schuet, datt een hei dergéint stëmmt, respektiv sech enthält. Mir konforméieren eis hei zum Gesetz. Hei ass eng Partie vun dësem Gemengerot, deen haut kloer zum Ausdrock bruecht huet, datt en sech net wëll iwwer eng Reglementatioun par rapport zum Gesetz konforméieren. Dont acte. Do kënnt Dir ganz gären hei schwätzen iwwer "Zesummen" an hei an do, hei ass eng legal Approche.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ech mengen et steet och am Gemengereglement oder an eisem Règlement d'ordre interne, datt ee net eise Vote nom Vote kann defaitistesch kommentéieren, dat wollt ech och just gesot hunn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ech maachen dann hei kloer nach eng Kéier an ech huelen Akt, datt awer - ech kommentéieren dat ganz sachlech - d'CSV hei net matgestëmmt huet a par rapport zum Gesetz sech net konforméiert. Da kommen ech op deen nächste Punkt.



4. GEMENGEFINANZEN

4.2. Abrogéiere vun de Kapiteln 1 - Ambulanzen - a 15 - Incendie a Sauvetage – vum allgemengen Taxereglement

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER):

Bei dësem Punkt geet et dann iwwer d'Approbatoun vu Kapitel 1 iwwer d'Ambulanzen an den Artikel 15, Incendie sauvetage. Do ass et esou, dass am Fong beim Akraaftriede vum neie Gesetz iwwer d'Rettungswiesen vum CGDIS, wou mir am Virfeld jo ëmmer eng Taxe haten, wou mir de Leit Facturen ausgestallt hunn, wann se d'Ambulanz hu misse ruffen, respektiv wann d'Pompjeeën eng Rei Interventiounen hu misse maachen. Vu dass mir elo déi nei Struktur vum CGDIS hunn, ginn déi doten Déngschtleschtungen, wann een et esou nenne kann, vum CGDIS iwwerholl, sou dass mir am Fong dat heiten Taxereglement net méi brauchen a mir och hei d'Propos dem Gemengerot maachen, déi zwee Taxereglementer ze abrogéieren.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci, ech hu just eng Fro, ob Dir de Bierger dobausse kënnt soe wéi dann d'Tariffer vum CGDIS wäerte sinn, wann si déi Ambulanzen Transporter maachen, ob do eppes gewosst ass? Oder ass et weiderhin sou komplizéiert fir de Remboursement vun deene Fraisen, well dat jo huet ëmmer missen iwwer eng Ordonnance médicale huet misse lafen?

Déi zweet Fro ass, hei steet bei de Prestatiounen "Service Incendie-Sauvetage", och wann se destruction de nids de guêpes oder stalactites de glace maachen do ass och de Leit eppes verrechent ginn, et huet geheescht, d'Pompjeeë maachen déi Saachen net, dat misst jo dann d'Gemeng maachen, wéi géife mir dann herno virgoen? Verrechne mir de Leit eppes oder maache mir en Appel un de CGDIS fir mat där ganz grousser Leeder déi Saachen ze maachen, grad d'Stalactites de glace, dat ass jo näischt Onwesentlech, wéi géif dann do d'Verechnunge kommen, wie géif déi ausstellen a wéi héich wieren déi dann? Dat wier meng Fro. Och fir dem Bierger dobaussen eng Kloverheet ze ginn. Merci.

GLESENER HENRI (LSAP): Ech wëll op déi dote Fro äntwere well ech aus deem Job kommen. D'Tariffer weess ech net auswenneg, mä déi sti vum 1. Juli u fest, déi sinn am Text vum CGDIS, ech weess awer net ob se um 112 Public scho publizéiert sinn oder net. Si sinn awer fir dat ganz Land eenheetlech. Dir wësst dass virdrun Tariffer vun der Stad Lëtzebuerg, dat war eisen Tarif mol véier, wann ech mech gutt kann erënnere, dat ass elo net méi esou. Zu den Tariffer, besonnesch wat d'Dingscht-

leeschtunge vum Incendie Sauvetage waren, déi waren duerch d'Land ganz verschidden. Mir waren eng vun den éischte Gemengen déi iwwerhaupt déi Taxen agefouert hunn, ausser Stad Lëtzebuerg, well déi komplett separat waren an och haaptberufflech opgestallt waren. Déi Tariffer sinn elo alleguerten abrogéiert ginn, déi sinn all beim CGDIS iwwerholl ginn.

Zu ärer zweeter Fro, de Service oder d'Pompjeeën, déi hei zu Diddeleng de Moment nach sinn, iwwer déi hu mir net direkt d'Soen – et ass esou ähnlech wéi d'Police – also, mir kéinten elo net als Gemeng froen, mir ginn Är Leeder léinen a fuere mat deenen Stalactites de glace ewechmaachen an esou weider, dat ass net de Fall. Mir kënnen dat net a mir kënnen och net do erafuere. Déi Circulaire, déi bei de Pompjeeën duerch d'Land gaangen ass, seet just aus, dass d'Harespelen net méi d'Haaptmissioun vun de Pompjeeë solle sinn, an dat begrëssen ech well ech hunn an der Zäit immens dofir gekämpft, dass mir net einfach sollen alles ewechsprëtze goen, wou mir geruff ginn, well bei zwee Drëttel vun deene wier et net néideg gewiescht. Et ass en Agrëff an d'Natur, dee mir net sollten hunn. Just en einsamer Rufer am ganze Land ass net duergang fir eppes ze bewegen.

Elo wou den CGDIS do ass, huet dat e ganz anere Poids direkt kritt. D'Haus vun der Natur, zum Beispill, huet sech och elo bereet erkläert fir emol Ulafstell ze sinn, an déi probéieren, genau dat ze maachen, wat ech de Leit och schonns deemools um Telefon erkläert hunn, nämlech se ze beroden an hinne ze soen, wat dat ass, wat se sinn, wéi geféierlech Harespele sinn an esou weider. Et steet awer och an där Circulaire, déi un d'Pompjeeë gaangen ass, dass wann eng imminent Gefor besteet, dass dann d'Pompjeeën agräifen dierfen. A wann et eng imminent Gefor ass, dann ass dat och gratis. Mä imminent, ass an dësem Sënn awer quasi keng méi vun all deenen, déi mir soss gemaach hunn. Wann Dir wësst, eng Harespel fänkt un, hire Stamm opzebauen, also dat dauert eng Éiwegkeet bis dass et en Nascht gëtt wéi eng Meloun, an et dauert nach vill méi laang, bis an den Hierscht eran, bis dass et e grousst Nascht ass. D'Harespelen iwwerwanteren net, an esou weider, ech well awer hei keen ze groussen Exkurs maachen, sou dass et am Fong meeschtens oder zu 99,9% keng Urgence ka sinn, wann et Harespelen sinn. Wann Dir awer elo de Pech hutt, dass e Beieschwarm ënnerwee ass an dee flitt an den Spillschoulsklassen all eran an setzt sech do fest, dann hu mir eng Urgence, an och do fueren d'Pompjeeën nach wie vor hin, mä si probéieren se da just anzefänken an esou weider.

Mir hunn an Zukunft och net d'Moyenen, als Gemeng mat de Pompjeeën hire Servicer iergendeppes ewechzemaachen, also stellt sech d'Fro vum Verrechnen och



net. Mir kéinten, wa mir dat muer wéilten, e komplett eegene Service opriichten, mä och dat war an der Vergaangenheet mat all de Firmen, déi et gëtt, eng Concurrence deloyale, et muss een dat soen. Sou dass ech denken, dass dat zumindest elo nach kee Besoin do ass fir dass mir doriwuer sollte schwätzen. Och bei de Stalactites de glace, do muss ech soen, déi meescht déi an der Zäit ewech gemaach gi sinn, déi hungen iwuer privatem Terrain, an dat war net ëmmer sënnvoll, dass d'Pompjeeën do geschafft hunn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci Här Glesener, deem hätt ech näischt bäizefügen, dat war méi wéi kloer an explizit. Da géif ech de Gemengerot froen ob en domat averstanen ass, dass mer déi doten zwee Taxereglementer abrogéieren? **Dat ass unanime.**

4.3. Modifikatioun vum Kapitel 3 - Bibliothék - vum allgemengen Taxereglement

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Da gi mir weider, Modifikatioun vum Taxereglement iwuer d'Bibliothék an ech ginn dem Loris Spina d'Wuert.

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN): Merci, et geet konkret dorëms fir d'Kapitel 3 ze modifiéieren an zwar ass et esou, dass wann d'Leit, déi sech net drun halen an hir Bicher net mat Zäiten erëm ginn, da kréien se ëmmer en Rappel vun eis, an elo ass hei d'Méiglechkeet wou mir eis ginn, fir nom drëtten Rappel och eng Rechnung no schécken, an zwar eng Taxe de Retard déi da pauschal fir 10 Euro ass, déi spillt no 40 Deeg, et geet drëm fir dat ganzt ze vereinfachen, wa Leit sech net un dat hale wat eben ofgemaach ginn ass.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Si Froen dozou? Neen, da kann ee jo ofstëmme. Ass de Gemengerot domat averstanen? **Dat ass unanime.**

4.4. Approbatioun d'un acte de vente passé avec Madame Juliette Elise Hélène Bettendorf et Monsieur Aloyse Paul Charles dit Aly Bettendorf

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Da gi mir eriwuer op e Kafakt, do ass et esou, dass mir de 25. Juni e Kafakt zwëschent dem Här an der Madame Bettendorf mat der Gemeng Diddeleng gemaach hunn. Hei geet et ëm zwou Parzellen, an Steemech, 2 Ha, 59 Ar an 20 Zentiar déi eng Parzell an déi aner Parzell, 80 Ar a 40 Zentiar. Wéi gesot, dat kafe mir zum Präis vun 169 800 Euro. Natierlech, nodeems d'Hypothék agedroe ginn ass, mussen mir et och bezuele. Firwat kafe mir dat

Stéck? Am Fong ass dat Stéck wann ee vu Butschebuerg Richtung Käl fiert, lénker Hand, et huet eng Utilité publique dat heescht, am Kader vun de Kompensatiouns-moosnamen, déi mir och huelen, brauche mir och Terrainen, dofir maache mir déi heiten Acquisitioun. Am Kader vu verschidde Projete mussen mir Kompensatioune maachen, dat wësst dir, mir hu jo regelméisseg déi doten Diskussiounen.

Bei dem doten Akt huele mir d'Frais en charge, mä dat gëtt eis och d'Méiglechkeet, 3,39 Ha ze kafe fir dat och als Kompensatioun auszeweisen, wann et och néideg ass. Dat zu den Erklärungen wat de Kaf vun dëser Parzelle ass, dat si 500 Euro den Ar, mir alignéieren eis par rapport zu de gängege Präisser fir esou Terrainen. Dat zu den Erklärungen wat déi Parzell ugeet, déi mir kafen. D'Diskussioun ass op.

CLAUDE MARTINI (CSV): Just ganz kuerz, dat heescht, mir hunn ëmmer deeselwechte Präis fir Bauland an net Bauland oder gëtt ëmmer nees frësch verhandelt mat de Leit, dass mir eis méi oder manner un déi dote Präisser halen? Wéi handele mir deen aus?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Also, dat heiten ass jo kee Bauland, dat heiten ass virdrun exploitéiert ginn, et war éischter Terre agricole an do froe mir ëmmer 500 Euro den Ar. Mir hunn och Intérêt, déi Präisser ze bezuelen soss droe mir zu enger Präisspiral bäi wa mir aner Präisser bezuelen, dofir alignéiere mir eis ëmmer un deem heite Präis. Voilà, ass de Gemengerot mat deem Kafakt averstanen? **Dat ass unanime.**

4.5. Approbatioun vum Devis fir d'Acquisitioun vun 2 Appartermenter fir den Aménagement vu Sozialwunnengen «op Lenkeschléi»

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Da fuere mir weider, mir hunn en Devis virleien, dat sinn déi 2 Appartermenter, déi mir zu Lenkeschléi kafen. Dir kënnt lech erënnere, dass mir am Mäerz de Kafakt vun den 2 Appartermenter hei haten, dat war reng de Kafakt, do hu mir natierlech dann och ëmmer den Devis virleie wou mir de Präis erafält vun den 2 Appartermenter an awer och ebe wa mir dat kafe mussen eng Kichen amenagéiert ginn, dat si Saachen déi effektiv all Kéier wa mir Appartermenter kafen déi mir mat eranhuelen, stelle mir déi dem Office social zur Verfügung och budgetiséieren sou dass mir hei déi 2 Kiche mat den Installation-sanitarien am Fong den Devis lech hei proposéieren vun 1 Millioun. Voilà dat zum Devis estimatif wat déi 2 Appartermenter zu Lenkeschléi ugeet. Froen?



Dat ass net de Fall, ass de Gemengerot mat dem Avis averstanen? **Dat ass unanime.**

4.6. Approbatioun vum Devis fir Reparatur-arbechten um Dach vun der Schoul Baltzing

4.7. Approbatioun vum Spezialkredit fir Reparatur-arbechten um Dach vun der Schoul Baltzing

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER):

Da géife mir op Baltzing goen, do ass et esou, do hate mir hei am Gemengerot och schonn den Devis gestëmmt wat d'Fassad ugeet, déi mir vun der Schoul frësch-gemaach hunn, an am Kader vun deenen Aarbechten huet sech erausgestallt, dass de Flachdach vun der Schoul, dass do Infiltratiounen sinn, dass deen net méi dicht ass, am Kader vun Aarbechten hunn si dat eraus fonnt. Mir hunn hei e Gebai, dat vun 1991 datéiert, a mir hunn dat constatéiert, an du krute mir vun eise Servicer gesot dass et och wichteg ass, dass mir dat frësch maachen, dass do erëm dicht ass, wann de reguläre Betrib ass, an dofir hei dann engersäits den Devis estimatif, deen Dir virleien hutt vun 28 000 Euro an awer och de Credit spécial well et eng nei Ausgab ass, an dat jo och net budgetiséiert war, fir dass mir och den Daach erëm kënne konform maachen.

SYLVIE ANDRICH-DUVAL (CSV): Ech hat dozou eng Fro, dat sinn Artefakten, déi mol virkommen, dat ass kloer, mä do ass awer och nach e Sécherheetsproblem. Ech weess net ob duerno gekuckt gouf oder net, do ass eng Sécherheetstrap, déi bis op den Daach eropgeet an do sinn öfters Kanner oder Jugendlecher, déi do dropklammen, an et gesäit een dat net onbedéngt well dat hannert der Schoul ass. Ech wollt hannerfroen ob do net och eppes néideg wier fir do eppes ze änneren? Well et ass eng Sécherheetfro wéinst de Kanner, do kënne Saache geschéien, wann déi ouni Opsiicht bei der Schoul sinn an eventuell do Saache maachen, déi se net sollen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER):

Mir kennen déi dote Situatioun, mir haten och schonn viru Joeren en Drot fir ofzesécheren, eis Servicer wëssen dat, mir hunn och schonns no Léisunge gekuckt. Alles ënnerbonne kréie mir net, mir kënnen elo kee Käfeg driwwer maachen, mä mir kënnen op deene Plazen iwwer en Drot securiséiere fir dass een net esou einfach do erakënnt, och wann ee mengt e misst op den Daach goen, dann ass dat à ses propres risques et périls.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Ech wollt just präziséieren, dass virun zwee Joer déi Situatioun do nach eemol frësch iwwerduecht ginn ass an och frësch nei securiséiert ginn ass, trotzdem, 100% huet een ni, et ginn ëmmer Leit déi

fannen e Wee. 99,9% kënn een net méi op den Daach, do ass hannen eng Cage gemaach ginn, déi verhënnert, dass een an de Beräich do erakënnt. Deemools hate mir en Ausbau no hannenaus gemaach fir de Stock a wéi gesot, Dir kënn lech d'Situatioun ukucke goen, dat ass net méi méiglech.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER):

Merci fir déi Erklärungen, ass de Gemengerot domat averstanen? **Dat ass unanime.**

4.8. Approbatioun vun Ännerungen um ordinaire Budget fir d'Geschäftsjoer 2018

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER):

Da géife mir op d'Liste modificative iwwergoe vum Budget 2018, deen hutt Dir virun lech leien, dat sinn engersäits déi Recetten, déi méi erakomm sinn, par rapport zu verschiddene Budgetspositiounen awer och déi Depensen, déi mir méi getätegt hunn. Vu Recetten, déi méi erakomm sinn, dat sinn déi engersäits vum CIGL, respektiv iwwer eise Parkraum-Management, d'Horodateuren, respektiv awer och eis Schwämm, d'Entréeën an der Schwämm an awer och wat d'Musekscoursen ugeet. Dat ass um Niveau vun de Recetten, dat sinn also en gros 401 400 Euro u Recetten, déi méi erakomm sinn. Wa mir kucken um Niveau vun den Depensen, do ass et esou, wat e bëssen erausstécht, dat ass um Niveau vun eise Fierpark a vun eise Reparaturen, déi ëmmer méi mussen stattfannen, well eis Gefierer och ëmmer méi am Asaz mussen sinn, do ass et och esou, dass eise Schoulbus am Laf vum Joer futti gaangen ass an an der Reparatur ass, a mir mussen hei op e Bus zeréckgräifen dee mir vun enger privater Firma zur Verfügung gestalt kréien. Dofir ass och dee Montant vun 40 000 Euro dran, well mir och den reguläre Schoulbetrib mussen kënne weider assuréieren.

Dann, generell, an awer och zousätzlech Dépensé bei eise Crèchen, wou och de "Minettsdäpp" war, wou mir dann eben och zousätzlech Depensen haten, och am Kader vum Klimapakt an och zousätzlech Dépensé beim Entretien vun eisen Schoulgebäier, wou mir ëmmer probéieren awer dat während dem Joer e konform ze halen. An dann natierlech och eng Positioun, déi een hei net verheemleche kann, dat ass niewent deene 40 000 Euro wat e bëssen exzeptionell ass, hu mir den externe Bus op dee mir mussen zeréckgräife fir den Schoulservice kënnen ze garantéieren, respektiv Transporter déi iwwer 65 500 Euro.

Wat de Parking Am Duerf ugeet, dat ass den Deel, dee mir nach eemol an d'Cagnotte leeën als Gemeng Diddeleng niewent dem Deel wou déi aner mussen Propriétaire ginn, par rapport zu der Exploitatioun vum



Parking Am Duerf, sou dass mir hei an enger Situatioun sinn, wou mir zousätzlech Ausgaben hu vu 467 060 Euro, wat am Fong wann een déi zwee kuckt, e Minus ass vun 65 660 Euro. Dat zu den Erklärunge wat d'Recetten ugeet, déi méi erakomm sinn, respektiv d'Depensen déi mir méi hu missen Tätegen.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci fir d'Wuert. Kann ech Kloeerheet kréien zu deenen, wou Dir zum Schluss gesot hutt, déi 65 500 Euro, wat ass dat? Sinn dat Chargen? Ass dat Waasser an Elektresch am ënnerierdesche Parking, sinn dat Reparaturen, well zum Beispill een an d'Barrière gefuer ass? Oder ass dat deen Deel, dee mir mussen Indigo ginn, wann si net genuch Parking-Recetten haten?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci, ech hat do nach eng, zwou Froen: Do steet de Punkt 3, 141 6 11 120 an esou weider, Strategie et Développement commerciale, Loyers et Charges locatives, dat sinn 10 000 Euro Depensen, vu wou ass dat? Hu mir do e Lokal gelount a firwat ass dat gebraucht ginn?

An d'Ecole pour parents, déi si bal duebel sou deier wéi dat wat mir estiméiert haten, am plaz 2500 Euro bezuele mir 4500 Euro, do ass meng Fro: Wat gouf méi ugebueden?

An ech war och erstaunt iwver d'Frais d'enlèvement et de recyclage et transport des déchets encombrants vers les sites des entreprises privées. Wat jo awer bei de Leit doheem ofgeholl gëtt, gëtt dat vun der Gemeng bei de Leit ofgeholl? Hu mir dat outgesourct, oder wéi kann een dat do gesinn, dass mir do eng aner Firma musse beoptrage fir dat weider ze verschaffen? Dat waren déi zwou Froen, déi ech wollt stellen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci Madame Kayser, ginn et nach weider Froen? Da géif ech drop agoen. Ech ginn dem Josiane di Bartolomeo-Ries d'Wuert wat d'Eltereschoul ugeet an da géif ech dem Här Gangler seng Froe beäntweren.

JOSIANE RIES DI BARTOLOMEO (LSAP): Jo, wat d'Eltereschoul ugeet, do ass de Budget an d'Luucht gaangen, dir dir hutt eis iwver Joren ëmmer gesot mir sollen méi mat der Eltereschoul schaffen. Dat hu mir gemaach. Den Projet Eltereschoul huet elo Fouss gefaasst. Mir hu vill méi Konferenzen. Et ass awer net nëmme wéinst den Konferenzen firwat et méi deier gëtt, mir hunn de Coin des parents agefouert, mir hunn dat elo mol probéiert fir dat eemol de Mount ze maachen an dofir geet de Budget an d'Luucht. Dat ass nëmme eng Testphase, mir kucken elo fir 3 Méint a wann dat

funktionéiert, da kënnen mir dat an de Budget eranhuele fir dat nächst Joer.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci dem Josiane di Bartolomeo-Ries, et ass gutt dass Dir dat nach erwänt hutt, Madame Kayser, dat hat ech vergiess. Mir hunn dee Montant dragesat well mir als Stad Diddeleng, a mir sinn net déi eenzeg, déi sech dat iwverleeën, wann d'Méiglechkeet besteet, fir Locataire ze gi vun enger Surface zu Diddeleng. Ech wëll och hei net verheemlechen, dass mir och scho Kontakt opgeholl hunn, wat déi Cellule Am Duerf ugeet wou elo den Teppichhändler ass, wat eng ganz interessant Surface ka sinn, wou mir um d'Propriétaires erugetruede sinn, fir eventuell Locataire ze ginn. Mir si mat hinnen a Pourparleren, fir iwver deen dote Volet, wann een dee Wee da geet, dofir gesi mir hei d'Sue fir, wa mir eis eens ginn, dass een och de Choix steiere kann, wat och dohinner kënn bei deem Eventail vu Commercer de mir hei zu Diddeleng hunn a brauchen a parallel och déi Pist féieren, wou mir och schonns Kontakt opgeholl hu mat potentiellen Interessenten oder Geschäfte, déi kéinten heihinner kommen, sief dat am vestimentaire Beräich, sief dat am Beräich vum Schungbuttek, wou mir probéieren deen Deel einfach ofzedecken, wou mir hei zu Diddeleng e bësse méi schwach sinn.

Mä de Virdeel ass, wann ee vun interessante Surface-commercialë Locataire gëtt, da kann een de Choix steieren, wat een dohinner wëll kréien, respektiv wat een net dohinner wëll kréien. Dat heescht net, dass mir eng Strategie entwéckelen, dass mir iwverall wëlle Locataire gi vu Geschäfte op de strategesche Plazen, nach muss een sech eens gi mam Loyer. Hei si mir a Pourparleren, mir halen lech och gären um Courant, wéi et weidergeet. Et ass eng Ouverture do, der Gemeng et ze ginn, dofir hu mir hei déi néideg Kreditter virgesinn, well et och wichtig ass, dass ee Choix ka steieren. Dat dozou.

Da war Är Fro par rapport zu der Taxe de recyclage, do ass et esou, dat ass de Cours vum Glas op der Bourse, sou wéi e kotéiert gëtt, deen ass méi deier ginn, dofir huet dat och eng Reperkussioun, dat ass och déi Informatioun, déi ech vun eisem Service kritt hunn. Dat doten ass Frais d'enlèvement, dat ass den normale Budgetsartikel, mir maache jod'Dreckskeeschten eidel, mat Glas an esou weider, dat gëtt jo alles alles verschafft. Natierlech, de Cours vum Glas ass méi deier ginn, dat huet eng Reperkussioun op d'Gemeng Diddeleng an dofir hu mir hei missen eng Adaptatioun maachen. Dat sinn déi Erklärungen déi ech vum Service krut well ech hunn déi selwecht Fro gestallt.

Dann zum Här Gangler, par rapport zum Parking, dat ass dat wat an eisem Contrat d'exploitation steet. Dat heescht, wann en Excedent besteet, da gëtt deen ënner de



Propriétaires verdeelt. Mir hu jo 111 Parkplazen, déi aner Propriétaires hunn der 71, dat heescht, do ass dann e Schlëssel. Wann awer keen Excedent ass an dat ass jo de Fall, da mussen mir jo Indigo Recettë gi fir dass si par rapport zu hire Charges d'exploitation an den Equiliber kommen. Dat heiten ass deen Deel vun der Gemeng, dee mir bis 2017 mussen bezuelen, also vu Mäerz bis Dezember 2017, an deen aneren Deel, den net hei drasteet, ass deen Deel, deen aner Propriétaires Indigo bezuele mussen. Dat heescht, dat heiten ass just deen Deel vun der Gemeng Diddeleng.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Jo, mä hätt dat net virausgeschéckt, dass mir hätte missen en Dekont kréien? Ech hu gemengt, mir hätten dat esou an eiser Conventioun drageschriwwen, dass opgrond vun engem Dekont misste mir kënne gewuer ginn, wéivill si manner hunn a wéivill mir mussen bäisteieren. Mir hunn awer keen Dekont gesi bis elo.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Deen Dekont hu mir vun hinne kritt, dofir hu mir dee Montant ageschriwwen. Si hunn eis dat och zoukomme gelooss, dat kann ech gär weiderschécken. Do si mir bei engem Montant vu 65 500 Euro fir d'Gemeng, mir iwwerhuelen hei gutt zwee Drëttel, deen aneren Drëttel sinn déi aner Propriétaires. Mä ech mengen, de Moment, wa mir grad déi Diskussioun féieren, et mierkt een, dass dee Parking sécherlech méi kéint genotzt ginn, mir sinn an deem Kader, dass et fir eis eng Depense ass, déi mir mussen couvréieren. Mir wëssen awer, ech hunn e bëssen dat Gefill, sou wéi de serge Gainsbourg an d'Jane Birkin gesongen hunn, "Je t'aime moi non plus", well wa mir Aktiounen starten, wou de Parking gratis ass, sief et fir d'Fête de la musique, sief et fir Nationalfeierdag, sief et fir d'Braderie sief et fir de verkafsoffene Sonnden, sief et fir d'Chrëschtdeeg, do bascht de Parking op gutt Lëtzebuergesch gesot aus allen Néiten. Do ass e voll a permanent voll. Mir hunn eng Rei initiativë geholl an och reagéiert, par rapport zu Doléancen déi komm sinn, par rapport zu der Beschëlderung an deene groussen Achse fir de Parking Am Duerf an Diddeleng selwer och, fir dass am Fong iwwer d'Signaletik een och de Wee dohinner fënnt an ech wëll och soen, dass 2018 scho méi Leit de Parking nutzen, wéi dat 2017 de Fall war.

Dat brauch ëmmer eng Zäit bis dat kënnt, a mir wëssen awer och, dat hat ech bei Indigo nogefrot, dass awer am Fong 75% vun de Leit, déi de Parking nutzen, bis zu 1,5 Stonnen do sinn, dat weist, dass déi Leit, déi do parken, och hir Akeef an Diddeleng maachen, wat ganz positiv ass. Also mierke mir vun engem éischte Joer, wou dat Gantz muss gräifen, bis dat zweet Joer 2018, wou

mir och schonns d'Echoe kréien, dass méi Leit en notzen, dass och eng Hausse do ass, wann ee vergläicht vu Mäerz – Dezember 2017 respektiv Januar – Oktober 2017, also wann ee kuckt, do ass ëmmer eng Hausse ze enregistréieren, wat gutt ass, mä hei brauch een eng gewëssen Ulafszäit. Mee et mierkt een dass de Parking zu verschidde Momenter ganz staark genotzt gëtt, an zu anere Momente e bësse manner.

Dat als néideg Erklärungen zu der Liste modificative, da géif ech soen, dass mir ofstëmmen. **Wien ass mat der Liste modificative, sou wéi se hei virläit, averstanen? Déi Gréng, LSAP, Déi Lénk. Wien enthält sech? CSV an ADR.**

4.9. Approbatioun vun der Deklaratioun vun den net-reglementéierte Recettë vum Budgetsjoer 2017

Da géife mir weiderfuere mat de Recettes non règlementées fir d'Joer 2017 an do hu mir e Montant vun 144 345,32 Euro. Do fënnt een ëmmer déi selwecht Donnéeën dran erëm, et sinn engersäits alles wat fir d'Enquête Comodo-Incommodo ass, déi maachen e Pre-finanzement a kréien dat deementspreechend och zeréck, Assurancëgeschichten, wou Saache futti gemaach goufen, déi mir dann och rembourséiert kréien, eis Fotovoltaikanlagen, déi och Recettë generéieren, respektiv awer och Manifestatiounen, wou Sponsoring ass. Voilà, dat fir déi véier Elementer e bësse méi erauszehiewen, dat mécht e Montant vun 144 345,32 Euro vu Recettes non règlementées, déi mir hunn.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci, ech wollt nofroen, bei der Recette vun der Vente vum Elektresch, bei de Fotovoltaikanlagen, dat kënnt mir e bësse wéineg fir, dat ass manner wéi d'lescht Joer, an déi Kéier do virdu war et och schonns manner. Do ass d'Fro: Firwat ass dat esou? An dann hunn ech nach eng Fro: Recouvrement de créances concernant l'état des restants de l'ancien hospice Diddeleng, déi 364 Euro, do froen ech mech, vu wou kommen déi hier? Well mir hate jo awer op vill Redevance verzicht grosszüegerweis, also mir net als CSV mä déi aner hei am Sall, déi mer vum CHEM nach zegutt haten, mä wou kommen déi Suen elo nach hier?

An da wollt ech awer och ob eppes hiweisen, hei steet Remboursement concernant la rénovation de la façade de l'Eglise St. Martin. A Klameren Trop Payédouble facture 9 900 Euro, ech ka mech erënneren, dass mir nach net virun esou laanger Zäit vum Ministère de l'Intérieur drop higewise gi sinn, dass bei der Fakturatioun vun der Renovatioun vun der Fassad vill Saachen onkloer waren an de Rechnungen an dat heiten ass jo dann elo de Beweis, dass de Contrôle vun de Rechnunge duerch



de Schäfferot net korrekt ass, well wann do eng Rechnung zweemol bezuelt gëtt, dat si Gemengegelder, dat si Gelder vun eisen Diddelenger Bierger an do wollt ech drop hiweisen, dass dat net gutt ass, dass mir zoufällig eppes fanne wat mir zweemol bezuelt hunn, dat ass net esou wéi mir eis dat virstellen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER):

Merci, gëtt et nach weider Stellungnahmen? Dat mat der Fotovoltaikanlag gëtt effektiv all Joer manner, firwat kann ech lech elo direkt net soen, ech kann dat awer roueg nofroen.

Déi 362 Euro, déi mir kréien iwwer den Hospice civil, dat hate mir och ëmmer all déi Joere virdrun, dat ass een, dee regelméisseg zeréckbezilt, a vu, dass mir och am Fong d'Konten zougemaach hunn, bezilt déi Persoun nach ëmmer weider an effektiv, do kréie mir déi Erklärung déi ech kritt hunn.

Effektiv, dat mat der Kirch zweemol bezuelt, eis Servicer, wéi et bezuelt ginn ass, haten se direkt den Reflex ze gesinn dass se zweemol bezuelt hunn, dunn ass direkt zeréckbezuelt ginn, sou dass mir do ganz reaktiv waren.

Soss nach weider Stellungnahmen? Da komme mir zum Vote, wien ass domat averstanen, dass mir déi Recetten eisem Budget zouspillen? **Dat ass unanime.**

4.10. Approbatioun de l'état des recettes restant à recouvrer à la clôture de l'exercice budgétaire 2017

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER):

Da fuere mir weider a mir ginn op de Restanten-Etat vum Joer 2017. Ech begréissen dofir hei eisen Receveur, de Gilbert Loos, deen herno och op verschidde Punkten oder Froe kann agoen. Dir wësst, de Restanten-Etat sinn ëmmer déi Recetten, déi opstinn, vis-à-vis vun der Gemeng, wou mir eng Rei Diddelenger Schëldner hunn, dat sinn esouwuel Personnes physiques wéi och Personnes morales, an den Total, deen Dir hei virleien hutt vun 1 326 387,72 Euro, dat baséiert op de provisoiresche Kont vun 2017, deen och an de Ministère de l'Intérieur geschéckt gouf.

An der ganzen Diskussioun proposéiert och de Receveur eng Décharge vun 47 633 ,47 Euro, dat sinn oft Situatiounen, wou Leit eng Faillite haten, wou mir net méi un d'Suen erukommen, respektiv leit am Ausland sinn a mir se net méi kënnen opfannen a mir hunn an der Reprise provisoire e Montant vun 1 278 754,25 Euro a wat mir de Gemengerot haut froen, ass, dass en eis d'Autorisatioun gëtt, dass d'Gemeng via eise Receveur déi doten Zomm ka weider poursuivéieren an andreiwen.

Wann een elo de Restanten-Etat, den Nettobetrag vun 2017 par rapport zu 2016 vergläicht, do hu mir natierlech eng Augmentatioun, dat muss ee hei soen, en Nettobetrag vun 88 670 Euro, dat awer virun allem well haaptsächlech eng Personne physique an zwou Personnes morales bäikomm sinn, well generell kann ee soen, dass mir vum alen Restanten-Etat 326 608 Euro ofgebaut hunn a vum neien Restanten-Etat 415 345, 99 Euro dobäi komm sinn, mä wéi gesot, déi Hauptpositiounen, déi dobäi komm sinn, dat ass eng Personne physique an zwou Personnes morales wann een dat extrapoléiert.

Wann een e bësse méi am Detail kuckt, mierkt een awer, dass verschidden Déngschtleeschungen, déi vun der Gemeng vis-à-vis vum Bierger oprechterhale ginn, betraff sinn. D'Regel ass, dass een déi soll bezuelen, d'Ausnahm soll sinn dass een se bezilt. Ech mengen, dat ass de generelle Prinzip. Wat mir awer mierke par rapport zu deene Joere virdrun, alles dat wat Déchets ménagers ugeet, alles dat wat Poubellen ass, dass dat liicht erofgeet am Restanten-Etat, dass awer och de Volet vun eisen Structure-d'acceulle par rapport zu de Joere virdrun ofhëlt, wat och gutt ass, mä alles wat Waasser, Ofwaasser ass, dat hëlt zou, an den Impôt foncier och.

Et ass wéi gesot eng Personne morale a wéi gesot, déi Situatioun, an där mir sinn, haaptsächlech bei deene Personne-physiquen, déi nach bezele muss, do ass eng ganz Rei Dossieren, déi déi Joeren och virdrun haten, beim Office social leeft dat gutt mat der Zesummenaarbecht. Mir hunn och eng ganz Rei Dossieren, wou mir Poursuite-judiciairen hunn, déi si voll amgang beim Friddensgeriicht. Wa Leit sech d'Fräiheet huelen net ze bezuelen, da musse mir eben déi néideg Poursuitë maachen. Ech kann lech hei soen, dass mir de Moment 217 Ordonnance-de-paiementen hunn, eng 124 Dossiere beim Huissier sinn, mir 34 Saisien hunn, och do weider dru schaffe fir déi Sue kënnen anzedreiwen. Dat fir déi néideg Erklärungen. D'Diskussioun ass op.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci, Dir hutt eis d'Explikatioun ginn, mir waren och erstaunt, ze gesinn, dass de Restanten-Etat, nodeems en elo kontinuéierlech ëmmer erofgaangen ass - d'läscht Joer ware mir ënnert 1,2 Milliounen Euro - an elo si mir erëm driwwer. Dir hutt eis d'Explikatioun ginn dass et haaptsächlech u vereenzelten Schëldner läit, a mir begréissen dat op jiddwer Fall, dass do mat aller Rigueur géint d'Schëldner virgaange gëtt, mir haten dat jo och hei gemeinsam decidéiert virun e puer Joer, mir hunn eist Personal jo och verstärkt, sou dass mir déi Moyenen hunn, fir do méi rigouréis virzegoen. Dat gesot wollt ech just op ee Punkt agoen, de Minerval scolaire pour enfants provenant d'autres communes à l'étranger, do waren



11 500 Euro ze bezuelen, 7 500 Euro si bezuelt a 4 000 Euro si geschuldet ginn. Ech weess dat vun anere Grenzgemengen, déi gi carrément op de Wee an si huelen einfach kee méi aus dem Ausland well et do natierlech vill méi schwéier ass, eng Ordonnance de paiement ze maachen an eng Saisie ze maachen, an dat ass sécherlech e Problem. Wat een awer mol eng Kéier muss duerchdiskutéieren, ass, ob dat iwwerhaupt nach sënnvoll ass, déi Leit déi am Ausland wunnen, an hir Kanner bei eis an d'Schoulen ze ginn, wahrscheinlech och an d'Maison relais, ech huelen un, dass dat déi selwecht Leit sinn, dass een do iergendwa muss soen, et ass dann elo gutt.

Well et kann net sinn, dass d'Allgemengheet dofir muss opkomme wann aner Leit just d'Avantagë vu Lëtzebuerg huelen an am Ausland dann awer liewen. Mir begréissen, dass ee mat enger gewëssener Rigueur virgeet, mir hate vereenzelt Leit déi grouss Problematik ausmaachen, de groussen Sprong maachen, a mir ginn op jiddwer Fall Feu vert fir weiderhi mat aller Rigueur virzegoen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Madame Kayser fir déi doten Zoustëmmung. Nach weider Stellungnahmen?

ROMAINE GOERGEN (DÉI GRÉNG): Ja, also bei de Restanten hate mir déi aner Joren ëmmer kënne feststellen, dass de Betrag erofgaangen ass a mir hate scho gehofft, dass dat kann esou weidergoen. Leider ass dëst Joer dat net de Fall, d'Zomm vun den netbezuelte Rechnungen ass erëm an d'Luucht gaangen, wann och net schrecklech vill. D'Erklärung, déi ech fonnt hat, ass dass vun den Altlaste wéineger konnt ofgedroe ginn, während gläichzäiteg awer vun den neie Rechnungen net vill bezuelt ginn ass. Bei d' Altlaste vu bal 900 000 Euro, sinn ongeféier 400 000 Euro nei Scholde bäikomm. Wann een dann déi Zuele mat deene vum leschte Joer vergläicht, da stellt ee fest, dass eppes Spezielles an der Opplëschtung ass.

Dräimol fënnt een e Betrag a Verbindung mam Gas dëst Joer a mir stelle fest, dass mir méi hei erakritt hunn wéi mer hätte missten. Firwat sinn dës Zuelen dann am Restanten-Etat?

Dann erlaabt mir eng kuerz Analys vun den Zuelen, déi mir virleien hunn, säit 2013 verkeeft d'Gemeng de Leit kee Gas méi, an dat ware virdrun ëmmer déi héchst Montanten, déi net bezuelt ginn sinn. An der Zweschenzäit sinn déi héich Betrag, déi wou d'Leit an d'Entreprisë schëlleg bleiwen, déi beim Waasser, Offall a bei der Kanaltaxe, dëst Joer fällt awer och op, dass méi Loyer a Chargen opstoe bleiwen. Et mierkt een, d'Problemer verlageren sech a ginn net méi kleng, wahrscheinlech muss ee bei den Restante fatalistesesch sinn. Déi Leit, déi grouss

Schwieregkeeten hu fir d'Enner openeen ze kréien oder déi dru et dro ukomme wëlle loossen, bezuelen éischerter privat Firme wéi d'Gemeng well déi bekannt si fir bësse méi kulant ze sinn.

Mir sollte weider probéieren, e Maximum vun de Scholden anzedreiwen, besonnesch do wou genuch do ass fir ze huelen. Et ass awer kaum virstellbar, dass dat déi nächste Joere vill besser wäert ginn, an deem Sënn akzeptéiere mir dee Restanten-Etat a mir ënnerstëtzen de Gilbert Loos a senger Aarbecht. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dofir, da géif ech soen, dass de Gilbert Loos eis Präzisioune gëtt, respektiv Froe beäntwert.

GILBERT LOOS (RECEVEUR VUN DER GEMENG DIDDELENG) : Merci, wat de Gas ugeet, dat ass effektiv d'Duerchlafgebühr, wou mir eng Note de crédit ausgestallt hunn un ENOVOS a mir konnten se nach ëmmer net encaisséieren, och wann ech se zeréckbezuelt hunn, hu mir se nach net erëmkritt an dat ass nach net ganz geregelt. Et ass e minime Montant, mä et ass effektiv sou, dass dofir elo de Gas am Restanten an negativen Zuele steet. Wat déi Jore virdrun ugeet, deen alen Restant ass elo 2017 bei 898 000 Euro, wou en 2016 bei 912 000 Euro war, dat heescht och deen ass awer erofgaangen.

Et ass haaptsächlech 3 Persounen, physiques a morales, déi 116 000 Euro 2017 plus ausmaachen. Anescht wäert den neie Restant 298 000 Euro an d'Luucht gaange par rapport zu 2016, 338 000 Euro, an do ass effektiv eng Persoun morale mat héijem Loyer, déi net bezuelt huet. Dofir ass och de Loyer esou an d'Luucht geschoss a beim Divers ass eng physesch Persoun, wou mir och duerch en héije Montant, ech wëll hei keng Nimm nennen, awer Dir kënnt dat herno bei mir awer nofroen. Wann nach Froe sinn, huelen ech gäre Stellung dozou.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Jo, mam Minerval, déi lwwerleeungen hu mir hei zu Diddeleng och, effektiv sinn aner Gemengen, déi dat och scho maachen a mir hunn och eng ganz Rei manner Demanden aus dem Ausland, fir am Enseignement fundamental, dat gëtt also effektiv ofgebaut. Zwar net aus dem Grond well et schwéier ass, un déi Leit ze komme well se am Ausland sinn, mä effektiv wéinst dem Besoin vu Plaz. Da géif ech zur Ofstëmmung kommen.

Wien ass domat averstanen, dass mir dem Gilbert Loos gréng Luucht ginn, fir de Restanten-Montant weider ze poursuivéieren. **Dat ass unanime.**



4.11. Approbatioun vun Dekonten

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da gi mir weider op d'Dekonten, Dir hutt sechs Stéck virleien. Deen een, dat sinn d'Vestiairë vum Stade Meyer. Den Devis war 1 950 000 Euro, d'Dépense effective war 1 944 685,58 Euro, louch also ganz liicht drënner. Dat war 2014-2018 an do krute mir och e Subsid vum Sportsministère.

Da ginn ech weider op d'Rue Aline Mayrisch de St Hubert, do war d'Erneuerung vum Gas-Reseau a vum Ofwaasser-Reseau, dat war en Devis vun 180 000 Euro an d'Depense war 178 935,43 Euro.

Da war d'Schoul Baltzing, do hate mir e Botzraum amenagéiert, 85 000 Euro war den Devis an d'Depense 75 604,41 an dat war 2016 an 2017.

An der Schoul Brill Schoul hu mir jo déi ganz Fënstere frëschgemaach, dat war en Devis vun 380 000 Euro an eng Depense vun 358 733,96 Euro, dat war 2016.

Am Joer 2017 hate mir am Gemengenhais d'Remise en état vun eiser Chaudière, dat war en Devis vun 80 000 Euro an d'Dépense réelle war 77 846,72 Euro, dat war 2016 an 2017.

De leschten Dekont betrëfft d'oppe Schwämm, d'Etancheitéit vun der Terrass, dat war en Devis vun 28 000 Euro an d'Dépense effective war 27 938,17 Euro.

Dat sinn déi 6 Dekonten, déi ech hei wollt virstellen. D'Diskussioun ass op.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci Här Buegermeeschter, d'CSV hat den Amenagement vun de Vestiairen - well mir déi 2 Milliounen Euro ze deier fonnt hunn net mat gedroen a genau sou fanne mir 75 000 Euro ze vill fir en Amenagement vun engem Local de nettoyage an der Schoul Baltzing, dofir géif ech villäicht bieden, ob mir déi zwee Poste kënnen separat ofstëmmen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Kee Problem dat kënnen mir maachen. Gëtt et nach weider Stellungnahmen dozou? Neen, wien ass da mat den Dekonten averstanen sou wéi se hei virleien? D'Vestiairë vum Stade Meyer, respektiv de Vestiaire fir d'Botzpersonal vun der Schoul Baltzing erausgeholl, **dat ass also unanime.**

Wien ass mat deem Dekont fir d'Vestiairë vum Stade Meyer averstanen? LSAP, déi Gréng an déi Lénk. Wien enthält sech? ADR an CSV.

Da komme mir eriwwer op d'Lokal fir d'Botzpersonal vun der Gemeng an der Schoul Baltzing, wien ass mat deem Dekont averstanen? Dat sinn och Stëmme vun deene Gréngen, ADR, LSAP an déi Lénk. Wien ass dogéint? Keen. Wien enthält sech? D'CSV.

4.12. Festlëee vum Taux vun der Handelsteier fir d'Steierjoer 2019

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da géif ech weiderfuere mam Impôt commercial, dee musse mir och fixéieren, dee läit bei 350% fir d'Joer 2019. D'Gesetz gesäit fir, dass mir deen ëmmer virum 1. November mussen zur Ofstëmmung bréngen. D'Gemengefinanzgesetz gesäit vir e Minimum vun 225%, respektiv e Maximum vun 350%, sou dass d'Propos ass, beim aktuelle Montant ze bleiwen. Et ass esou, dass duerch dat neit Gemeengegesetz 35% direkt agespillt ginn an de Budget an déi aner 65% an den Impôt kommen a verdeelt ginn. Ass de Gemengerot domat averstanen? **Dat ass unanime.**

5. BERODUNGSKOMMISSIONEN - ÄNNERUNGEN AN DER SCHOUL- KOMMISSION AN AN DER IWWERWAACHUNGS- KOMMISSION VUN DER REGIONALER MUSEKSSCHOUL

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da gi mir weider a mir kommen bei d'Schoulokommissioun, do ersetzt fir d'LSAP den Tom Streff de Cyril Grün an an der regionaler Museksschoul, well jo och d'Gemeng Käl-Téiteng Member ass, do musse mer zousätzlech Leit nimméieren, do sinn dann d'Viviane Petry als Membre effectif an de Marcel Hambert als Membre suppléant. Ass de Gemengerot domat averstanen? **Dat ass unanime.**



6. GENEHMEGUNG VUN ZOUSÄTZLECHEM POLITESCHE CONGÉ FIR D'GEMENGE-SYNDIKATER

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER):

Da komme mir op d'Verdeelung vum Congé. De Règlement grand-ducal gesäit vir, datt d'Delegéierten an de Syndikater zousätzleche Congé politique kënnen kréien. De Règlement Grand-Ducal ass jo esou ausgesat haauptsächlech fir déi Leit, déi op engem Bureau sinn, well déi méi oft dann och gesäit, wou een niewent dem normale Congé politique och méi disponibel muss si fir déi Aarbechte vum Bureau vum Syndikat kënnen an Ugrëff ze huelen an och Comitéssitzunge ze preparéieren. An do ass hei d'Propos vun deenen 9 Stonnen, déi mir hunn, engersäits 7 Stonnen dem René Manderscheid ze ginn, dee President ass vum STEP, deen am Bureau ass vum Minettskompost a SIDOR, an 2 Stonnen dem Loris Spina, deen am Bureau ass vun SES a STEP. Voilà, dat war d'Verdeelung. Ass de Gemengerot domat averstanen? **Dat ass unanime.** Merci.

7. PERSONALFROEN - KONVERSIOUN VUN ENGEM FRÄIE GEMENGEEMPLOYÉSPOSTEN VUM INTERNE REKLASSEMENT ËNNER DEM STATUT VUM SALARIÉ

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER):

Da gi mir weider op d'Propos, dass mir d'Reconversioun maache vun engem Poste vum engem Employé communal, vum Reclassement interne ënner dem Statut vum Salaré. Firwat maache mir dat? Dir gesitt hei, dass d'Madame Patrizia Bartels an d'Pensioun gaangen ass an si war am Statut vum Employé communal, si ass säit dem 31. August an der Pensioun an si war ëmmer d'Begleederin am Schoulbus an et ass elo sou, dass mir eng Damm hei intern am Haus hunn, déi krankheetsbedingt intern reklasséiert gouf, well se eng ganz Rei Aarbechten net ka maachen, dat ass d'Commission mixte, déi huet déi Decisioun den 19. Juli geholl an dofir - well jo ëmmer gesot gëtt, dass mir net transparent wieren - wëll ech lech hei ganz transparent matdeelen, dass iwwer dat Reclassement déi Madame aktiv op de Poste vum Begleeder vum Schoulpersonal kënnt, mä fir dat kënnen ze maachen,

musse mir dee Poste reklasséieren, vum Employé communal op e Reclassement interne professionnel. Dat ass d'Logik vun dëser Konversioun, fir dass d'Madame kann an déi Busekipp integréiert ginn. Wien ass domat averstanen? **Dat ass unanime.**

8. FROEN UN DE SCHÄFFEROT

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER):

Hei ass et esou, dass mir dräi Froe vun der Madame Kayser hunn, engersäits iwwer de Fussballstadium, iwwer de Shared Space an iwwer d'Diddelenger Spidol. D'Madame Kayser freet, dass si festgestallt huet iwwer d'Press, dass mir eng Vereinbarung hunn als Schäfferot mam Fussballveräin an dass mir do géife versprechen, nei Terrainen ze erwerbe fir no de Gemengewalen 2023 en neie Fussballstadium opzebauen, respektiv dass an der Tëschenzäit um Nossbaum Aarbechte solle getätigt ginn. Si freet firwat de Gemengerot iwwer dës Vereinbarung net a Kenntnis gesat gouf, an och wéi dee genee Wuertlaut vun dëser Vereinbarung ass.

An dësem Dossier muss ee jo ganz kloer soen, an an der Press gouf jo laang a breet doriwwer geschwat, respektiv Stellungnahme geholl, gëtt et keen neie Moment. D'Stad Diddeleng baut keen neie Stadium, et steet net an eiser Schäfferotserklärung. Et steet awer an eiser Schäfferotserklärung, dass mir d'Modernisatiounen maache mat de Veräiner zesumme vun eise sportlechen Infrastrukturen, dass mir dat am Dialog maache mat eise Veräiner an et ass an deem Kader, wou mir eis och befannen a wann et en neie Moment gi wier, dann hätte mir och de Gemengerot dovunner a Kenntnis gesat.

Déi Marschrout, déi mir beschwat hunn an deem Moment wou keen neie Moment ass, an dat war eng mëndlech Diskussioun, déi mir haten, ass déi, dass mir à cour et à moyen terme an den Nossbaum mussen investéieren, well dat eng al Infrastruktur ass, well den Invest och néideg ass, an dass ee kann envisagéieren, à long terme en Neibau ze maachen, mä et ass an dëser Legislaturperiod vun der Gemeng aus keen neien Terrain gebaut gëtt.

Déi aner Fro ass dann, ob et üblech ass, dass de Schäfferot mat de Veräiner Verhandlungen ophëlt, déi iwwer den Handlungsspillraum vum Schäfferot erausginn, respektiv iwwer seng Mandatsperiod erausginn? Eng prinzipiell Remarque wëll ech do maachen: Dat heiten ass eppes ganz Übleches am Kader vun den Diskussiounen am Kader vun der Planung, déi stattfannen. Net nëmmen um lokale Plang mä och um nationale Plang. An enger Legislaturperiod, an där Beispiller kënnen mir der hei



masseweis opzielen, wou mol an enger Legislaturperiod eppes geplangt ginn ass an an där anerer Legislaturperiod ëmgesat gëtt, Infrastrukturaarbechten ausgeschafft ginn, an duerno ëmgesat ginn, och an CSV-gefëierte Gemenge wëll ech hei soen, an et wier och e bësse kokass wann d'Welt géif 2023 stoe bleiwen. Ech fannen, dass dat eng komesch Vue ass, et gëtt eng Rei Bauprojeten um Niveau vun der Landesplanung oder och regional Planung, wa mir un d'Südspidol denken, awer och hei zu Diddeleng, Staatslaboratoire, Multimodal, déi an enger oder zwou Periode geplangt goufen an duerno, also méi spéit ëmgesat goufen. Är Fro, goufen aner Accorde fonnt? Neen, dat wat an der Press war, ass dat wat mir beschwat hunn. Wéi eng juristesche Konsequenzen hätt et wa mer déi Marschrout net géifen anhalen? Juristesche Konsequenzen huet et keng fir déi Gemeng, an effektiv, och op Är Fro, wéi eng Gréisstenuerdnung eventuell fir deen neie Fussballstadion festgehalen ass, de Moment si mir au début, mir huelen des Period einfach nëmme fir emol ze kucken ob et méiglech ass, ob dat eppes mat sech bréngt, dat heescht och ze kucke wat de Site hirgëtt.

Dann Är Fro firwat net um Barozzi de Stadion soll kommen, well do besser Parkméiglechkeete sinn, eng besser Ubannung un den ëffentlechen Transport? Dat war déi éischt Prioritéit an der Diskussioun, a mir hu ganz kloer och nogefrot am Ëmweltministère an och dat war awer kloer, do hunn ech Stellungnahme geholl als Buergermëschter an der Press, dass dat doten net méiglech ass aus ëmwelttechnesche Grënn. Et ass dat gréissten Naturreservat am Land, mir hunn Natura 2000, do kréie mir keng Autorisatioun well et och fir eis op der Hand louch, dass dat e potentiellen Site kéint sinn, wann een do eng ganz Rei Infrastrukturen huet, mä ëmwelttechnesch ass et do net méiglech.

Dann ass d'Fro wéi eng Renovéierungsarbechte ginn um Nossbaum gemaach? Dat ass virun allem d'Vestiairen an d'Tribün, och dat hu mir weiderginn un de Sportsministère, och d'Vestiairen, fir dass mir déi néideg Subventioun kréie vum Ministère wa mir déi Infrastruktur weider probéieren a Stand ze halen. Firwat am Gemengerot ni doriwwer diskutéiert gëtt? Mir hate méi wéi eng Kéier hei am Gemengerot Akte virleien, wou mir ganz kloer iwwer d'Extenssioun vum Stade Meyer geschwat hunn, a mir hate scho säit Joeren hei am Gemengerot d'Diskussioun, dass dat doten e Pôle kéint gi fir de Fussball, an et ass an deem Kontext wou ëmmer déi Akte virleichen, ganz kloer gesot ginn, dass et am Kader wier vun der Extenssioun vum Stade Meyer. Dat huet een och ëmmer am Kader vun deenen Akten erëm fonnt, well se d'Utilité publique hunn, wa mir déi Terrainen och kaf hunn, an dëst Joer hu mir déi och mat erageholl. Dat effektiv ass dann och d'Äntwert zu Äre Froen.

Dann, zum Shared Space, och do sot Dir, dass Dir rose sidd, dass Dir iwwer d'Press matgedeelt kritt, dass mir e Switch gemaach hunn, wat d'Phasen ugeet am Shared Space, dass mir am Februar 2018 jo och e Projet gestëmmt hu vun 1,3 Milliounen Euro, wat och d'Phas 2 betrëfft, d'Aarbechten an der rue du Commerce a Route de Zoufftgen an dass mir am Fong déi initial Phas 2 net an Ugrëff huele mä éischer déi Phas 3 virzéien. Är Fro firwat de Gemengerot net iwwer dat a Kenntnis gesat gouf, respektiv wéi de Schäfferot dëse Switch am Fong begrënnt. Ech muss soen, dat muss ech mat Befriedung feststellen, déi zwee Artikelen, déi waren awer ganz kloer firwat mir dat gemaach hunn.

Firwat konnte mir de Gemengerot net informéieren? Well mir zimlech spéit vu Ponts et Chaussées matgedeelt kruten, dass wat hiren Deel ugeet, an déi Diskussioun hate mir jo zesummen Ufanks des Joers, wat d'Route de Zoufftgen an d'Rue du Commerce ugeet, hunn si jo zesummen de Lead vun dësem Projet, si hunn eis zimlech spéit matgedeelt dass si de Projet net kënne maachen. Mir hunn also missen schnell reagéieren fir effektiv deen dote Projet, also dee Switch kënne ze maachen. Well wann si dee Projet ëmgesat hätten, wa mir den initiale Projet wat d'Phas ugeet agehalen hätten, dann hätte Ponts et Chaussées mat der Bidirektionalitéit eréischt Enn 2019 kënne ufänken. Dat hat ech och kloer an der Press gesot, dofir hu mir och dee Switch gemaach, well dee Projet vun hinnen hätt e gutt Joer gedauert an eréischt duerno wäere mir un d'Phas 2, Plaz Franz Kinnen, gaangen, an eréischt duerno wier den aneren Deel vun der Niddeschgaass komm, dat heescht wann een dat doten duerspilt, da wier de Shared Space 2023 fäerdeg ginn. Dofir hu mir hei de Switch gemaach, de Moment ass och d'Ausschreiwung, déi mir am Hierscht wëlle maachen, do schaffen eis Servicer och mam Bureau Schroeder op Héichtouren, fir déi Soumissioun kënen ze maachen, fir dass mir dat am Fréijoer kënnen ugoen, a fir dass mir och - wa mir dat duerchzéien - och 2022 kënne fäerdeg ginn, och dann e Joer, well déi aner Contrainte, déi mir hunn, mir kréie jo och Fördergelder fir dat doten ëmzesetzen, an do kënne mir maximal 2 Joer par rapport zum initialen Timing iwwerzéien, soss kréie mir dat net ausbezuelt. Dat heescht, mir hunn also och eng finanziell Contrainte, déi och hei spillt.

Dann Är Fro zu der geplangter Budgetiséierung am Gemengerot, respektiv dee Budget dee mir Unfank des Joers gestëmmt hunn, dat sinn zwou verschidde Saachen. Mir hunn de Shared Space jo ganz verschidde gestëmmt, dat waren dé 5,9 Milliounen Euro, dat waren déi 3 Phasen zesummen, déi mir hei am Gemengerot gestëmmt hunn; dat wat mir Ufanks dëst Joer gestëmmt hunn, dat war just deen Deel, déi 1 250 000 Euro fir den Deel Zoufftgen - Commerce, sou dass dat ausserhalb vum



Budget Shared Space ass, et ass net dran. Et ass eng ganz aner Logik. Dat zu den Erklärungen, firwat mer dat gemaach hunn. Mir haten hei Handlungsbedarf an hunn dat misse maachen, engersäits aus Planungsgrënn an awer och aus finanzielle Grënn, well mir zimlech spéit Bescheed gesot kruten, wat den Dossier vu Ponts et Chaussées ugeet. Dann, wa mir den initiale Projet bäibehalen hätten, da wiere mir 2023 fäerdeg ginn. Wa mir dat elo virzéien, da si mir 2022 fäerdeg, et ass also 1 Joer wat mer gewonnen. Dofir och de Schlüssel vun 1- 2 Joer, deen drunhänkt fir d'Fördergelder.

Da kommen ech zum Diddelenger Spidol, och do sot Dir dass Dir mat Befriedung de 4. September an der Press hutt misse liesen, dass d'Iddi besteet, am Diddelenger Spidol e Fleegeheim ze maache fir demenzkrank Leit, Dir hutt gesot dass Dir do mat Erstaune liest, dass eng Vorstudie gemaach gouf an Dir stellt d'Fro firwat dass de Gemengerot dovunner net a Kenntnis gesat gouf. Do wëll ech awer hei soen, dass ech mat Befrieme muss feststellen, dass Dir mir net nogelauschtert hutt, well den 13. Juli hei am Gemengerot, den 12. Juli ass d'Südspidol Gesetz gestëmmt ginn, den 13. Juli am Gemengerot sot ech lech an dem ganze Gemengerot, dass d'Stad Diddeleng d'Initiativ ergraff huet fir Kontakt opzehuele mat der ALA fir en regionale Centre hei am Süden ze maachen an dass mir an dem Kontext de Finanzminister ugeschriwwen hunn, de Ministère vun der Sécurité sociale, de Ministère de la Santé an de Ministère de la Famille.

Déi hu mir ugeschriwwen, well mir eis ganz kloer kënnen virstellen, dass wann dat Südspidol bis steet, mir och esou e regionale Centre, well do och eng Demande ass bei der ALA, eng riseg Waardelëscht, et si ronn 170 Leit, déi waarden, dovunner eng ganz Rei Leit op Waardelëschten, hat ech also de Gemengerot ganz kloer iwwer dat Virhaben informéiert, well och am Kader vun den Diskussiounen an der Chamber iwwer d'Südspidol d'ALA ernimmt gouf an d'Press doriwwer bericht huet an ech wollt lech hei doriwwer informéieren an dofir hunn ech dat den 13. Juni hei gemaach. De Moment besteet keng grouss Studie. Mir hunn eng ganz sommaire Etude de faisabilité gemaach a mir wëllen hei ganz kloer net deenen aneren iwwerloossen, ze decidéiere wat op deen dote Site soll kommen. Mir wëllen decidéiere wéi eng Infrastruktur dohinner soll kommen, dofir hu mir och de Lead an d'Initiativ geholl.

Dir stellt och d'Fro wéi de Moment effektiv d'Propriéitsverhältnissen sinn, respektiv och am Kader vun der Fusioun an och vum Fusionsvertrag, wéi dat soll vustatte goen. D'Situatioun ass kloer, d'Stad Diddeleng ass Propriétaire vun den Terrainen, d'Stad Diddeleng ass och Propriétaire vum Gebai an den CHEM ass natierlech Exploitant an huet säit 2004 dee ganzen Invest gemaach

an d'Gebai. Et wäerten sech Froe stellen och am Kader vun deem Invest wann d'Gebai gemaach gouf, am Kader och vum Südspidol, wou déi ganz Aktivitéiten, déi herno op Esch kommen, wéi steet et mat den Ofschreiwungen a mam Amortissement? Dofir ass och déi Wichtigkeet, déi Diskussioun ze féieren, wéi et do ronderëm soll weider goen. Dat ass eng Diskussioun déi och den CHEM féiere muss mam Finanzministère fir ze kucken wien dohinner kënnt an de Moment hu mir och dee Courier gemaach fir de Ministère ze solicitéieren, fir ze kucken, wa mir dee Projet maachen, an déi Echoen, déi mir kritt hunn, si positiver Natur fir an déi dote Richtung ze goen, fir effektiv ze kucken wéi een déi Projeten zesumme kann ëmsetzen. Wien och Bauhär dovunner gëtt, wien d'Exploitatioun gemaach huet, also ee Schratt nom aneren, mä hei ganz kloer de Message, mir wëllen et net aneren iwwerloossen ze decidéiere wat dohinner soll kommen, mä mir hunn hei kloer de Lead a mir hunn de Support vum CHEM a vun der ALA fir an déi dote Richtung ze goen a vun deenen anere Ministère hu mir eng positiv Réckmeldung kritt an am Oktober wäert och eng Visite sinn um Site, wou se sech dat ukucken kommen, also och schonn iwwer deen dote Wee en Interêt manifestéiert hunn.

D'Fro par rapport zum CHEM, wéi et mat de Statutenännerunge vum CHEM ass, wéini de Gemengerot domat befaasst gëtt? De Gemengerot kann Abléck an d'Statute vum CHEM kréien, wann den CHEM bis eng Statutenännerung gemaach huet, dat ass awer nach net de Fall, also kënnen mir se dem Gemengerot net virleeën. Dat ass eng kloer Äntwert par rapport zu Ärer Fro, déi Dir hei gestallt hutt. Mä souwisou mussen d'Statute mam neie Spidolsgesetz souwisou geännert ginn, well do nei Elementer dra sinn, do musse mir eis adaptéieren. Dir wësst, dass souwuel de Conseil médical wéi och d'Vertrieder vun der Delegation net méi eng Voix consultative hu mä eng Voix délibérative an dat musse mir alles an d'Statuten raféiere loossen.

Dann déi Fro par rapport zu der Polyklinik, respektiv der Machbarkeet. Do hunn ech gesot, et ass de Moment eng ganz sommaire Etüd, a wann ee wëll méi an den Detail goen, dofir kommen dann d'Ministèren erof op Diddeleng, fir eng méi pousséiert Etüd ze maachen an d'Iwwerleeung par rapport zum Centre médical de proximité mat der Polyklinik, do goufen et politesch Aussoen, dass déi hei zu Diddeleng soll oprechterhale ginn, a mir hu kloer ugedeit, dat hat ech och hei och schonns gesot, och den 13. Juli, dass mir eis gutt kënnen virstellen, dass déi Polyklinik zum Beispill uewen um Site bleift wou se elo ass, well dat engersäits dem Diddelenger Bierger an d'Hand spillt, mä awer och wann d'ALA sech sollt do usidelen och hinnen an d'Hand spillt, par rapport zu deem Public, deen se do hunn.



An déi Fro firwat mir mat der ALA Kontakt opgehall hunn als Gemeng, dat schéngt mer evident ze sinn, an dat hunn ech och den 13 Juli gesot, dass d'ALA fir eis en natierleche Partner ass, si hunn op der Plaz e Foyer du Jour, deen exzellent funktionéiert. Dat ass e Besoin vun enger regionaler Struktur, ech mengen dass et eng nobel Aufgab ass, eng Struktur ze erschaffen, wou mir demenzkrank Leit hei zu Diddeleng kënnen encadréieren.

Ech wëll awer och bemierken, par rapport zu der Stellungnahme, déi Dir hei huet, oder zu Äre Froen, dass Dir awer en contradiction sidd par rapport zu de Froen, déi Dir virdu gestallt hutt, par rapport zum Fussballstadium, well do frot Dir de Schäfferot, wéi ass et méiglech, dass een iwver eng Legislaturperiod eraus geet, ob dat déi Attributiounen huet. Wou hei an der Froestellung d'Fro stellt, wat geschitt no 2023 a wann ech hei Positioun huele par rapport zu enger Situatioun, déi iwver déi Legislaturperiod eraus geet. Voilà dat nach zu de Froen an den Äntwerten, déi Dir krut par rapport zu de Froen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci, wat Dir do sot iwver déi Fro firwat ech dat mam Spidol gefrot hunn, dat war virun allem och wéinst der Onkloerheet vun de Besëtzerhältnissen, an elo sinn ech awer ganz perplex, dass Dir mer elo sot, am Fong eppes wat contraire ass zu där Äntwert, déi ech vun lech kritt hunn 2016, wou ech da gesot hunn, datt wat d'Besëtzerhältnissen vum Spidol ubelaangt, do steet an deem berühmte Fusionsvertrag vun 2004 mat enger Ajoute vun 2007, dass "die Stadt Düdelingen dem CHEM das Grundstück überlässt, das Gebäude wird dem CHEM jedoch verkauft." Op meng Nofro hutt Dir mir schrëftlech geäntwert. Do steet, dass eng Statutenännerung vum CHEM scho gewiescht wier, "und diese habe dieses Abkommen im Fusionsvertrag angeblich verworfen." Dat ass awer elo eng Kontradiktioun, wann Dir sot et gëtt iwverhaapt nach keng Statutenännerung, do wier et awer villäicht emol gescheit, dass een awer mol eng Kéier nokuckt, wéi dat elo ass a wéi dat och definitiv herno geet, well ech denken, dass soss ëmmer nach dee Fusionsvertrag gëllt a wéi gesot do steet dran, "gemäß Fusionsvertrag wird das CHEM das Gelände mitsamt des Krankenhauses übernehmen." Do bieden ech lech awer elo, villäicht fir den nächste Gemengerot mir do ganz genau Kloerheet ze verschafen, wéi déi Besëtzerhältnissen sinn.

Dann zu der anerer Fro, wou Dir gesot hutt, iwver déi Legislaturperiod eraus, do kann een net déi zwou Saachen, Äppel mat Bieren, vergläichen. D'Zukunft vun eisem Diddelenger Spidol, dat ass eppes komplett anescht wéi en Accord den Dir als Schäfferot, sou stoung et an der Press, well Dir hutt jo gesot dass een d'Artikelen muss genau liesen, et ass jo schuet, dass mir net hei

am Gemengerot eppes gewuer ginn, mä dass mir eis Meenung an eist Wësse mussen aus Zeitungsartikelen eraus.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Et gëtt keen neie Moment, soen ech hei, et gëtt keen neie Moment.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Do steet awer dran, dass Dir eng Vereinbarung maacht mat engem Hauptsponsor an engem Veräin, dat ass jo eppes komplett anescht wéi wann Dir e Projet hutt, deen effektiv eng grouss Envergure huet fir e grouse Site hei zu Diddeleng, dat ass eng grouse Surface, dofir fannen ech dat e bësselchen..., dat sinn zwou komplett verschidde Saache wann Dir mat Privtleit oder engem Veräin en Accord maacht, wou Dir och net drop geäntwert hutt ob dat schrëftlech ass, ob dat iergendwou niddergeschriwwen ass. Dat war nach déi Fro a - wéi gesot - mir si virun allem not amused well mir mussen alles aus der Press erausliesen, an Dir hutt och haut nach gesot, da liest den Artikel dach emol kloer, da wësst Dir firwat de Shared Space anescht organiséiert gëtt. Ech denken, et ass net un eis, als Gemengerot eist Wëssen aus der Zeitung ze kréien. Mir mengen awer, dass de Schäfferot eng Verantwortung huet fir eis ze informéieren doriwwer wat leeft.

An ech wollt do nach, wat Ponts et Chaussées ubelaangt, eng Nofro maachen: Dir hutt gesot, si géife soen, si géifen hire Lead net iwverhuelen an si géifen dat net maachen an si géifen dat méi spéit maachen. D'Fro ass: Wéini wëll Ponts et Chaussées dann déi Aktioun bei der Rue du Commerce an der Route de Zouffttgen maachen an zweetens, wéini sidd Dir dat gewuer ginn? Et ass och net oninteressant, dat ze wëssen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ech fänke beim CHEM u fir de Kader ze setzen. Beim CHEM goufen et bis dato just Projete vu Statuten, déi net aboutéiert hunn, den CHEM huet keng nei Statuten, hie muss sech nei Statute ginn, et goufe Projete vu Statuten an déi si verworf ginn. Nei Statuten huet en an deem Sënn keng ginn. Am Kader vun der Diskussioun, déi mir elo féieren iwver den zukünftege Site, do kann een sech sécher virstellen, dass de Fusionsvertrag ageléist gëtt, dass déi Vente stattfënnt, mä de Moment féiere mir mol einfach d'Diskussioun wat d'Zukunft vum Site ugeet. L'un n'exclut pas l'autre, dofir si mir an Diskussioun mat dem Finanzministère a mat enger ganzer Rei aner Ministèren, fir ze kucken, wéi een deen dote Projet am Interessi vun der Stad Diddeleng, am Interessi och vum Gesondheessektor kann ëmsetzen.




Déi Vereinbarung – dat hat ech lech virdru geäntwert - déi ass mëndlech, mir haten eng Reunioun mam Veräin, do hu mir dat beschwat a mir haten hei effektiv eng Diskussioun mam Veräin an och mam Sponsor. Mä wann dee Sponsor erausgeet an eng Reaktioun gëtt, da reagéiere mir och als Gemeng, mä fir eis ass de Veräin e wichtege Uspriechpartner, mir schwätze mat dem Veräin ewéi och mat anere Veräiner a Sponsoren, déi sech méi zeréckhale wann se schwätzen, mä ech mengen, et ass ëmmer esou wéi mir gefuer sinn, mir hunn ëmmer déi Elementer a Consideratioun gezu wa Leit op eis duerkonn sinn.

Par rapport zu Ponts et Chaussées, ech hunn ni gesot dass si hire Lead net iwwerhuelen, si mussen den iwwerhuele well et ass jo hire Projet, an ech hat jo gesot virdrun, dass de Projet fir si Enn 2019 ufänkt, dat ass zimlech spéit. Dofir huele mir d'Phas fir, hire Projet fänkt 2019 un, deen dauert 1 Joer, da si mir 2020 an dann eréischt kënne mir d'Phas 2 vum Shared Space op der Plaz Franz Kinnen ufänken an dann eréischt duerno d'Niddeschgaass. Dat heite si mir an der Rentrée gewuer ginn.


Voilà, dofir déi schnell Reaktioun an déi Aarbecht op Héichtouren fir dat heite kënne esou gutt wéi méiglech iwwer d'Bühn ze kréien, well et generell, als ofschléissend Remarque, net gutt ass, dass een en ze groussen Ecart huet vun Aarbechte vun där enger Phase respektiv där anerer Phase.

Wat ech awer virdru gesot hunn, Dir hutt sécherlech net Onrecht wann Dir sot, dass Dir dat net sollt iwwer Press gewuer ginn, just, Dir hutt hei Froe gestallt iwwer Saachen, déi schonns an der Press beäntwert gi sinn. Dofir hunn ech lech awer hei nach eemol déi Informatiounen ginn.

Domat si mir zum Schluss ukomm a mir ginn eriwuer an de Huis clos.



La Ville de Dudelange
et ses clubs et associations
présentent :



Grand
Marché de Noël
Médiéval
de Dudelange



DU 7 AU 16/12

Ouverture officielle
ven. 7/12 à 18h
Pl. Hôtel de Ville
Offizielle Eröffnung
Fr. 7/12 um 18 Uhr
Rathausplatz



Großer
Mittelalter-
Weihnachtsmarkt
in Diddelingen

